

eis sprooch


erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

WAT DRAN AS:

NEI FOLLEG
XXIV. JOR / 1986

Nr. 19

Lex Roth: Europa, mir, eis europäesch Identitéit	1	Gil Mandy: De wäissen Däiwelchen an de schwaarzen Engelchen (II)	23
Monique Hermes: Mir hun Tschernobyl gebraucht... ...fir Kettenhewen ze begräifen	3	Marcel Lamy: Rapport vun der Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch vum 15. Mäerz 1986	26
hr.: Karelspräis 1986 fir d'Lëtzebuerger Land	5	Emely Arnoldy: D'Gewan am Summer	29
Monique Hermes: Zum 100. Doudesdag vum Schoulmeeschter a Folklorist Anton Wagner den 13. Juli 1986	7	J.C. Marson: De Groussakaf	30
Monique Hermes: Éischte Mee op der »Wormer Këppchen«	9	Gil Mandy: »Kuurz«-Geschichten	31
Nic Angel: Op der Eisebunn	11	Alex. Tourneur: Méng al Freiesch	32
René Kartheiser: Halley 1986 / Tëscht Dir an Aangel Drama an dräi Akten / Knëppelsteng	12	Gil Mandy: Modern Musck	33
Gil Mandy: Eng schlecht Gewunnecht	13	Monique Hermes: Dccmools	34
Gil Mandy: Dollaren an der Bréifkëscht	14	Emely Arnoldy: August, de Karschnatz	36
Jean Milmeister: Lili Marleen	15	Notizen	37
tz: Déi al Schëfflenger Sprooch	17	Et wor...	46
m. h.: Eng versëlwert Plaquette vun der »Actioun Lëtzebuergesch« fir de Chrétien Clement	19	Nei Bicher	50
Comité Alstad	20	hr.: Tit Schroeder	54
Robert Siuda: Klenggeketen	22	hr.: Ry Boissaux	56
		hr.: Georges Schmitt	58
		Georges Helm: Theatersaison 1985-1986	59
		Index vun Eis Sprooch N° 1 bis N° 18	



Eis Neijooschkaarten 1987

Klierf, ëm d'Jor 1834, no enger Lithographie vum N. Liez (Nationalbibliothék)

D'Schläifmillen, ëm d'Jor 1834, no enger Lithographie vum N. Liez (Nationalbibliothék)

De Zolwerknapp, no enger Lithographie vum J. P. Schmit, an N. Liez (Nationalbibliothék)

Gréiwemaacher, ëm d'Jor 1850/60 no enger Zeechnung vum Fr. Heldenstein, Lithographie vum Math. Erasmy (Staatsmusée)

De Präis as d'selwecht ewéi all déi Jore virdrun: 15 Frang d'Stéck mat der Enveloppe.

Er sin der dëst Jor och derbäi ouni gedréckte Gléckwonsch; se kënnen dofir och fir aner Geleënheet geholl gin.

Nei sin elo **zwou faarweg Gléckwonschkaarten mat Blumme** vum zwéin Tableau-ë vum der bekannter Blummemolerin Lily Unden. Déi kaschten 30 Frang d'Stéck.

Bestellt d'Kaarten, déi Dir gär hätt clo ewell an der Actioun Lëtzebuergesch, Postkëscht 98, 2010 Lëtzebuerg

Well de Porto vill méi héich as ewéi en zjor nach wor, si mer nët méi wéi frou, wann Dir dee matbezuele géift. Merci am viraus.

Lex Roth

Europa, mir, eis europäesch Identitéit

(Aus: L'Europe vue par des artistes et écrivains luxembourgeois)

Datt Lëtzebuerg op enger Kräizong vun zwou wichtege Kulture läit, dat as ewell bal e Cliché; datt Lëtzebuerg an der Geschicht vun Europa e Kräiz-Wee gaang as, op deem déi lescht Statioun nach nët erreecht as, dat kënne mir an der klenger a grousser europäescher Geschicht noliessen; datt aus deem Laf vun der Vergaangenheet en déckt Stéck vun eisem Gesiicht, eiser Identitéit hierkënnt, dat muss eng operluegt Saach sin.

Et as natierlech eng kriddeleg Fro, ob eng Europäesch Communautéit no bausse ka bestoen, wann si aus engem Puzzle vu Länner a Leit mat dene verschiddenste Kulturen, Mentalitéiten a Liewes- oder Schaffgewunneschten zesummegesat soll sin: Ower fällt et dann engem an, d'USA nët als kompakt Ganz ze gesin, obschonn et volleksméisseg d'Synthesen vun 200 Joër Awanderung aus allen Häre (?) – Länner vun der Ärdklatz as. »E pluribus unum«, aus villem eent! Dat muss och d'Devis vun engem communautären Europa sin, soss gët et ni en Europa! Et kann nëmmen e Phantast dovun dremen, datt och nëmmen een eenzegt vun eise Länner séng spezifesch Identitéit fir e Struktur-Modell »Europa« an d'Schanz schéisst; et brauch een awer keen Utopist ze sin, fir en Europa ze wënschen an ze bauen aus deem, wat äis verbënt. Och wa mir wëssen, datt eis ekonomesch Situatiounen nët all iwer ee Leescht ze kréie sin, dann as äis awer klor, datt Europa en absolute Minimum vu Fiedem zesumme muss trëzen, aus denen en zolitte Strack muss entstoe, fir d'Kar aus der Supp op eng zerguttstert Strooss ze kréien. Nët fir näischt hate mir fir d'éischt en ekonomeschen Usaz mat der Kuelen- a Stol-Communautéit: fir ze liewen an ze iwwerliewen as d'Pai an d'Kuuscht, och fir Europa, dat wichtegst. Esou wéi awer e puer Associeën e Geschäft kënnen zesumme maachen, ouni datt een deem aner muss privat

an d'Kachdëppe kucken – oder muss d'selwecht kachen –, esou as et och nët liicht, en Europa um politeschen an ethnologesche Plang an eng Form ze kréien: Eis Wuurzele sin historiesch ze déif, zevill staark an och plazeweis ze wäit ausernnen; wat si awer zesumme ka féieren, dat as de Buedem, an deem si stiechen a Kraaft gezun hun.

De Prinzip vun der Fräiheet, vun de Menschrechter, vum Friden a vum Respekt am Kader vun demokratesche Gewunneschten as ganz sécher e Buedem, an deem och d'Wuuzele vun dene verschiddenste Länner a Leit, Kulturen a Sprooche sech positiv ze pake kréien. De Präis dofir as doudsécher nët deen, datt jidderee säi Gesiicht soll opgin, awer datt mir mat eisen egene Gesichter zesummen an déi selwecht Direktioun kucken. Mir brauche kee »Bulletin-Europa«, wou allmëglech Zorte Fleesch uewen an d'Maschin gehäit gin, aus deen dann e genormten Deeg erauskënnt fir e Fleischkuch ze machen, en Europa à la Terzebuli as nët dran, dofir brauch och keen séng Identitéit um Europa-Altor ze verbrenne fir eng »vun der Staang« ze kréien!

Zënter datt Lëtzebuerg op eege Féiss gesat gin as (1815), zënter datt et als souveräne Staat selwer dappen a schrécke geléiert huet, sin eis jonk Leit sech an d'Länner vu ganz Europa hiirt Wëssen zesummenrafe gaang, an hun hei d'Fenster fir eng europäesch Mentalitéit grouss op gemaach.

Lëtzebuerg huet an de leschten 200 Joër zevill dacks ze spire kritt, wat en Europa heescht, dat nëmmen op der Landkaart als ee ganz klinzegt Stéck vun deem immensen euroasiatesche Weltdeel ze gesin as. Vu 1789 iwwer 1870, 1914 an 1940 hu mir d'Stécker an d'Fleesch kritt, wann déi Grouss sech d'Fensteren ageschloen hun; Et kann ee roueg soen, datt Lëtzebuerg duerch séng Geschicht,

duerch d'Mëschong vu sänge Leit, duerch déi europäesch – kosmopolitesch Ausbildung vu sängen Intellektuellen, duerch säng Sprooch-Situatioun eng europäesch Vokatioun huet, déi keen éierlechen Europäer him ofstreide kann.

Datt d'Wéi vum Robert Schuman hei stong, dat as ewell héich intressant; datt hien hei an eiser geeschteger Ëmwelt säng Kannerzäit gelieft huet, säng Primärschoul a säi Kolléisch gemaacht huet, dat war mat Sécherheet keen Onglécksfall fir d'europäesch Iddi! Datt Lëtzebuerg uganks de 50er Joëren dem kleespere Fëndelkand »CECA« en éischt Doheem offréiert huet, dat gët haut plazeweis vläicht ze gär iwwerspilt. Datt eist Land awer vläicht dat europäeschst vun alle Länner – Gesichter huet, dat ka keng rethoresch Trëtz sin!

Wa mir Lëtzebuurger an den europäeschen Zuch klammen, da brauche mir eis Egenart nët um Quai stoen ze loossen: mir kënnen äis de »Luxus« leeschten, iwwer op d'manst zwou vun den europäeschen Haaptsprouche matzefueren.... grad just well dee Luxus jo bei eis Egenart gchéiert! Qui dit mieux!

Alldaagspléséier.

Dat Schéinst am Liewen as de Virwëtz,
mä wat säin Nec plus ultra as,
(well 't brauch een dorfir guer kee Grëtz),
dat as deen herrleche Beschass.

D'Puppelcher...

...kréien haut e Computer mat op de Wee,
well d'Suckel an d'Rësel, déi si passé,
a si gin, d'Bequeemlechkeet as onerhéiert,
och schon in vitro fabrizéiert.

Siuda Robert

D'Actioun Lëtzebuergesch as frou fir dëst Jor e puer *faarweg Blummekaarten* ubidden ze kënnen. Et si Kaarte vu Blumentableau-en, déi d'Lily UNDEN gemoolt huet, vun denen ee weess wéi schéin datt se sin. Si huet der Actioun Lëtzebuergesch vun Häerzen d'Erlaabnes gin, fir 5 Blummeportriën ze fotograféieren a guer keng Reproduktiounsentschiedegung wollt. »Lët soll e Cadeau fir d'Actioun Lëtzebuergesch sin«, sot si. D'Fotoen huet de Welltesch Jhang gemaacht. Mir kënnen der Joffer Lily UNDEN nëmme villmools merci soen, fir dee léiwe Geste. – Déi zwou éischt véierfaarweg Kaarte sin op der Foire ze kréien a kaschten 30 Frang mat der Enveloppe, derbei nach en Ziedel mat Gratulationsspréchelcher op Lëtzebuergesch fir all Geleeheten.

D'A.L. mengt domat d'Lëtzebuurger Moler méi bekannt ze maachen an hinnen zegläch fir hir Aarbecht merci ze soen.

Monique Hermes

Mir hun Tschernobyl gebraucht...
...fir Kettenhewen ze begräifen

E puer Iuwerleungen

Zënter dem Abrëll dëst Joër weess bal all
Mënsch, wou Tschernobyl läit.

Zënter dem Abrëll dëst Joër weess och bal all
Mënsch, wéi gefierlech datt déi Kraaft as, déi
scho viru 40 Joër Hiroshima zerstéiert an
Nout a Leed iwwer Dausende vu Mënsche
bruecht huet. Mir wëssen et, well mer gësin
hun, wéi wäit datt d'Strale gin a well
et eis selwer och e bësschen un de Pelz gaang
as.

Mir schwätze scho jorelaang vu Frëndschaft, déi iwwer d'Grenzen eraus reecht. Mir schwätzen dervun, datt d'Zesummenhale staark mécht an dat besonnesch am Zesummenhank mat deem Europa, dat lues a lues zu engem Ganzen zesumme wuesse soll.

A mir schwätzen och zënter dësem Abrell dervun, datt d'Risike vun där Kraaft, déi mir Atomkraaft nennen, kee Regar op Grenzen huelen, och net op déi europäesch...


No enger Globus-Duerstellung gin et fir de Moment 144 Reakteren, déi a Betrib sin: 20 an der Bundesrepublik Däitschland, weider 83 an engem Ëmkrees vu 500 Kilometer an nach 41 an engem Ëmkrees vun 1.000 Kilometer. Si sin all eng Gefor fir eis Gesondheet, a wat fir eng...

Mir hun Tschernobyl gebraucht, fir eis
eréischt esou richtig bewosst ze gin, wat et
heescht, e puer gewaltig Mordinstrumenter
direkt op d'Nues – ech méngen op d'Grenz –
gesat ze kréien. Mordinstrumenter, géint
déi een awer och glat näischt ännerhuele
kann, oder wéinstens näischt Wirksames.
Wann cent dervun zouschléit, si mir all an
akuter Gefor.

»Kettenhewen as deprimant«, sot eng Persoun, wéi mer viru kuurzem vun enger

Rees zrëck komm a ganz no laansch déi véier Riese gefuer sin. Jo, Kettenhewen as deprimant, well keen, awer och glat kee weess, wat op äis duerkënnt. Zu Tschernobyl wosst och keen et, bis et do war. A vläicht hätt Tschernobyl äis Lëtzebuerger vill méi kal gelooss, wa Kettenhewen nët esou no gewiescht wär... Verstitt Der elo, fir wat datt ech behaapten, mir hätten Tschernobyl gebraucht, fir Kettenhewen ze begräifen.

Mir hu protestéiert... géint Kettenhucwen, géint Tschernobyl, géint déi ronn 150 Atomkraaftwierker, déi an engem Ëmkrees vun



EADDA: HORNEZ

Bei dieser Gelegenheit weise mir gären dorop hin, datt de Mouvement Ecologique zum Thema Atomenergie e Buch herausgin huet mat Zeechnunge vu Lëtzeburger Karikaturisten. D'Buch (128 Säiten, 21x29,7 cm) ka beim Mouvement Ecologique bestallt gin. - Präis: 350 Franc.

1.000 Kilometer eng akut Gefor fir eis sin; eng Gefor, déi absolut keng Rücksicht op d'Grenzen hält; a géint all déi aner Reakter weltwäit.


Loosse mer eis awer keng Illusiounen maachen. Kettenhewen as gebaut an et geet och op. Mir hate bis elo schon zwou Pannen. Si soen, et wäeren »incidents« a keng »accidents« gewiescht... An déi aner Atomkraaftwierker funktionéieren och weider.

Mir hun Tschernobyl wirklech gebraucht, fir Kettenhewen an domat d'Risiko vun der Atomkraaft ze begräifen. »Et as d'Energiequell vun der Zukunft«, soen déi eng. »Et as d'Zerstéierung vun der Mënschheet«, soen déi aner.

Eng Fro um Enn: Wäre mir da viru Jore bereet gewiescht, a wäere mir haut och nach bereet, op e ganz klengen Deel vun deem Luxus a vun deem Confort, deen d'»fée électrique« eis bitt, ze verzichten? Dann hätte mer vläicht keng Atomkraaft gebraucht, fir awer ze iwwerliewen...

»Mäi léift Kand, du bas awer naïf«, sot e gudde Frënd mer bei dësen Iwwerlegungen. »Denk emol un Hiroshima. An dann denks de un all déi sëllegechen Atombommen an Nuklearwaffen, déi zënterhier »gebastelt« goufen a prett sin. Däin a mäin Doud as domat méi wéi dausendmol garantéiert...«

Wéi kann een d'Mënschheet dann esou dacks zerstéiere wëllen? Eemol geet dach duer...




Eng Zeechnung vum Léo Renter aus dem Buch Cartoons contre Cattenom

Karelspräis 1986 fir d'Lëtzebuerger Land

1225 Leit woren et déi Christi-Himmelfahrt den 8. Mec 1986 mat dem Extrazuch vun der Actioun ëffentlechen Transport op Ooche gefuer sin, fir derbäi ze sin, wann de Groussherzog Jean de Karelspräis fir eist Land iwwerrecht kritt. Dec Präis sollt geduecht si fir dat Land ze éieren, dat esou munnechees fir Europa gemaacht huet. Den éischte Buurmeeschter vun Oochen, den Här Kurt Malangré, huet dozou gesot: Dat simpatescht a schéint Land Lëtzebuerg, dat esou ganz zentral an Europa läit, huet och all dat villt d'Leed vun Europa ëmmer missen erdroen an d'Kricher an de Misär mat erleiden. Datt nu grad vu Lëtzebuerg zënter dem Krichsenn an engem Stéck den europäesche Gedanken duurch d'Leit vum ganze Land gedroe gin as, dofir huet et e Präis verdéngt. – Et as och fir d'éischt, datt e ganz Land dee Präis kritt, soss woren et elauter europäesch Perséinlechketen an eng Institutioun.

De Präis as 1949 op Krëschttag gestéift gin, e sollt vun deer geschichtlecher Roll a Missioun, déi Oochen emol eng Kéier hat, iwwer d'Grenzen eraus d'Leit zesumme bréngen, den nationalen Égoïssem iwwerwannen an dat ervirsträchen dat deem Raum an deer Kultur egen as, a fir internationaalt Versteedemes zu den Nopeschleit an de Länner suergen. No de Statuten duerfen national, reliéis oder rassesch Bestëmmongen nët fir de Präis zielen. – De Präis as e Schreiwes, en Akt, an eng Medail, op deer op enger Säit deen elsten Oochener Stadsigel as, op deen aner eng Schrëft fir deen, dee se kritt, derzou nach 5000 Mark. Se gët all Kéier vun engem Handwierker extra gemaacht. Op der Medail steet:

Karlspreis der Stadt Aachen 1986. – Das Volk Luxemburgs Vorbild und Beharrlichkeit auf dem Weg zur Einheit Europas.



Nieft dem Extrazuch »Carolus Magnus« woren nach Lëtzebuerger mam Privatauto dohinner komm fir de Mueren derbei ze sin. De Groussherzog Jean an d'Groussherzogin Josephine-Charlotte, den Ierfgroussherzog Henri an d'Ierfgroussherzogin Teresa, de Staatsminister Jacques Santer a munnech aner Perséinlechketen woren am Festsall wéi de Groussherzog fir d'Land de Präis vum Oochener éischte Buurmeeschter iwwerrecht krut. Riede goufe vum Oochener Buurmeeschter, dem däitsche Fuersungsminister Riesenhuber gehalen, virun der Laudatio vum fréiere Bundeskanzler Carstens, deen de Präis 1984 kritt hat. Eise Groussherzog Jean sot a séngem Merci, datt et fir hien eng Freed an eng Satisfactioun wir, fir dee Präis fir Lëtzebuerg unzuhuelen. Um Enn vu sénger Usprooch sot de Groussherzog, datt Europa nët nëmmen eng grouss Vergaangenheet hätt, mee et wir säi Wonsch, datt en demokratescht Europa vu fräien a solidaresche Bürger a Gléck, Friden a Wuelstand entstoe sollt.

KARLSPREIS 1986

AN DAS LUXEMBURGISCHE VOLK



Well esou ganz vill Leit nët an de Sall erakomme konnten, wor d'ganz Zeremonie op enger Dosen Tëlevisiounsapparaten no baussen op d'Plaz iwwerdroe gin, wou däitsch a lëtzebuurger (Lucrenzweiler) Musécken e Concert gespillt hun, de Folklorgrupp »Uucht« gedantz huet.

Mat deer schéiner Feier, deer Unerkennung fir d'Land Lëtzebuerg wor et méiglech d'Stad an d'Ëmgegend kucken ze goen, eng schéi Stad, wou vill Lëtzebuurger Studenten op der Universitët sin, déi vill esou grouss geschichtlech Gebailechketen huet, trotz dene ville Bombardementer am leschte Krich bliwwe sin, an zimlech enk mat Lëtzebuerg, zemol dem Éislek verbonnen as.

Datt et nun eiser Leit gin huet, déi hir Witzercher an hir Bemierkungen ze maachen haten, doriwwer brauch een sech nët ze wonneren, mir Lëtzebuurger sin nun cemel esou, do kann een näischt maachen. Ob et awer jhust derzou gepasst huet as eng aner Saach.

Loosse mer wënschen, datt dee Wonsch fir en enegt, friddlecht Europa dach eng Kéier Realitéit gët.

hr.

Monique Hermes

Zum 100. Doudesdag vum Schoulmeeschter a Folklorist Anton Wagner den 13. Juli 1986

E puer Wierder iwwer e Mann, dee Grousses gelescht huet, ouni vill opzefalen.

Wie war den Anton Wagner? Dat as eng Fro, déi elo méi wéi een sech stellt, well en nach ni eppes vun him héieren huet...

Leit, déi schon am leschte Jorhonnert eppes um Gebitt vum Lëtzebuerger Brauchtum gelescht hun, gin et der sécher eng ganz Parti, ziele mer nëmmen ee vun eisen Nationaldichter, den onstierflechen Dicks (Edmond de la Fontaine, 1823-1891) an den Dr. Nikolaus Gredt (1834-1909) mat sengerem »Sagenschatz des Luxemburger Landes« (1883) op.

Mä den Anton Wagner, deen huet mat sengem Bichelchen »Alterthümliche Merkwürdigkeiten der Stadt Grevenmacher«, dat am Joër 1885 zu Gréiwemaacher crauskoum, vill derzou bäigedro, datt d'Soen an d'Gebraich, d'Lidder, d'Spréchwierder an d'Spiller, d'Stroossen- an d'Flouernimm vum Muselstiedchen an aus der Emgéigend nët an de Vergiess gerode sollten.

E Liewe fir séng Famill, fir d'Schoul a fir Gréiwemaacher

Op d'Welt komm war den Anton Wagner de 15. Dezember 1844 zu Bärbuerg an deem klengen Haus »um Bierg«, dat haut nach do steet. Do as hien och mat senger drai Bridder, dem Johann-Philipp, dem Mathias an dem Johann-Baptist opgewuess. Säi Papp war Léngewiewer.


Den Anton huet gutt geléiert an hie gouf Schoulmeeschter. Séng éischt Plaz krut en zu Jonglënster. Do sollt en awer nëmme véier Joër, vun 1865-1869 bleiwen.

Am Joër 1869 koum den Anton Wagner an d'Oberprimärschoul op Gréiwemaacher. Do



war dem spéidere Staatsarchitekt Peter-Anton Kemp (1841-1895) séng Plaz fräi gin.

1872 huet den Anton Wagner sech mam Lucia Fell vu Manternach bestuet. Déi jonk Koppel krut véier Kanner: D'Maria-Angelika (*1873), hatt sollt ënner dem Numm Sr Marie-Gabrielle bei den Dominikanerinnen anrieden; den Nikolaus-Josef (*1876), hie sollt Jesuit gin; den Aloysius-Mathias (*1878), hie sollt säi Liewen um Tram zu Chicago an Amerika maachen; an d'Anna-Catherina (*1881), hatt sollt als Sr Irmengardis bei d'Elisabetherinn goen.



De Wagner war e gudde Schoulmeeschter, en ausgezeccchente Pädagog an e feine Mënsch. Hien huet fir séng Schoul gelieft. Et as dofir kee Wonner, datt en och eng Parti gutt Schoulbicher crausgin huet, esou eng däitsch Grammatik (1880) an eng Geografi (1884), déi derwärt wär, datt een sech eng Kéier eppes méi genec dermat beschäftege géif...

De Wagner war och ee vun dene Schoulmeeschteren, déi »matten am Vollek« gelieft hun. Hien hat eppes iwreg fir all déi al Geschichten a Seechercher, déi Lidder a Spiller, a fir déi Gebräich, déi et deemools nach zu Maacher gouf oder vun denen d'Leit a laange Wanteruuchten ze ziele woussten. Ganz sécher huet hie gespuert, datt dës wäertvollt Volleksgutt no an no verluer géng, wa keen et opschreiwé géif.

Den Dicks an de Gredt hatten dem Wagner jo schon d'gutt Beispill gin an esou gouf hien am Joër 1885 ënner dem Numm »X. Mosellanus« am Maacher Verlag Josef Eblen säi kleengt Bichelchen »Alterthümliche Merkwürdigkeiten der Stadt Grevenmacher« craus. E Buch, dat haut nach eng richtig Fondgrouf as fir déi, déi sech fir d'Vergaangenheet vu Land a Leit intresséieren...

Ma deemools war et anescht. D'Buch wär kaum bëuecht gin, schreift den Adolf Berens eng 50 Joër méi spéit an der »Obermosel-Zeitung«. Et sollt bis an d'zwanzeger Jore vun eiem Jorhonnert daueren, bis erëm vill nom Wagner séngem Wierk gefrot gouf.

Dem Anton Wagner séng Fra war den 1. Mäerz 1886 gestuerwen. Hie selwer sollt dat selwecht Joer den 13. Juli beim Bueden an der Musel erdrénken. Bekannt Leit wéi den Adolf Berens (1880-1956), de Professor Jos. Hess (1889-1973), de Pol Noesen (1891-1960) an de Paschtouer Jos. Hurt (1892-1962) sollten an den drësseger, an de fofzegeger an an de sechzegeger Jore vun eiem Jorhonnert den Anton Wagner an säi Wierk ze wuerdege wëssen.

Et wär schued gewiescht, wann den 100. Doudesdag vun deem Mann, deem d'Stad Maacher esou vill ze verdanken huet, einfach esou criwwer gaang wär. Et wär och schued, wann d'Stad Maacher näischt maache géif, fir datt dem Anton Wagner säin Numm op der Musel ni méi an de Vergiess gerët...

Monique Hermes

Op de Fotoc vum Jean Welter gesäit een den Anton Wagner esou, wéi de bekannte Maacher Moler Franz Seimetz (1858-1934) e gemoolt huet an déi viischst Sait vun séngem Bichelchen, dat 1885 erauskoum.

Monique Hermes

Éischte Mee op der »Wormer Këppchen«

Ech weess nët, ob et Iech och schon esou gaang as, dass Der onbedéngt eppes festhale wollt; e Bild, eng Stëmmung, en Androck... Sécher, do gin et haut Mëttelen: Et mécht een eng Foto... a wann een se da kuckt, da gët se guer nët méi dat erëm, wat een deemools esou déif beandrockt hat.

Dëst Joer war den nationale Wichtelrallyc – d'Wichtel, dat sin déi jéngst vun de »Lëtzebuerger Guiden« – un der Musel zu Wuermer. »Mat Freed duurch d'Welt«, huet dëse Rallye gehescht, an ech sollt e puer Wieder doriwwer schreiwen. Well ech awer der Menong sin, dass een dat, wouriwwer ee schreiwe wëllt, selwer materlieft hu muss, hun ech mer de Wee vun engem vun denc véier geplangten Tir bei de Responsabel gefrot, ech hu fest Schong ugedon an ech si lassgeschréckt op deem Wee, deen se »Nummer véier« genannt haten.

Et goung beim »Centre Culturel« fort, laanscht d'Kiirch, d'Draubuererstrooss erop an dann iwwer dee Pad matten an de Wéngerten, deen den Numm »Weinbaulchpfad« krut, an op deem een esou munneches iwwer eis Musel an iwwer de gudden »Misel« gewuer gët, wann een sech dofir interessiert.

Et war e Fréijoërsmuerge wéi am Billerbuch, dësen éischte Mec. D'Leit hun an hire Wéngerte geschafft. Hei an do konnt een d'Geknadders vun engem Tracteur oder vun enger anerer Maschin héieren, déi dem Wénzer haut d'Aarbecht dach vill méi licht mécht. Plazweis as dënnen, bloen Damp an d'Luucht gaang. Elei gouf diirt Holz verbrannt.

Ech hu mech gefrot, wéivill Leit datt an dëse Wéngerte schon hiirt Brout verdingt hätten... Wéivill Hoffnunge goufen hei scho mat engem eenzege Donnerwieder zerstiért, wéivill schéin Dreem begrüewen???

E frëndleche gudden Moien an e puer léif Wieder... Dat as typesch fir déi »Misel«. Si sin en opgeschlossent a lëschtegt Vollek, ganz besonnesch dann, wann de Moien esou schéin an den Himmel esou blo as, wéi schon zënter laang nët méi....

An du war ech ganz uewe bei der Donatus-Kapell, matten an enger vun denc beschte Wäilagen vun eiser Musel. De rout-wäiss-bloen Fändel as an der Loft gefladdert – do uewe bléist nawell gär eng Lëftchen.

Dës Kapell gouf am Joër 1925 zu Éiere vum hellegen Donatus gebaut. Zënter 1966 crénneren e Kräiz mat engem Christus drop an eng Plack un der lénker Mauer un déi Jongen aus dem Duerf, déi am Zweete Weltkrich fir d'Heimecht gefall sin, »A nos martyrs« steet op der Plack, an dat verstect wuel jiddereen....

Et kann een einfach nët anescht: Et muss een op der »Wormer Këppchen« e bëssche raschten – e puer Bänke goufen extra dofir dohi



D'Donatus-Kapell matten an de Wéngerten op der »Wormer-Këppchen«...
Foto: Jean Welter

gestallt – an déi wonnerbar Vue genéissen. Ronderëm Wéngerte mat schéinen, proppere Weër derduurch – fréier waren et einfach Pied – Riefstäck, nach e bëssche plakeg no deem laange Wanter, an dach war et, wéi wann och si vun deem wonnerschéine Moie profitéieren an op neit Liewe gamse géifen....

Ënnen am Dall, e bësschen am Donst, d'Duerf mat sänge villen Haiser, déi sech verdreemt cent widder dat anert duckelen; bal an der Mëtt vum Duerf d'Kiirch, déi dem hellege Gehanes den Defer geweit as; d'Strooss mat denc ville Kéieren, déi op Dräibuer erop geet – heiansdo fiirt en Auto de Bierg op – a riets uewen de »Wormer Berreg«... An da ganz ënnen de Floss, cis Musel, déi wéi eng breet Band d'Grenz tëscht Lëtzebuerg an Däitschland mécht. Haut suergt d'Loft dofir, datt kleng Wellen um Waasser entstinn. Op deem Waasser, dat wuel nach e bëssche knaschteg as vum Reen vun denc leschten Deg. Awer et glënnert op dausend Plazen, wann d'Sonn sech dra spigelt. Schëffer fueren op an of. Vun hei uewe gesin se aus, wéi wann een dermat spille kënnt. Si transportéieren Gidder a Mënschen. E bëssche méi wäit riets d'Wuer-

mer Bréck, eng vun de Brécken, déi iwwer d'Musel geet an déi Leit a Länner matenee verbënt.

Op der Wäistrooss laanscht d'Musel fueren elo e puer Autoë méi. D'Leit profitéieren vun deem schéinen, fräien Dag fir eraus an d'Natur ze fueren. An déi aner Säit an Däitschland transportéiert en Zuch eng ganz Parti Autoën.... fir dass nach méi Leit fuere kënnen....

Ech sëtzen elo schon iwwer eng hallef Stonn op der Bänk. D'Sonn dréckt vill méi warem, grad wéi wann se esou villes gutt maache wëllt. D'Leit, déi ronderëm schaffen, hun den décke Pullover ausgedoen an de Guckuck mécht sech eng gelleg Freed draus, fir ze ruffen, ëmmer erëm. Et as fir d'éischt, datt ech en dëst Joer héieren a wann ech esou al gi sollt....

Hei uewe verstect een, datt vill bekannt Perséinlechketen d'Schéinhete vun der Musel am Gedicht, am Lidd oder och am Bild festhale wollten. Mä as dat iwwerhaupt méiglech? Kann een dat, wat een a Gottes fräier Natur spiirt; dee Fridden, déi Rou an déi Geloosheet, déi trotz der Hetz an dem Stress vun eiser moderner Zäit iwwer ee kënnt, mat



.... an d'Duerf un der Musel, dat esou verdreemt do läit, wann een et vun uewe kuckt.

Foto: Jean Welter

aneren delen, oder as et wéi e wäertvollt Geschenk, e Schaz, deen een hidden a behidde muss???

Bis elo hätt würrleech kee gesot, datt deen Dag iwwer 600 Kanner zu Wuermer »éng Rees duurch d'Welt« gemaach hun, fir hir Schéinheeten ze entdecken.... Awer op eemol gët et méi lieweg. Dat wibbelegt Vollek huet d'»Wormer Këppchen« gestürrmt.... Verstitt Der, datt mäin Häerz gekluxt huet, wéi déi éischt Wichtelcher gelaf koumen an esou ze soen aus engem Mond geruff hun: »Wéi schéin!«

Ech hu mech op de Wec fir crof gemaach. Laanscht Kätzestäck, déi an der Sonn geliicht hun, laanscht Fielse voll Wantergréng a Geträisch, dat ugefaang huet, gréng ze gin; laanscht Gäert, an denen d'Ouschterblummen an d'Tulpen esou faarweg gebléit an hir Käppercher an d'Sonn gestreckt hun a laanscht Kanner, déi voller I'reed um Wee mam Ball gespillt hun. »Nët, et as e wonnerbaren Dag haut,« sot eng al Fra zu mir. Si souz an hirem Gaart an d'Freed huet aus hiren A geliicht, wéi se mat der Hand op d'»Këppchen« gewisen huet a sot: »An elo misst Der eréisch déi schéi Vue vun do uewe gesin....«

Op der Eisebunn

Zu Lëtzebuerg, der Haaptstatioun, do schafft de Facteur Huwwelspoun. Hien luet sou gutt a séier c kann d'Gepäck an den Éislécker Zuch eran. Hien huet als nees knaps Zäit genuch, an zéng Minutte fiirt den Zuch.

De Schaffner huet grad näischt ze din hien trëppelt alt mol bis dohin. Hie steet dann do wéi e Spioun ze kucken ob den Huwwelspoun séng Aarbecht mécht exakt genuch. An aacht Minutte fiirt den Zuch.

Den Zuche-Chef as och nët wäit. Och hien huet grad eng Grimmel Zäit. Hien hält mat strengem Bléck Kontroll, ob de Schaffner nokuckt wéi e soll, ob de Facteur schafft exakt genuch. A sechs Minutte fiirt den Zuch.

An hannendru steet an der Trap mat wäissem Hiem a wäisser Kap de Faardéngschtleiter Debikee. Deen iwwerzeegt sech ganz genee, ob den Zuche-Chef och hält Kontroll, ob de Schaffner nokuckt wéi e soll, ob de Facteur schafft exakt genuch. A véier Minutte fiirt den Zuch.

Den Inspekter vun der Haaptstatioun deen hält natiirlech Inspektioun, ob de Faardéngschtleiter Debikee sech iwwerzeegt och ganz genuec, ob den Zuche-Chef och hält Kontroll, ob de Schaffner nokuckt wéi e soll, ob de Facteur schafft exakt genuch. An zwou Minutte fiirt den Zuch.

Den aarme Facteur steet am Schweess. Hie luet alt virun obschon hien weess, datt hien nees nët ka fäerdeg gin. Déi aner hun dat och gesin. De Schaffner mécht e grouse Bou a klaakt dorëmmer d'Diren zou. Den Zuche-Chef verschwénnt am Zuch. Den Inspekter notéiert a säi Buch. Dem Faardéngschtleiter as et egal, hie gët präzis mam Bléll d'Signal.

Den Zuch fiirt fort, um Quai bleift zréck den I Huwwelspoun, eng Dose Päck; »et as eemol beschwéierlech, datt kee vun denen 't agesäit ech weess scho laang, wourun et läit Mä wann et si nët stéiert, 't as mir egal et feelt der Bunn u Personal.«

Nic Angel

René Kartheiser

Halley 1986

Ech

– de Koméit Halley –

eng Kugel

aus Dreck, Schnéi, Gas, a Stébs,

a wat weess ech soss nach,
sin ënnerwee...

Gitt mir aus de Féiss,

dir Klautercher,

soss geet et fir iech!

Wann dat wouer as

wat s'an der Mëllechstross erzielen,

wir et en Déngscht sonnergläichen,

wann ech mech géif afferen,

fir de gëftege Champignon

vun iech ewech ze halen.

Drama an dräi Akten

I.

Schluetwäiss a friddlech läit de Schnéi
op deem frëschgeploute Stéck.

II.

De Bauer Mäerten sprät Mëscht.

»Variatiounen a schwaarz-wäiss«.

III.

D'Katastroph as nët méi opzehalen;

honnerte vu kuelschwaarze Kueben

zerbaalge sech fir e Maufel Kascht.

Tëscht Dir an Aangel

Een dee sech tëscht zwéi Still an den Dreck
[sëtzt,

weess gewéinlech fir wat;

een dee gehéiereg bäiläaft

ka sech nodréiglech ausrechnen

wat e falsch gemaach huet;

mä wéi as et mat deem,

deen tëscht Dir an Aangel steet?

Knëppelsteng

Den Himmel dee läit schwéier,

schwéier wéi Bläi um Duerf,

an d'Frae lafe séier,

d'Wäsch flitt an de Kuerf.

De Bësch, deen zielt séng Blieder,

an d'Hecke man sech kleng,

et kënnt e frääschlecht Wieder,

schwaarzgro mat Knëppelsteng.

Si joën iwwert d'Stécker

a maachen d'Stroosse wäiss,

zerfatze Bléi a Blieder,

a knécken Aascht a Räis.

Dat Schroost as iwwerstanen,

d'Sonn weist sech schon näs lues,

an d'Knëppelsteng, déi schmëlzen

am Kulang an um Wues.

Gil Mandy

Eng schlecht Gewunnecht

Wësst dir wat d'Autofuerer, wann se am Auto fueren, niest dem Fieren natierlech, am léifste maachen? – Zigaretten oder déck Zigare fëmmen? – Neen! – Den Aarm zur Säitfënster erausleëchen wéi d'Filmstaren aus den drësseger Joren? – Neen! – Un hirer Frëndin (haut seet jo kee méi »Freiesch«) triiwelen a kniwelen? – Neen, falsch geroden! Ech soen iech et elo, well ech wunnen an enger Strooss wou vill Autoë laanscht fueren an a wou ech se gutt kann observéieren. Och bei de roude Lauchten, wann een do muss halen. Abec, si maache wuel dat eent oder dat anert, et gin der esouguer déi zwou an nawell dräi deër Saache gläichzäiteg fäerdeg bréngen, mä dat as et nët. All Véiertchen oder Fënneften... wullt an der Nues. Et as bal nët ze glewen, mä et as esou. 'T as wéi eng Kränkt. Et sin och bal nëmme Maansleit. Déi eng maachen et mat Andacht, déi aner mat Äifer, mä alleguer maachen s'et mat Genoss.

Wéi mir kleng Kanner woren an och alt emol mam Fanger an der Nues gebuert hun, dann huet et direkt geheesch: »Huel der dach de Feierkrop, da gëet et besser!« – Abec, wann

ech jidderengem, deen ech esou erwëscht hun, hätt kënnen e Feierkrop verkafen, da wir ech e gemate Mann an d'Arbed enger Rei Suerge lass.

A propos. An der Nues wullen. Do muss ech iech eppes verzielen. (Et as näischt ganz Appetitterlech, a wien dat nët ka vordroen oder wie keng Grätz Spaass versteet, dee soll hei ophale mat liesen.) Et wor hei an der Stad en Här deen eng déck Plaz hat. En huet vill Leit am Büro missten ëmfänken, déi him hiert Uleies virbruecht hun oder mat denen hien huet misste verhandelen. Iwwerdeems en da nogelauschtert an nogeduecht huet, huet en an der Nues gewullt, e Koz erausgekroppt, deen an der lénker Hand zu enger ronner Kigelche gerullt an da mam Mëttelfanger vun der rietser Hand ewech gedickst. An Ongedanken.

Hien huet nët ëmmer geroden.



Gil Mandy

Dollaren an der Bréifkëscht

Am Krich si vill gelunge Saache passéiert, déi een créscht duerno oder laang duerno gewuer gouf. Hei erzielen ech ouch esou eng Saach. Et kënnt den Ufanks-, de Mëttel- oder och de Schlusspunkt vun engem Spionage- oder Kriminalroman sin. Je no der egener Fantasie. De Fait u sech as einfach a séier erzielt. Mä den Drëm an Drun, dat Virdrun an dat Duerno, wat mer net kennen an och vläicht ni gewuer gin, dat as dat Pikant un der Geschicht.

Et wärd ufanks 1942 gewiescht sin. E puer Kanner hun um Lampertsbiërg, net wäit ewech vun der deemoleger amerikanescher Gesandtschaft (wou ouch keng Amerikaner méi dra waren), an engem Koup Sand gespillt. Hei stoussen se op eemol am Buedem ënnert dem Sand op eppes Haardes. Et wor eng kleng Waliss. Si kruten se gutt op, well d'Waliss wor gewëss schon deelweis vermuuscht. A wat gesouchen d'Kanner? D'Waliss wor strubbelvoll schéi gläichméisseg getässelt mat elauter faarwege Biller, cent wéi d'anert. Et waren a Wirklechkeet clauter Dollarschäiner. D'Kanner woussten ouch näischt Eeschtlechtes dermat unzefänken. Si hätten emol am Dram net dru geduecht datt et »richteg Süe« kënnte sin.

Wéi se sech laang genuch dermat ameséiert haben, hun se decidéiert »Bréifdréier« ze spillen. A vum Fecherbiërg un, bis bal op Bäreleng, hun si an all Bréifkëscht, un déi se drukoumen, deër Billercher dra gestach, eemol méi, eemol manner, wéi s'et grad am Kapp an am Grapp haben, bis si se all verdeelt haben.

Et huet duerno och net laang gedauert bis déi éischt Schäiner an der Boite fond goufen. Et wor jo dun och gläich kloer, datt et richteg amerikanesch Dollarschäiner waren. A well se duerch d'Flüchtheit gelidden haben, sin a villen Haiser d'Streckeseisen ugemat gin, fir déi léif Billercher nees dréchen a schéi glat ze maachen. Mä...

Mä, d'Dollare waren nach net iwwerall gedréchent a glat gestreckt gin, du hun och schon déi »Hären« an de laange schwaarze Liedermäntel an d'Polliss un den Hausdire geschellt oder geknuppt, a mat hirer bekannter Frëndlechkeet d'Leit an d'Kanner verhéiert an déi schéi gutt léif Schäinercher agesammelt. Ob iergendeen dommen Topert oder Vaudebist d'Gestapo alarméiert hat, oder ob d'Kanner der ënnerwee op der Strooss zevill verluer haben, as eng Fro. Op d'Preisen ouch déi Dollaren alleguer erëm agesammelt kruten, as eng aner méi gescheit Fro. (Béis Zonge behaupten nach haut, datt verschidde Leit aus deër Géigend nom Krich op eng Kéier ganzeg vill Süe gehat hätten.) D'Kanner haben natierlech jo net opgepasst oder gezielt wivill Biller si an all eenzel Këscht gestach haben. Verschidde Leit haben och, fir »im Falle des Falles«, een oder zwee deër Pabeiercher an hirer Boite leie gelooss, déi si dann zesumme mat der Gestapo oder de Polliss »entdeckt« hun. Sou lous wéi d'Preise waren eis Leit jo scho laang an och net méi domm. Drëtt Fro: Wien huet mir dest erzielt? – Ma d'Eltere vun engem vun dene kleng »Bréifdréier«. Véiert Fro: Wat fir Dollarschäiner waren et? – Dës Eltere wossten a wëssen haut nach net wat fir datt et waren, well hire Béifchen hat keng méi wéi en heemkoom. Hien huet am wäitsten ewech gewunnt. (»Et waren esou Rondelen drop gemoolt.«) Fënneft an X. Fro: Vu wien waren déi sëllege Süen? Fir wéi waren se geduecht? Zou wat fir engem Zweck? Fir wat waren se net ofgehooll gin? Fir wat, fir wat, fir wat?

Da strengt elo emol schéin äre Käppchen un a spillt Detektiv, oder erdenkt ouch eng Geschicht à la James Bond oder e Roman wéi vum John le Carré. Mat guddem oder trageschem Ausgang, Dir huet eng schéin Auswiel.

Jean Milmeister

Lili Marleen

Berlin 1915. Eng grouss Kasär mat enger héijer, groër Mauer ronderëm. Virun der Tiir-kekasär steet eng Gaslanter, déi e schwaacht Liicht op d'Strooss werft. En Zaldot a groër Uniform kënnt zou der Paart craus, kuckt ëm sech an erbléckt e blond Meedche mat enger Zigarett bei der Lanter. E leeft op d'Meedchen duer a kësst et.

»Ach Hans, ich hab' schon so lange auf dich gewartet!« seet d'Meedchen.

»Gehen wir!«

»Nein Lili ich darf nicht, sie blasen schon Zapfenstreich!«

Den Zaldot huet dem Meedchen nach séier eng Bees gin an as erëm an Kasär gelaf.

Uewen an dem grouss Schlofsall, wou drëseg Better zwee an zwee iwwerene stin, hält den Hans Leip e karéiert Schoulheft aus dem Spind a fänkt un ze schreiwen:

»Vor der Kaserne,
vor dem großen Tor,
stand eine Laterne
und steht sie noch davor,
so woll'n wir uns da widerschn,
bei der Laterne woll'n wir stehn,
wie einst, Lili Marleen,
wie einst, Lili Marleen...«

Berlin 1938. Am »Kabarett der Komiker« sin d'Dëscher gutt besat. Offizéier mat blénkege Stiwwelen a mat der groer Uniform vun der Wehrmacht oder deer schwaarzer vun der SS sëtze mat Medercher un Dëscher op denc Kärze brennen. Räich Bankieren a wäissem Smoking féiren iwwer gëlden Tëlefonen, déi op den Dëscher stin, geheimnisvoll Gesprécher. Wéi groen Niwwel läit den Zigarettendamp, deen d'Dammen elegant aus laange gëldenen Zigarettespëtzen an d'Luucht blösen, iwwer dem Sall.

Duerch den Zigarettenniwwel liicht eng Lanter op der Bühn. Nieft der Lanter steet eng Sängerin mat enger Zigarett a séngt mat enger däischerer Zigarettestëmm:

»Unsere beiden Schatten
sah'n wie einer aus.
Daß wir so lieb uns hatten,
das sah man gleich daraus
und alle Leute soll'n es sehn,
wenn wir bei der Laterne stehn
wie einst, Lili Marleen,
wie einst, Lili Marleen...«

't konnt een nët soën, datt d'Sängerin schéi wir, se war ze gourcg an ze rabbleg, ma hir däischer Stëmm huet d'Leit begeeschtert, oder war et dat trauregt, melancholescht Lidd? War et villäicht de Kontrast téschent der duusser Melancholie vun dem Lidd an der haarder Realitéit vum Kasärelicwen, déi d'Offizéier begeeschtert huet? Et sief dann, op jiddefall as op eemol e formidaablen Applaus ausgebrach, deen di kleesper Sängerin iwwerrascht huet. Se huet geschmunzt wéi se hannert d'Bühn gaangen as. Do steet schon de Komponist Norbert Schultze mat engem Bouquet Rousen op se ze waarden.

»Mensch, Liselott, das Lied wird ein Erfolg!« rífft en. De Robert Mendelsohn, deen sech als Manager vun der Sängerin ausgin huet, seet begeeschtert: »Liselott, wir machen eine richtige, große Künstlerin aus dir! Aber dazu brauchst du auch einen richtigen Künstlernamen. Elisabeth Bunterberg! Wie hört das sich an! Diesen Namen kann sich ja kein Mensch merken! Liselott ist schon besser, aber noch zu lang!

»Als Kind nannte man mich Lala«, seet d'Sängerin.

»Lala, Lale, das klingt gut! Aber Bunterberg klingt unmöglich!«

»Meine Mutter heisst Andersen«, seet d'Lise-lott Bunterberg.

»Lale Andersen! Großartig! Ein Künstlername wie ein Maßanzug!« riff de Mendelsohn. »Das wird ein Riesenerfolg!«

Vcianen 1943. Ëm e grouse Radio sëtze fënnef Leit a lauschteren d'Noriichte vun der Front: de Grousspapp, d'Groussmamm, de Papp, d'Mamm an e klenge Bouf. Aus dem Lautsprecher, dee mat Stoff iwwerzunn as, kënt tëschent Päifen a Kraachen eng däischter Stëmm, déi séngt:

»Schon rief der Posten,
sie blasen Zapfenstreich,
es kann drei Tage kosten,
Kamerad, ich komm ja gleich.
Da sagten wir auf Widderschn,
wie gerne würd' ich mit dir gehn,
mit dir, Lili Marleen,
mit dir, Lili Marleen...«

Duerno seet eng Männerstëmm: »Hier spricht der Soldatensender Belgrad. Zum Abschluß unserer Sendungen hörten sie wie gewohnt das Lied 'Lili Marleen', gesungen von Lale Andersen.«

T'ënten 1972. Aus engem Transistor kënt bleche Musck. Op eemol hun ech gelauschart.

Do war dach eng Melodie, déi aus enger anerer Zäit koum! Ech dréien den Transistor méi haart:

»Aus dem stillen Raume,
aus der Erde Grund,
hebt mich wie im Traume
dein verlichter Mund.
Wenn sich die späten Nebel drehn,
werd' ich bei der Laterne stehn,
wie einst, Lili Marleen,
wie einst, Lili Marleen...«

Et war e Lidd aus ménger Kannerzäit, aus enger Welt voll Krich a Leed. Et war dat éischt Lidd un dat ech mech erënnere kann, deen éischte »Schlager«, deen ech sange konnt.

Et as mir wéi wann eng Stëmm elo soc misst: »Hier spricht der Soldatensender Belgrad...« Ma et as eng Fraleitsstëmm, déi seet: »Hier ist Radio Luxemburg. Aus Anlaß des Todes von Lale Andersen am 28. August 1972 haben wir das Lied 'Lili Marleen' gehört, das sie zum Welterfolg machte. Das Lied prägte sich einer ganzen Generation ein und wurde in sieben Sprachen gesungen...«

Et war d'Lidd vun enger Generatioun, déi an enger Welt vu Krich an Doud gedreemt huet vun enger Welt vu Léift a Fridden.

De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch

Präsident: Heng Rinnen, 32, Bëschstrooss (rue de la Forêt), L-1534 Lëtzebuerg

Vize-Präsident: Lex Roth, 133, Wollefskaul, L-8055 Bartréng

General-Sekretär: Marcel Lamy, 18, Kellerei-Strooss, L-6718 Gréiwemaacher

Sekretär adj.: Emile Steffen, 47, Riedgëner-Strooss, L-2432 Lëtzebuerg

Caissier: René Faber, 14, Barriär-Strooss, L-1215 Lëtzebuerg

Mëmbren: Francis Delaporte, Georges Helm, Cornel Meder, Robert L. Philippart, Robert Siuda, Maisy Töckert

Redaktioun: H. Rinnen, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg

Redaktiouns-Kommissioun: H. Rinnen, R. Siuda, G. Helm, M. Lamy

tz

Déi al Schëfflenger Sprooch

Vum Biischen a vu Faarf a vum Hingerhaischen

Wat as da lass mat déngem Hingerhaischen, Néckel? Déi eng Sait hues d'et esou schéin ugestrach, an déi aner Sait as e grousser Fleck un der Mauer.

Dat bleift ewéi et do as, an't gët kã l'anger méi dru geréiert. Kuck, eist Kätt war scho wéi laang hannert mer fir et unzesträichen, a wéint dem léiwe Fridt gin ech mech virgëscher drun. Ech duecht, elo fläiss de dech, an dann däs de dech un, fir an d'Prouf. Mär hu jo elo geschwënn den »Zinquentenär«, do gät et nët fir eng Kéier ze felen. Wéi ech gutt am gaang war...

Néckel, rífft du eist Kätt uewe vun der Fëenster crof, kuck emol do deen zwäte Käffer. Do gesäisch de jo nach dat rréit Houz.

Ech zappen d'Biisch an d'Dëppen a fueren iwert deen zwäte Käffer. Mat der Festkantat klappt et nach nët richtig, wann déi dräi aus dem dichten Tenor matenã Mëtteschicht hun.

An do laanscht d'Fënschterr, do drrëpst et ëmmer eroaf, wann et rreent. Do firrschs de nach eng Kéier drierer.

Ech fueren nach eng Kéier déck laanscht d'Fëenster. – Eist Kätt schwätscht nach grrad wéi déi al Schëfflenger aus der Niddeschterr-gaass:

Wann s'an d'Oktav fuerren, da gät d'Märr mam Jaumper op d'Goaaarr.

Oder:

Wa Misch Kätt sei laangt Gaakegt owes mat dem l'rapp Kéi vun der Drränk errop an d'Duerref kéint, da begladderren déi Rraundbéischer d'gaunz Groussgaass mat hirrem Geschäiisssss.

Wann et mer d'essen alt mat Zäit mécht, fir dass ech nët ze spéit an d'Prouf kommen.

«Ech géif dat Stéck Blech och mat usträiichen.»

Ech sträichen de Blech och mat un. Vum Kierchtuur pénkt et elo e Véierel op siwen. Elo kënnt et sech an d'Kiche maachen.

»Do ënnerst dem Kulang, do musch de d'Foarr mat derr Biisch aus de Fouen erraus zéien. Dat drréchtent soss nët.«

Lich huelen d'Foarr mat der Biisch aus de Fouen eraus. Mer gin no der Prouf nach än bei d'Germaine huelen fir eng Annonce ze kréien.

»Du bascht jo do un derr Rreesait, do musch de nët esou fuddelen. 't mengt ä grad, märr hätte keng Suen, firr Foarr ze kofen.

Ech fueren do méi déck no. Fir wat gät et da nët schon de Kaffi opsetzen?

An do an deem léinksen Eck, fuerr do nach eng Kéier drierwer, soss fault et jo, wann et drrau rreent.«

Ech fuere mat der Biisch an dee léinksen Eck. An dann halen ech gläich op. Mar as nach en Dag, da man ech de Rescht.

»Nu kuck emol ä Méinsch, wat d'Foarr do-erroaf sabbelt. 't géng ä son, märr hätten et firr cwech ze geheien. F klengt Kaund méich dat méi geschéckerrlech ewéi sch du.«

Ech fuere mat der dréchener Biisch no, wou et crof sabbelt. Halwer aacht! Elo muss ech mech awer fläissen. 't läit nach ëmmer an der Fëenster. 't mengt ä grad et méich et express. All Kéier, wann ech an d'Prouf soll goen, huet et eppes ze knadderen: Dat Gejachtels..! du mat déngem Verräin..! Ech kéim iwerhaapt nët méi häm..!

»t as och kã klengt l'Houz méi am Schapp. an de Bouf musch nach nei Blecherr op d'Tallonge krréien. A wann sch de elo déi aner Sait usträichs, da gësch d'e bëssen uecht, dass

Comité Alstad

2. Hannerglasbild aus der Serie »Déi véier Joërszäiten« DEN HIERSCHT

Fréier houg a mucnche vun onse Baueren-
haiser eng Serie vun Hannerglasmolereie mat
dem Sujet vun de véier Joreszäiten. Hci gët
dës Roll vu véier Damm gespillt, déi an hirer
moudescher Opmaachung ons d'Blummen an
d'Friichte vum Joreslaf presentéieren.

De Comité Alstad huet déi Iddi dat lescht Joër
(du wor d'Bild vum Wanter) op en Neits
opgegraff a bitt Iech eng Série ganz getrei
Copié vun den Hannerglasjoreszäiten un.
D'Originaler vun dëse Stécker hängen an
onsem Staatsmusec um Fëschmaart.

Den Hierscht (29 x 37cm) as elo dat zweet
Hannerglasbild, dat am Virverkauf as. Déi
zwee aner kommen dei nächst Joëren no. An
enger begrenzter Zuel an numerotéiert
däerften si e besonnesche Sammlerwäert
duerstellen.

Et sin nach e puer Hannerglasmolereie vum
Wanter ze kréien. Interessente sollen sech
duerfir op der Tëléfonsnummer 43 71 09
mellen.

De Comité Alstad huet zënter 1938 crausgin:

- 1938 Äschenteller: Spëtz fir d'Fe – daint fiirt
entzwee
- 1939 Zeechnunge vum G. Schmitt:
 - 1 - Den Aulebäcker
 - 2 - D'Wäschfra
- 1940 Zeechnunge vum J. Probst:
 - 1 - De blannen Teis
 - 2 - D'Mumm Séis
 - 3 - De Kanonéier

1945 Zeechnunge vum J. Probst:

- 1 - De Péckvillchen
- 2 - D'Éimaischen
- 3 - D'Raachfaass
- 4 - D'Eértécken

1946 Péckvillchen (Coupe)

1947 Schossel (Scheefchen)

1948 Melusina (Tak)

1949 Krou (wëlle Mann)

1950 Salzdëppchen

1951 Vizbatti

1952 Käerzliichter (Fräichen)

1953 Teller Prënzenhochzäit

1954 Krou (Int)

Käerzliichter aus dem Jor 1952



- 1955 Kaffiskrou - Kaffistut
- 1956 Wäirachfaass
- 1957 Fësch
- 1958 Käerzliichter
- 1959 Lërdëppchen
- 1960 Pëtz um Fëschmaart
- 1961 Pëtz vum Bommenzinn
- 1962 Déi dräi Tir
- 1963 Melusina - Tur
- 1964 Kläckelchen
- 1965 Uelechgäppchen
- 1966 D'Muttergottes vu Lëtzebuerg
- 1967 Schossel (hl. Kristoff)
- 1968 Käerzliichter (Männchen)
- 1969 Käerzliichter (Fräichen)
- 1970 Bauerfra (mat Hatt)
- 1971 Bauerfra (mat Hatt)
- 1972 Tas fir méng Mod
- 1973 Krou (Sigel vun der Stad Lëtzebuerg)
- 1974 Krou
- 1975 Pefferdëppchen
- 1976 Teller ('Iéobald)
- 1977 Teller (Baartelméis)
- 1978 Teller (Roukes)
- 1979 Teller (Méchel)
- 1980 Teller (Péiter Melens)
- 1981 Teller (Urban)
- 1982 Sigel (Karl IV)

- 1983 Sigel (Sigesmond)
- 1983 Krëppchen
- 1984 Sigel (Henri VII)
- 1984 Hannerglasbild (Wanter)
- 1985 Sigel (Wenzel II)
- 1985 Hannerglasbild (Hierscht)

Opruff!

Mat Ärer Mathëllef wëlle mir eng Phototéik an en Archiv opbauen. Fir dësen Zweck siche mir Photoën, Filmer, Postkaarten, Biller, Dokumenter, Zeitungsartikelen, Zäitschrëften, awer och Sachen (z.B. Péckvillercher vun der Éimaischen) iwwert de Fëschmaart a vum Fëschmaart, séng Geschicht, séng Personagen, sai Veräinslieden a.s.w.

Mir wäer frou, wann Dir ons behëlleflech kënnt sin, z.B. wann Dir ons Är Photoën zur Verfügung gëtt stellen, fir dass mir Copiën dovun kënne maachen. D'Originaler gi selbsterständlech mat der gréisster Suergfalt behandelt an zréckgeschéckt.

Fir weider Renseignementer tëlëfonéiert w.e.g. op d'Nummer 43 7109.

Mir soën Iech elo schons e grouse merci fir Är Mathëllef.

D'Salzëppchen an de Vizbatti aus de Joren 1950 an 1951



huet séng Flillécken auserne gemat, den Däiwelchen huet nach jhust mat där enger Hand e Fouss a mat där anerer de Räckelchen enne beim Sam erwéscht, an huiii woren se an der Luucht a fort ewéi den Zuch. Den aarmen Däiwelchen huet e puermol schrecklech Kreesch gedun, well hien hat eng onhemlech Angscht. Et wor jo och fir d'éischt datt hien duersch d'Luucht geflunn as oder, besser gesot, geflu gouf. »Fäert nèt«, sot den Engelchen, »et geschitt dir schon näischt. Mir müssen dat Fléien nëmmen e puermol richtig trāncieren an da wärds de gesin wéi flott et as, wann een esou séier an esou héich duersch d'Loft fléie kann!« – Den Däiwelche wor nèt méi esou kéng fir Kreesch ze din, mā duecht bei sech: »Wann et alt as.« – Lues a lues huet séng Angscht ower nogelooss an en huet c Bléck no enne reskéiert. Lieieieie! Wéi wor dat do ennen alles esou kleng, a wéi séier sin se iwwer alles ewech geflun, Bām, Stroossen an Haiser. »Pak dech fest un a pass gutt op! Gläich si mer do«, sot den Engelchen. »Ogottogottogottogott«, duecht den Däiwelchen, »elo si mir doudsécher an enger Stad. An dat do sin alles Haiser, vun denen se an der Häll ëmmer verzielt hun, datt esou schrecklech Saachen dra passiere géifen.« – E konnt weider näischt méi denken, well et gouf c Ploufert an hien huet e puermol ferm d'Kopplabunz geschloen. Den Engelchen huet sech de Bauch gehale vu Laachen a frot ganz onschëlleg: »Hues de der wéi gedoen? Jong, du hues ower och e Salto gemat wéi en Zirkusartist.« Den Däiwelche sot näischt, mā en duecht bei sech: »O waart, Meedchen!« Et wore bal keng Leit an der Strooss, wou si elo stoungen, well et wor scho spéit an der Mëttesstonn. Si hu ronderëmmer gekuckt an si gesouchen, nèt wäit ewech, zwéi schéi Butterécker. Deen ee wor eng Bäckerei an deen aneren eng Metzerei. »Ei«, sot den Engelchen an en huet glëschtereg an d'Pâtisserie geluust. »Ei«, sot den Däiwelchen, an d'Waasser as him am Mond zesummegelaf wéi en déi schéi gereetzt Delikatesse gesouch. »Elo gi mir do eran a mer hulen äis, wat mer brauchen. Et as kee Mënsch dobannen an et gesäit souwisou keen eis«, sot den Engelchen. »Hues du da Suen?«, frot den Däiwelchen. »Neen. Suen,

wat as dat? Ech brauch keng.« – »Wann s du eppes hëls ouni ze bezuelen, dann as dat geklaut an da kënns du an d'Häll«, huet den Däiwelche gekrasch. »Sief dach nèt esou baangschësseg«, sot den Engelchen, »Ech gin hinne mäin himmlesche Segen. Deen as méi wäert ewéi Suen, an de Bäcker an de Metzeler kommen och nach hanneno an den Himmel. Dat as dach méngerwärrech e feint an zerguttst Geschäft. An elo gi mir eran a mir zerwéieren eis!« Den Däiwelche gouf sech dann och mat där Explikatioun zefridden, obschons et him nèt honnertprozenteg agelicht huet, fir wat en »himmlesche Segen« méi wäert sollt sin wéi eent vu sénge schéine Goldstécker. Nuje; jiddereen huet sech eng grouss Tut gekroopt an se struppevoll gefëllt mat dene gudde Saachen, op déi si Loscht haten. Duerno huet den Engelchen c Gest mat dem rietsen Aarm gemat an dobäi eppes op laténgesch genurelt. »Gesäis de«, sot en zum Däiwelchen, »elo hun si māi Sege kritt, an du kanns der dāi Kapp a Rou leën.« – Den Däiwelchen hat ower hemlech dem Metzler c Goldstéck an d'Keess geluegt, well hien där Geschichte mat dem Segen dach nèt ganz getraut huet. (Wéi de Metzler owes d'Keess gemat huet, sollt e vu Freed c Schlag kréien an en huet bei sech geduecht: »Wéi kann c Mënsch nëmmen esou domm sin an e belscht blénkegt Fënnckfrangstéck mat engem richtige Louisdor verwiesselen!« – An de Bäcker huet gemengt, d'Keess géif nèt csougenee stëmmen, an hie misst dem Buttécksmeedchen emol méi stramm op d'Angere kucken.)

Bis zwéi Strummerte sin du geneschelt bis bei eng Bänk getrëppelt, wou kee Mënsch drop souz, hu sech gemittlech niddergesat a fongen häerzhaft un ze maufelen, deen ee séng Kichelcher, Crèmeschnittercher a Mourckäpp, deen anerc Wirschtercher, Ham a more Speck. Nodeems si deen éischte géien Honger gestëllt haten, wollt ee vun deem anerc sénge Saache schmaachen, an dun hu si fond, datt béides séng gutt Säiten hätt. Si hun sech ferm virgehol och weiderhin bei deem gudde Kascht ze bleiwen. Mam beschte Wëlle vun der Welt konnten se ower nèt alles verquesse, wat se an den Tuten haten an du soten se, da wir de Rescht ebc fir haut den Owend a fir

mar de Muergcn. Si hun sech déi pecheg a fet-
teg Fangern um Engclche séngem Rack of-
gebotzt, hun eng Kéier gutt geräpzt, sech
gehucwen a sin erëm weider spadséiert fir
sech alles ronderëm a Rou a méi genee ze
bekucken.

Mir ancr wësse jo, wat et an enger Stad ze
kucke gët, mä fir déi zwéi kleng Virwëtze wor
dat jo alles onbekannt a ganzeg nei. Den
Engelche wollt un alles richen an taaschten,
wat e gesin huet, oder dermat spillen a mat-
huelen. Den Däiwlchen hat séng gréisste Méi
fir en dervun ofzhalen. Wéi déi schwaarz
Knätzcl ower ugefaangen huet an engem
grousse Geschäft d'Litikette mat de Präisser ze
changéieren, esou datt de Wäisse bal nët méi
nokomm as fir se erëm richtig ze placéieren,
du sot en: »Fir haut geet et elo duer, a mar as
nach en Dag. Du hues der genuch gesticht.
Mir maachen eis elo heem, dat heescht bei
eisen Heekoup, bis mer anzwou anescht e
bessert Logement fannen.« Den Engelchen
huet wuel eng Grimmelche gmault a ge-
motzt, well en hätt nach e sëllechen ze spillen
an ze stichte gewosst, mä et huet en näischt
gedéngt. Den Däiwlchen as fest bliwwen.

Wéi se nees dobaussen op der Strooss woren,
sot den Engelchen zum Däiwlchen: »Weess
de wat, et as jo nach nët spéit, a well mer ower
musse fléien a well s du dat fir d'éischt léiere
muss, dann hale mer ënnerwee stall an dann
träinçiere mer e bësselchen d'Opfléien an
d'Erofkommen.« Bei sech huet déi kleng Zatz
ower geduecht, wat fir eng Gellecht et wir,
wann hatt den Däiwlchen eng dose Mol
d'Kopplabunz géing schloe loossen. – Si kou-
men och ganz fein a ganz zerguttst an
d'Luucht. Den Däiwlchen huet sech fest um
Engelche séngem Rack ugepaakt, mä hien
huet scho bal gucr nët méi gefaart. Je, lues a
lues huet en nawell Spaass um Fléie fond an et
as him och gucr nët méi dronkeg gin, wann en
no riets oder no lénks crogckuckt huet.
D'Zäit as am Nu vergaangen an éier en sech
richteg émsin hat, woren se iwwert hiner
Wiss. »Pass elo genee op«, huet den Engelche
geruff, »wann ech soen: 'lass loossen', da muss
du dat och direkt maachen.« – »OK«, sot den
Däiwlchen. Mä wéi dat klengt Loudervéi de

Kommando gin huet, wor hien nach nët mat
de Féiss um Buedem, an duerch de Schwonk
as e ganz fatzeg op de Réckstrank gefall »t as
näischt«, sot den Engelche ganz onschëlleg,
»du hues den Trick scho bal eraus. Du has
nëmmen eng Grimmelchen ze fréi lass
gelooss. Komm, mir probéieren et nach emol.«
Dës Kéier huet d'Zarabina de Kommando ze
spéit gin. Den aarmen Däiwlchen as um
Bauch virugerutscht a blouf créischt knaps
zwéin Zantimeter virun engem Kouflapp
halen. »Gesäis de«, sot den Engelchen, »du
kanns elo jo och scho bremsen.« Den Däiwl-
che sot näischt, mä en duecht bei sech: »O
waart, Meedchen! Déi nächste Kéier as et u
mir fir ze Laachen.« An esou koum et och.
Den Engelchen hat zou enger ganz rasanter
Landung ugesat, mä kuurz iwwert dem Bue-
dem gët den Däiwlchen sech e Schwonk,
krämpft sech mat sénge Been ëm dem Engel-
che séng a klappt him mat den Härn séng
Hillécke ganz fest zesummen, sou wéi de
Päiperlek, deen op enger Blumm sëtzt. An dun
hätt der eppes kënne gesin. Den Däiwlchen
huet am richtige Moment lassgeloss, an dun
as den Engelchen duerch de Schwonk um
Bauch an um Gesiicht nach e grousst Stéck
um Buedem duerch d'Gras gerutscht. Dobäi
krut en d'Nues poléiert, datt se geglénnert
huet wéi frësche roudé Koffer, an en huet
Kreesch gedun ewéi wann en e Messer am
Hals hätt. »t as näischt«, sot den Däiwlchen,
»elo weess du och wat eng Brochlandung as.
Et geet näischt iwwert d'Erfarong. Vun elo u
kann äis zwéi näischt méi passéieren, well mir
kennen d'Fligerei aus dem Effeck.« Den
Engelchen huet opgehale mat Pinschen, huet
sech déi lescht Tréine mat séngem ëmmer méi
knaschtege Räckelchen ofgebotzt an duecht
bei sech: »Ma hien as nach laang nët esou
domm wéi ech gemengt hat.« Et huet den Däi-
wlche ganz raumiddeg a léif mat sénge grén-
gelzechen Ac bekuckt a sot: »Et as mer
eng Léier gin. Ech maache ni, ni méi de Geck
mat dir.« – »t as an der Reie«, sot den Däiwl-
chen, »mä verhal der gutt, wat s de elo
versprach hues.«

Duerno hun si sech mat der Hand gcholl a sin
op hiren Heckoup lassgetrëppelt.

Rapport vun der Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch vum 15. Mäerz 1986

E Samschdeg, de 15. Mäerz 1986 war déi 16. Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch. Ronn 40 Leit waren an de Café du Commerce op d'Pléssclarem komm, fir gewuer ze gin, wat Neits am Veräin gët.

Énnert hinne waren d'Hären Fr. Bilgen (CSV) an Al. Schmitz (LSAP). Den Här J. Gremling hat sech entschëllegt.

An enger kurzer Usprooch huet de President vun der Actioun Lëtzebuergesch, den Här *Heng Rinnen*, d'Leit begréisst an hinne Merci gesot, fir hiren Interessi un eiser Sprooch.

De President huet dann un déi Perséinlechkeeten crënnert, déi eis am Laf vum leschte Jor fir ëmmer verlooss hun:

– Den Här *René Weimerskirch*: (13.11.1921-25.02.1985). Den Här Weimerskirch war Schoulmeeschter vu Beruff, mä niewebäi huet hien sech ganz staark fir eis Sprooch an eis Litteratur interesséiert. Nieft sänge 17 Theaterstécker, huet hien nach e sëllegen 'Texter fir de Cabaret, 6 Mäerchestécker, 2 kleng Stécker fir d'Kanner a nach e puer Gedichter geschriwwen. Fir de Männergesank vu Gaasperech huet hie Vollekslieder arrangéiert. 33 Jor laang war hien Dirigent vum Kierchgesank.

Op séngem éischten Doudesdag hun déi Gaasperecher mat engem Theaterstéck a mat engem »Cabaret-Retro« un de René Weimerskirch geduecht. Dës Erënnerungen un de René Weimerskirch sin an enger schéiner Broschür eraus komm.

– Den Här *Tit Schroeder*: (12.1.1911-27.1.1986). Den Tit Schroeder gouf zwar zu New-York gebuer, as awer zu Useldéng opgewuess. Hie gouf Englesch-Professor. Den Tit Schroeder kann ee roueg als éischten oder dee beschten Lëtzebuergesch Schrëftsteller bezeechen. Aus deer Ursach krut hien d'lescht Jor (2.10.1985) déi versëlwert Plaque vum

Dicks-Rodange-Lentz vun der Actioun Lëtzebuergesch iwwerrecht. Dëst als kleng Merci fir säng grouss Verdéngschter fir eis Sprooch.

Den Tit Schroeder huet ni grouss Wieder gemaacht; en huet gelieft a geschriwwen esou wéi e war, ouni opzefalen. 1961, wéi den Tit Schroeder säng éischt Theaterstécker publizéiert huet, huet de Professor Marcel Engel geschriwwen: »Et as e scheien Dichter, mä mir wëssen, datt en e lyrescht Akerstéck huet, ouni Schold, op deem e roueg a geloossen mat liescht an Iwwerleëss akert, wéi en Aterter Bauer«.

Dem Tit Schroeder säng Stécker sin aus dem Aterter Buedem, roueg geschriwwen, si spriechen un, sin einfach. E schwieft net an héie Regiounen, ewéi vill aner dat maachen, mä hie bleift mat de Féiss um Buedem. E schreift vun doheem, an dat a senger Useldénger Sprooch.

Den Tit Schroeder war 12 Jor Mataarbechter an der lëtzebuergesch Dictionnärskommissioun.

– D'Madame *Ry Boissaux*: (15.08.1900-19.2.1986). Nieft däitschen a franséischen Texter huet d'Madame Boissaux och vill op Lëtzebuergesch geschriwwen. Erënnere mer nëmmen un hir sëllege Kanner geschichten oder hir Didlénger-Erzéiungen. Vill vun hire Saache goufen ewell an eiser Zeitschrëft »EIS SPROOCH« publizéiert.

Zum Schluss huet de President nach séngem Comité an all dene Leit Merci gesot, déi d'ganz Jor duerch fir eis Sprooch schreien a schaffen, an hie war der Meinung, datt hir Aarbecht méi wäert as a méi Unerkennung verdéngt hätt, ewéi 30.000 Frang Subsid, déi mir all Jor vun eisem Kultur-Ministère kréien.

A séngem Aktivitéitsrapport huet de Sekretär, den Här *Marcel Lamy*, kurz opgezielt, wat dat lescht Jor alles geschafft gouf.

- De Comité hat 10 Sätzungen
- De Veräin huet 2.300 Mëmbere
- 1985 koumen dräi Publikatiounen eraus:
- d'Nr 17 vun eiser Zäitschrëft «EIS SPROOCH» (Abrëll 1985)
- d'Extra-Nr 5 »Vu Wëllef, Afen, Quetschen a Kanner«. E Kannerbuch mat de Geschichte vun eisem Concours fir kuurz Geschichten op Lëtzebuergesch (Enn Juni - Ufank Juli 1985)
- d'Extra-Nummer 6 Muttwëll séng Rees an d'Mäercheland«. Dëst as e Mäerchespill mat Musek vum Louis Beicht (September 1985); däitschen Text vum Edith Roeder, an d'Lëtzebuergesch bruecht vum Robert Siuda.
- Véier Zirkuläre goufen un eis Mëmbere geschéckt:
- Ufank Mäerz 1985: d'Invitatioun fir d'Generalversammlung vum 16.03.1985
- Enn Juni 1985: eng Informatioun iwwer eist Kannerbuch »Vu Wëllef, Afen, Quetschen a Kanner« an d'Reglement vun eisem neie Concours fir kuurz Geschichten op Lëtzebuergesch
- Enn September 1985: eng Informatioun, datt d'Actioun Lëtzebuergesch op der Hierschtfiere as, an datt mir och erëm véier NeiJooschkaarten erausgin hun.
- Concours fir kuurz Geschichten op Lëtzebuergesch: An der Zäit vu Mëtt-Juni 1985 bis Mëtt-Januar 1986 hate mir eisen zwete Concours fir kuurz Geschichten op Lëtzebuergesch
- Hierschtfiere vum 5.-13.10.1985: D'Actioun Lëtzebuergesch hat och dëst Jor erëm en Informatiounsstand op der Hierschtfiere um Kiirchbierg, a vill Leit hun sech bei eis ëmgekuckt an informéiert. 120 nei Mëmbere konnten mir op der Fiere an de Veräin ophuelen.
- NeiJooschkaarten 1985/1986: Et war ewell déi 12. Kéier, datt d'Actioun Lëtzebuergesch esou Kaarten eraus gouf. Dëst Jor hate mir Biller vu:
- CLAUSEN, d'Schlass Mansfeld
- MËNSBECH, d'Schlass
- RÉIMECH, d'Duerf
- ICHTERNACH, d'Helleg-Kräiz-Kapell
- Et goufe ronn 15.000 dës Kaarte verkaaft.
- Aus dene ville Bréiwer, déi geschriwwen goufen, huet de Sekretär der nëmmen zwee wëllen craushuelen:
- Wéi am September 1985, eng Plack fir de Victor Hugo zu Iechternach opgehaange gouf, hu mir e Bréif un de Buurgemeeschter vun Iechternach geschriwwen, fir drun z'erënnere, datt de Marcel Reuland an den Isidor Comes dach och ganz enk mat Iechternach verbonne sin, an datt si, eiser Meinung no, op d'manst déi selwecht Éier verdéngt hätten ewéi de Victor Hugo.
- Am Juni 1985 hu mir e Bréif un den Direkter vun der Europaschoul um Kiirchbierg geschéckt, an deem mir gefrot hun, fir datt fakultativ Couré fir Lëtzebuergesch a senger Schoul sollten ageféiert gin. Mir hun eis och ugebueden, fir him eventuell bei der Organisatioun vun dëse Couren ze hëllefen. Den 1. Juli 1985 krute mir dann d'Äntwert, datt vum nächste Schouljor un, esou e Cours an der Europaschoul hei zu Lëtzebuerg ageféiert géif.
- Iwwerreeche vun enger versëlwerter Plaque vum DICKS-RODANGE-LENTZ: Den 2. Oktober 1985 krut den Hër Tit Schroeder esou eng Plaque iwwerrecht, als kleng Merci vun der Actioun Lëtzebuergesch fir alles wat hien fir eis Sprooch geleescht huet.
- Europäesche Präis fir regional Kulturen 1985: Den 23. Mee 1985 krut d'Actioun Lëtzebuergesch dëse Präis iwwerrecht. D'Madame Martha Pantlëon huet dëse Präis gestéift. Nieft engem schéinen Diplôme, krute mir och nach e Schéck vu 50.000 Frang. D'Madame Pantlëon gouf Éicremember vun der AL.
- Couré fir d'Aulänner a Schreifcouren: Dës Couré sin nach ëmmer gutt besicht, Schreifcouré fir Lëtzeburger gin ëmmer méi gefrot.

De Sekretär huet gemengt, et wier nët néideg fir alles opzezielen, wat am Comité geschafft géif. Et wäre jo och nët clauter grouss a spektakulär Actiounen. Ma meeschtens hätten d'Leit hir kleng Problemer mat enger Annonce, engem Menü, engem Bréif oder iirgend engem Text. An do bräuchten si eis Hëllef.

Vill Leit hätte gudder Wëll fir hir Annoncen, hire Menü oder aner Schreiwereien op Lëtzebuergesch ze maachen, mä si géifden zécken a fäerten, si kënnent sech blaméieren. Hien huet dann nach eng Kéier drun erënnert, datt d'Leit aus dem Comité frou sin, wann si ëm Rot gefrot gin an hëllef kennen, an datt et guer näischt kascht.

»Ons Caisse as nach ëmmer gesond«, mat dëser Wieder huet de Caissier, den Här René Faber, säi Rapport ugefaang. All déi Zuelen, déi de Caissier opgeziet huet, weisen och ganz klor, datt d'Actioun Lëtzebuergesch nach ëmmer op gesonde Fëss steet. Et si wuel manner Suën an der Caisse ewéi d'lescht Jor, mä dobäi dierf een awer dee grousser Stock vu Publikatiounen, Bicher a Plaquettes net vergiessen, deen d'Actioun Lëtzebuergesch nach huet. Déi Saache gi jo no a no verkaaft, an domat kommen d'Suën och erëm an d'Caisse eran.

Déi gréisst Ausgabe bleiwen och weider eis Publikatiounen (1985 waren dat ronn 1,3 Milliounen) an de Porto bei der Post.

Am Numm vun der Caisse-Kontrolleren sot sech den Här Folscheid averstan mam Här Faber sénger Aarbecht a huet d'Versammlung gebieden de Caisse-Rapport unzechuen.

Den Här Folscheid huet sech dann awer och Suerge gemaacht weinst der grousser Zomm, déi de Veräin all Jor fir Porto muss ausgin. Dofir huet hien dem Comité proposéiert, fir d'nächst Jor d'Cotisation erop ze setzen.

D'Häre Folscheid, Schaack a Kell sin averstan, fir och dat nächst Jor hir Aarbecht als Caisse-Kontroller bäizebehalen.

Neiwiel vum Comité:

Et ware véier Plazen op fir an de Comité. Op der Austrëttsléscht waren dës Jor: d'Joffer Maisy Tockert an d'Häre Francis Delaporte a Robert Philippart. D'Plaz vum Här Malan, deen d'lescht Jor op der Generalversammlung séng Démissioun gin hat, war och nach op.

Nieft dësen dräi Kandidaturen hat sech jhust nach d'Joffer Monique Hermes fir de Comité gemellt. Et braucht also net gewielt ze gin, an dës véier Leit goufen an de Comité opgeholl.

Cotisation 1987:

D'Versammlung as mat dem Virschlag vum Comité averstan, fir d'Cotisation fir d'Jor 1987 bei 200 Frang (300 Frang fir d'Gemengen) ze loossen.

»15 Jor Actioun Lëtzebuergesch«:

An engem ausféierleche Rapport huet den Här Lex Roth, Vizepresident vun der Actioun Lëtzebuergesch, op 15 Jor Aarbecht am Veräin zréckgekuckt.

Hien huet drun erënnert, datt et eigentlech d'Actioun Lëtzebuergesch war, déi 1972 fir d'éischt vun enger »Lëtzebuerger Identitéit« geschwat huet. Dobäi huet hien och ganz däitlech ënnerstrach, datt d'Actioun Lëtzebuergesch géint keen aneren an och géint keng aner Sprooch as.

Den Här Roth huet nach eng Keier betount, datt d'Actioun Lëtzebuergesch sech ganz bewusst net ëm Saache bekëmmert, déi si, als Veräin, guer näischt ugin. An de Statute steet ganz klor, datt de Veräin sech asetzt fir alles wat Lëtzebuergesch as, ganz apaart awer fir eis Sprooch.

Aus deem Ursach as et och net un der Actioun Lëtzebuergesch fir d'Ausländerprobleem op d'Schëpp ze huelen. Mä et as um Comité fir ze kucken, wéi een den Ausländer, déi hei am Land schaffen a liewen, d'Méiglechkeet ka gin, fir eis Sprooch ze léieren.

Ouni eng grouss Opziclung vun deem ze maachen, wat de Veräin ewell geleescht huet, huet den Här Roth e puer Erklärungen gin, iwwer eenzel Actiounen, déi am Laf vun dësem 15 Jor fir eis Sprooch ënnerholl goufen. »De Comité sicht sech ganz cingach déi Punkten eraus, wou et mam Lëtzebuergesch apaart happert, a probéiert esou gutt et geet, eppes fir eis Sprooch ze maachen. D'Ilaapunkte vun dëser Aarbecht ware vun Ufank d'Lëtzebuergesch an der Schoul, an der Kiirch, an de Veräiner, an der Geschäftswelt an am Liewen dobaussen, d.h. am politesche Beräich beim Stat an de Gemengen.

Wann ee vergläicht, wou d'Lëtzebuergesch viru 15 Jor stoung, a wat fir eng Roll et haut

spillt, da ka wiirklech kee behaapten, d'Actioun Lëtzebuergesch hätt näischt Opweises, de Comité géif nëmmen op der Plaz trëppelen a wär jhust nach gutt fir Medaillen ze verdeelen. Esou sot den Här Roth.

Präisverdeling vum Concours fir kuurz Geschichten op Lëtzebuergesch:

De Sekretär, den Här Marcel Lamy, huet der Versammlung e puer Explikatiounen iwwer dës Concours gin:

An der Zäit vu Mëtt-Juni 1985 bis Mëtt-Januar 1986 as dës Concours gelaf. Zesumme koumen 83 Geschichte vu 36 verschiddenen Auteuren cran. Am Jury waren d'Hären: Pol Greisch (President), Jules Christophory, Jos Groben, Cornel Meder, Pierre Puth, John Rinnen, Paul Schumacher, Marcel Lamy (Sekretär).

E Präis kréien: 3 x 1. Präis: »Ech, d'Anna«, vum Georges Hausemer - »d'Carmen«, vum Romain Hilgert - »Ditta«, vum Jhemp Schuster.

3 x 2. Präis: »20 November 1985«, vum Jhemp Hoscheit - »Den Hielännerstack«, vum Henri Losch - »d'Wirtshaus vun den dräi Biichen«, vum Pe'l Schlechter.

Dës 6 Geschichte kommen, mat nach aneren, an enger Extra-Nummer vun eiser Zäitschrëft »EIS SPROOCH« eraus. Donieft keeft d'Actioun Lëtzebuergesch nach aner Geschichten of, fir se an eiser Zäitschrëft ze publizéieren.

De Sekretär huet gemengt, et wär schued, datt och dës Kéier keng nei Gesichter derbäi wieren, mä de Jury hätt dat Klassement opgestallt, an de Comité misst sech och dorun halen.

No enger kuurzer Diskussioun, wou nach verschidde Problemer ugeschnidde goufen, huet de President géint 17.15 Auer d'Versammlung opgehuewen.

Emely Arnoldy

D'Gewan am Summer

Wann d'ganz Gewan hiert Summerkleed,
nees frou an houfreg dréit.
Gët d'Fruucht déi héich um Hallem steet,
vum Summerwand gewéit.

An d'Heckerouse laanscht de Wec,
verbreiden hiren Dof.
En Hauch vu Blumme Gras an Hä,
läit an der waarmer Loft.

Mä och all Kar a Weessestéck,
gesäit sou fuerweg aus.
Do lusst mat bloem Kannerbléck,
d'Karblimmche schei eraus.

D'ganzt Fruuchtstéck as wéi rout duerchblutt,
getéppelt wäiss a mauve.
De Summer méngt et wirklech gutt,
well d'Sonn dréckt waarm erof.

Mä wann et zevill dompeg as,
fierft sech den Himmel gro.
Da brécht en Donnerwieder lass,
dat as fir d'Fruucht dack schro.

Wa Reen a Stuurm se nidderschléit,
den Hallem mat der Féi.
Läit d'Fruuchtstéck do wéi ëmgeméit,
't erkrutt sech och nët méi.

Mä meeschtens kennt et nët sou wäit,
't fällt jhust e bësse Reen.
Dee bréngt an dëser Jorcszäit,
Erfrëschong da fir jiddereen.

Well d'Sonn schéngt gläich drop, op en Neis,
all Blimmche reift sech d'An.
De Wand séngt lues séng Summerweis,
zefriden dremt d'Gewan.

Summer 1984

Den Nowuess schreift

J.C. Marson

De Groussakaf

Gott sei dank! Elo si mer endlech am Geschäft. Et wibbelt nëmmen esou vu gudde Reklammen, Aktiounen a Gratis-Prouwe vun neie Produkter. Mir kafe jo awer nëmmen Artikele vun der Mamm hirem Akaafsziedel. Dcc blöden Akaafswon, clo blockéieren och nach d'Rieder.

»Papi, kuck emol! Ech wëll esou e Gewier hun... Nee, mäi Jong, du muss nach waarden... Bis wéini, Papi? Edi, Edi... wou bleifs de dann? du solls dach bei den Uebstand kommen... Mami, ech muss emol! Hee, dir do! Passt dach op, wou der hifuert.«

Sou geet dat hin an hier. Zwou geschloe Stonne laang. An esou eppes nennt sech »modern Akaafswirtschaft«. A propos: Elo wëll de Papp nach ee kippe goen.

Endlech hu mir eis bis bei d'Kcess virgekämpft. O vreck, wat stin do nees Leit an enger Schlaang. Muss da jiddreen haut op de Samschden akafe goen? D'Rechnung as jo wiirklech nach méi laang gin ewéi der Mamm hiren Akaafsziedel. Majo, wann ee wëll spueren, da muss een ebc vun denc villen »Angeboter« profiteieren, gell? Elo nach ganz séier dem Papp séng Box aus der Botz siche goen, an dann an d'Kafiteria! Déi as leider och voll besat bis op eng lescht Plaz. Keng Afréschung fir de Papp a séng Famill. Da fuere mer eben heem...

Päng! Elo huet och nach jhust e vun denc »Sonntagsfahrer« eis voll an de Blech fuere missen. Sou e Pech.

Doheem ukomm, stellt d'Mamm fest, datt d'Caissière sech ëm fënnel l'rang vertippt huet. »Wou gët et dann esou eppes?«

Haut as Samschden, den éischten am Mount. Haut huet de Papp genuch Zäit, fir ze mëtten z' icssen. An der Woch huet hien nëmmen eng Véierelstonn Zäit dofir. Dofir muss

d'Mamm jo och méi kachen ewéi soss, well de Papp méi Zäit huet fir d'Essen a sech eran ze stoppen.

De Filu as haut och nët mam Velo heemgeradelt komm. Necn, de Papp huet e mat dem schneidesche Familienauto ofgeholl. Et huet sech bal esou ugesinn, wéi wann hie wëllt domat ugin. Haut mécht d'Famill Groussakaf. Ei, no dem Iesse geet et lass. Mir mussen dem Papp séng Box mathuelen, fir se botzen ze loossen. Also, alles bereet? Ma da lass! Endlech as et esou wäit...

D'Famill Konsument as um Wee zu dem gréissten a bëlleegsten Akaafszenter vum Land... Énnerwee zielt d'Mamm alles op, wat se kafe muss. Fir näischt ze vergiessen, huet si sech e Spickziedel gemaacht. Op eemol e Kreesch. »Mir hun dem Pap séng Box vergiess« – Also nees heem. De Papp dämpft vu Roserei. »Do geseit een nees«, seet hien, »déi Fraen! Eis Männer passéiert esou eppes natürléich ni. D'Frac si jo d'Vergässerlechkeet a Persoun! An da schwätzen si iwwer Enimazi... nee, iwwer Emani... nee, nee, dat as et och nët! Mec op jiddefall schwätzen se vill a gär.«

Endlech daucht de »langersehten« groussce Parking vum Akaafszenter virun eis op. Mëscht, alles as besat! Elo muss mer honnert Frang bezuelen, an eis Familjekaross an dat neit Parkhaus ënnerbréngen. De Papp rechent. Op zwee Pond Reklamskaffi hätte mer honnert Frang gewonnen. Dofir si mer jo esou wäit gefuer. Déi Suc sin elo emol an d'Parkhaus investéiert gin. Akaafswenercher sin och keng méi do, kee Wonner ëm dës Zäit. Stopp, do as dach nach cen... Op riichter Streck leeft e jo ganz gutt, jhust an de Kéieren, do hieft en e bëssen of. Awer 't as trotzdeem besser wéi wann een d'Saachen all misst droen.

Gil Mandy

»Kurz«-Geschichten

E Mann goug nuets heem iwwert d'Landstrooss duerch en däischtere Bësch. Lucs a lucs as et him onhemlech gin, esou ganz eleng, an en huet ugefaangen ze fäerten. «O kéim dach alt nuren e Mënsch mer entgéint, da géif ech mech nët sou eleng fillen.» Mä et koom keen a well en sech d'Séil aus dem Leif gefaart huet, huet en ugefaangen laudenhaart ze sangen an e Lidd ze päifen.

Hei op eemol gesouch hien eng Gestalt op sech zoukommen. »Gottseidank!«, duecht de Mann. »Endlech erëm e Mënsch an dësem däischtere Bësch.« – Mä eréischt wéi hien d'Messer am Bauch gespiirt huet, wousst en, mä ze spéit, datt deen erbäigewënschte Mënsch ... e Raiber wor.

*

E koom vun engem Konveniat. Et wor e richtig flotten Nomëtteg a grad esou esou e lëschtegen Owend gewiescht. Si hat gutt giess a gutt gedronk. An du wor et natierlech eng Grimmel spéit gin. »Ech fucen egentlech gär ëm dës Zäit heem. Da leien déi mceschte Stroosserowdien schon an der Lompekaul an et gesäit een och scho vu fären, wann een engem entgéint kënnt.« Aus dem Radio koom schéin duuss Musek. »O jo, de Wäin wor ausgezeecht. Wéivill Pättercher hun ech haut iwwerhaapt gedronk? Ech weess et mam beschte Wëllen nët. Dat Noschëdden daagt näischt. Do kann een nët richtig zielen. Nujc, ech si jo ower nach topfit. – An déi »Poire Williams«, als Schlofdrëpp! Fieici, wat wor dat e Wässerchen! An déi Wizen, déi de Joss erzielt huet. Hohoho. Wéi wor deen ee scho méi? a ja. De Mann koom heem vun der Schaff, e geet an d'Schlokkummer an do... Nondikass! wéi kommen déi Bëem do matzen an d'Strooss? Ech sin dach nët...

Dach, hie wor et ower. Mä dës Kéier fir d'allerlescht.

*

Hien hat e jonkt Dickelche kenne geléiert an e koom nët méi vun him lass. E wollt et fir ëmmer fir sech hun. Mä do wor séng Fra. Un eng Schedong wor nët ze denken. Wéinst dem Haus a wéinst de Suen. Wir en där aler Häerzkna dach nëmme gutt lass!

An du koom him eng wonnerbar Iddi. Mä hie wor en Ierbëssenzieler an e Méckepéiler, een deen och ëmmer nëmme ganz op Nummer sécher wollt goen. Duerfir huet hien och, wéi séng Fra aus dem Haus wor, probéiert, ob déi Saach och schéi géif klappen. Si huet geklappt.

Mä séng Fra huet sech hannenno ëmmer erëm gefrot, wat deen alc Klatzkapp mat dem Föhn an der Buedbidde wollt. Si hat nämlech nach ni e Krimi gelies oder gekuckt, well si hat eppes dergéint.

*

»Ech weess nët, wat mäi Papp wëllt? Eëmmer an ëmmer dat selwecht: Jong pass op! Renn nët esou séier! – Flo fucen ech schon e ganz Joër. Ech mengen hie fänkt un al a fäertereg ze gin. Ma wat hun ech dann elo drop? Honnertzwanzeg. Op esou enger schéiner Strooss an ech hun emol nach nët bis ënnen ofgedréckt. – Do hanc viru mir fiirt och esou en Tränteler. O waart, Bop, dech huele mer och nach. Huiii, a laanscht. – O vreck! Elo kënnt déi schaarf Kéier. Un déi hat ech elo nët geduecht. Mä ech hu jo formidabel Bremsen. (De Won kënnt un d'Schleideren.) O

Mamm, de Papp hat Recht. O Mamm...« – Se hun zwou Stonne gebraucht fir déi grujheleg Läch aus dem Koup Schrott eraus ze schweessen.

*

»O Jëssegott! deet dat esou wéi!« wollt de Bommelëer nach soen, éier déi schwer briko-
léiert Bomm him an den Hänn geplätzt as. E
koumm nët méi derzou. Mä déi entsate
Verwonnerong stoung him nach an den Aen,
wéi d'Police säi Kapp zéng Meter méi wäit
cwech fond huet.

*

Wann ee jonk as, da kësst ee léiwer
d'Nopeschmeedchen oder den Nopeschjong

wéi d'Mamm oder de Papp. An et denkt ee
guer nët drun, datt d'Mamm an de Papp nieft
denen obligatoreschen Neijoosch- oder
Geburtsdaags-Beesen och emol op eng ge-
leëntlech häerzsäfteg Bees ausser Rei gamm-
sen. D'Kanner denken nët dorunner, nët aus
schlechtem Wëllen oder well se nët frou mat
hiren Eltere wiren, mä si denken einfach nët
esou wäit. Si wëssen nach nët, datt d'Kanner
fir d'Filteren ëmmer »d'Kanner« bleiwen, och
wa si scho grouss an aus dem Haus sin.
Eréischt méi spët, vill méi spët an dacks ze
spët, wann si selwer Filteren a Grousseltere
sin, a wann si och emol no esou enger Häerz-
lëchkeet verlaangere, da verstin si et.

An da gët d'Häerz hinnen déck an d'Ae gi
fiicht, well hir egen Elteren nët méi do sin, an
dann denken se: O Mamm, o Papp, wat géif
ech iech elo gär kësse.

Alex. Tourneur
Fabelexpress:

Méng al Freiesch

Mam Alter gët méng Freiesch déck:
haut huet si schon e ronne Réck. –
Hir Kräften, déi gi... lues zeréck,
och as si nët méi esou fléck.

Fréi muerges op den éischte Bléck
gesäit si dacks... éng déck, schwaarz Méck!!
An Owes huet s'et am Genéck...
a muenchnol och nach an der Schléck...!!

Wéi kann een do nach son: »Dat Gléck,
wat hien do huet, as... zimlech déck!!« –
Ech mengen éischer, 't wir e Stéck,
wat ee kënnt féieren op d'Nei-Bréck...
an do 'rofwerfe mat Geschéck...!!!


d'Moral:

Kee Wonner, wann do sicht säi Gléck
bei engem Meedchen, jonk a fléck,
an dobei och nach guer nët déck...
en ale Mann vun Fittelbréck!!!



Et as ee frou op den Enveloppen esou
Stempen ze gesinn. Merci denen déi dat
gemaacht hun.

De Stempel fir d'Joer vun der Verkéierssécher-
heet 1986. Merci derfir.



Index
vun
Eis Sprooch
Nº 1 bis Nº 18

(zesummegehallt vum Georges Helm)

Numm, Artikel	Nr./Säit				
ACREBOIS Jean d'		Eng ganz wouer Moucke-		Summerzäit – Vakanzenzäit	17/35
Wann ech...	11/13	Geschicht	9/36	D'Millerad	11/29
ALBERT A.		Ambulanz	10/41	De Miseler...	9/10
D'Riselen	11/28	Engelchen oder Ieselchen?	11/29	D'Moritat vum Schéppesstill	4/25
ALBERT-WANGEN A.		Der schéiner Gäns Scidefieder		Erléisong – E Krëschtliid	5/18
De Poucki	16/18	hir Ennstatioun	12/15	Am Fislek	2/13
ALFF Albertine		BRAUN Josy		Footings-Lidd	6/38
Engt universaalt Wuert	17/42	Den zweete Wee	9/27	Déi al Buurg	13/16
Erliefnes den 9. Mee 1940	17/17	Looss de Mound do wou en as	9/27	DIMMER Albert	
AREL J. M.		Eise Jongen hiirt Feier	10/24	De Protekoll	10/15
Emmaus	11/29	Op der Bréck	10/24	Feierwon 77	9/17
ARNOLDY E.		CHAMA		Impressiounen – vun heibannen	9/17
Matleed	10/14	E Stéck verhandst Liewen	10/34	Vun Hären a vu Muppen	9/17
Novemberstémung	10/38	Eiwege Verdéngst	13/40	ERPELDING Emile	
Novemberstémung	15/14	U mai Mann	13/40	Riedensaarten a Spréch vun de	
Matleed	15/40	CLEMENT Chrétien		Millen an iwuer d'Mëller	14/ 7
D'Miissrcher an d'Beien	16/18	E mëtschgiewegt Häerz	10/40	Millen a Mëller am M. Rodange	
Et war eemol	17/26	Wien as dee Mann?	10/40	séngem Renert	10/ 2
Fréijor gët et ëmmer nees	17/27	Um Ree	10/40	FABER Frank	
Am Rollstull erliefert	17/27	Den Auschelt as nees do!	10/40	En Eckelche fir is Dialekter	17/42
Wat as dat eng Freed	17/29	Déi éischt Feierblumm	11/13	FABER Péter	
BACH N.		Hannert der Heck	11/13	E kléngt Spill mat de Wierder	3/19
Elchert 1637	13/24	Virum Spiegelbild	11/16	E Spill mat Wierder	
BERRENS Jos		Eis Matwunner	11/16		4/20, 4/30, 5/35, 5/48
Den Hexemeschter	3/ 9	D'Patte pellen op den Héichten	12/ 8	FISCH Christiane	
Noruff Elsen Albert	6/40	Schlofliddchen	13/39	Liichtmëssdag	17/28
Aus dem K.Z. erëm	4/17	Den Dag as ënnerwee	13/39	Du stees viru mir	17/28
Däin Hond	5/30	Op d'Brëms gedréckt	13/39	FLENER W.	
Gaalgelidd	5/30	Wéi e Schwan am Ozean	14/13	(Läendeckesch Will)	
De Kosmonaut	7/19	Mech huet eng Huergäns		Eng kleng Prouf vum Mamer Dialekt	9/31
E Stroossemeedchen	8/13	héich gedron	14/13	FRIEDRICH Evy	
Panoptikum	8/13	Waart nach eng Weilchen	17/44	Max Goergen (†)	9/45
Main' Telefon	9/11	Beim Schetzel am Gréngewald	17/44	Kalennerblieder	9/15
De Computer wëllt Recht hun	9/11	Am Novemberwand	18/38	FRINGS G.	
E Gedicht vu geschter	10/ 6	Endlech Fréijär	18/38	Wéi et dem Hergott an dem Péitrus a	
Wéi gelungen!	10/ 6	Bei Boufanke verlauschttert	18/38	«Clomes» ergaangen as	10/35
Mir sin do	10/ 6	Gäertnergedanken	15/40	FRINGS Gast.	
Wouhin?	12/ 8	D'Patte pellen op den Héichten	15/40	D'schwaarz Kaz (Seechen)	11/28
E Verbatterten	12/ 8	Sommersonndeg	16/20	FRISCH Roll	
Chopin	12/ 8	Äonesch Naupen	16/20	Réckbléck op d'Cabaretsaison 83/84	
Hierscht	13/24	Hci, wéi laacht duerno de	16/20		17/60
Abee jo	11/22	Mueren!	16/20	GERARD Luss	
Frënd Scharcl!	14/30	Wéi ech méng Gefiller praffen	16/20	Eng Houchzäit um Duerf	16/25
De wëlle Béier	11/22	Esou e Wieder mecht ee mierf	15/44	GOEDERT Pierre	
BERTRAND Jhemp		De Brakonnécir	9/22	Ausstellung «100 Jor Renert»	2/ 9
Interventioun (op der GV vun		Summer	9/41	HAAN Jean	
der AL de 26.3.1983)	15/18	Do d'Bich	9/41	Bleif mer ewech mam	
BIVER Jhemp		De Véihirt	9/41	Zännlocter!	10/36
Um Holzwee odder Lëtzebuurger		Hoffnong	9/41	Kauzeg Mënschen:	
Gaasse, Wee a...	13/17, 15/19	Owend	2/16	I. De Lompenhännnes	6/29
Lëtzebuergesch an der Schoul	14/37	Am Schiet vum Bësch...	2/16	Kauzeg Mënschen:	
Abträcher am Haus	17/61	Auto	2/16	II. De Paschtouer Nickers	7/32
BLASEN Léon		Am Wäschbur	4/18	Kauzeg Mënschen:	
May Ady (Noruff)	16/39	Alfraësummer	5/30	III. De blannen Téidor	8/25
BOISSAUX Ry		DESSOUROUX Georges		Kauzeg Mënschen:	
Emol eng ganz aner Äergeschicht	6/35	Eng nei Plack (Bios)	11/46	IV. De Schmatts Nuck	9/23
De Fräsch am		DICKS		HAAS Chantal	
Wäiwaasseschessel	7/29	De Blannen Theis	4/ 1	Am Schnéi am Bambësch	15/50
Wofir nach nët ganz fléck		DIETZ E. (D. E.)			
kleng Märelen hiirt...	8/29	Quetschendrépp	16/17		
		Frëndche mair?	16/17		
		Loosse mer nach een huelen...	7/31		

HAAS Marc		D'Fenster	5/13	KRIER Antoine	
Um Fëschweier	15/51	De Kontrast	14/13	E Stéck aus der Ursprooch, an der Chamber	4/26
HAGEN Jules		Et sall een et nët fir méiglech halen!	17/ 2		
E Brëif	5/37				
HAHN Jean		De Cortège	5/15	LAMBORAY Jean-Pierre	
Feierowend, dir Hären!	11/14	An der Gewan	15/44	Den ale Barn	2/23
HEINZ Andreas		Justiz, emol anescht	16/21	LAMY Marcel	
Usprouch	16/ 7	Eng desolat Météo	15/ 4	Fetten-Donneschdeg	12/10
HELM Georges		25 Joër Krich	7/13	Concert um Plëssdareem	13/30
Bibliographie Hary Reiter	14/43	Den Entscheed	7/14	Wanter	13/30
65 Joer Nationalunioun Péiteng	15/ 5	D'Deschtel	8/82	An der Städtgesgaass	14/19
HELMINGER Jhämp		Den Doud vum Papp	8/ 2	Rapport vun der GV vun der	
Du léiwe Villchen	2/15	Enn Wanter	8/ 2	AL vum 16.3.1985	18/71
Wéi Diogenes am Faass	2/15	KINTZELE Jacques		Rapport vun der GV vun der	
Et wor emol en Hieschen	2/15	(Auszieh)	6/ 5	AL vum 16.3.1983	15/15
HERMES Monique		Schlof, mäin Engelche schlof	6/ 9	Rapport vun der GV vun der	
Eng flott Experienz	18/34	Hemes Jängi – Greisen Poli	6/ 9	AL vum 16.3.1984	16/35
32 Stonne laang...	18/15	Bei Kréstnech op der Hugericht	7/22	Hierscht	15/58
HESS Jos		Gutt Nuecht	6/ 9	Gemengewalen	12/35
Fir den 25. Doudsdaag vum		KIRCHEN Jhemp		LAURENT Madeleine	
Isidor Comes	17/63	Voll Hoffnung	13/46	D'Joër vun der Fra	6/34
HEVER Michel		Du weess	13/46	LIESCH Auguste	
Krëschtmount	5/18	E kleng Refrain	13/46	Eng Wandlaus	5/1, 5/2 DS
HOEROLD Pitt		De Wäin an d'Léift	13/46	LOMME-CLAESSEN L.	
D'Kand am Mier	17/26	Kalennerblieder: Richtig as richtig	12/36	Léiwer Herrgottsblieschen	9/13
HOFFMANN Fernand		Kalennerblieder: Wie war de		LUDIG Georgette	
Giacometti	11/10	Näischnotz?	12/36	Kommt op Besuch	17/45
Iwwert dem Schrëftsteller Jos		Kalennerblieder: Wéi een et dréit	12/36	Courage fir den Examen	17/45
Keup säi Liewen a säi Wierk	12/27			LUDOVIC Ernest (E. L.)	
Lëtzebuergesch, Mammesprooch	9/59	Wat e Gewëssen	12/36	E gudden Ortograf	7/48
Dat cent an dat anert	7/28	Wat een nët weess	12/36	LUDWIG Lucien	
E Vull fir d'Kaz	7/28	KLAUNER-REICHLING		Eis Sprooch Lezebuech	1/33
Fortschrëtt	7/28	Longine		LUGEN Roger	
Den Hemechtshirsch	7/28	Fir wat	10/14	Rätselen	13/56
HURST Tony		Léift	10/15	Rätsel	14/40
D'Dreschmaschin	5/12	Léiwen Tony!	10/14	Hannergedanken	14/34, 15/28
		KLEES Henri			
JOBER (BERRENS Joss)		Aus der Schoul geschwat	11/ 7	MALANE Charel	
Eng schwartz Geschicht	15/47	Kierwerlek komm! Maikäfer flieg!	4/4, 5/28, 6/18	Lëtzebuergesch an der Kiirch	10/30
Moritat	15/48	Wéi mer ons esou vernennen	7/36, 8/23	10 Joër Kommissioun	
				«Lëtzebuergesch an der Kiirch»	12/33
KARTHEISER René		Allerlee Spréch verdréit	4/21	Verschiedde Spezialitéiten an	
Sylvester	9/29	Mat an ouni Zongeschlag	9/26	eiser Sprooch	11/30
D'La	9/29	Tibbi oder nët tibbi?	5/33	De Peggi	17/47
E kléngt Rätsel	10/ 5	As dat nach dran?	8/24	Rapport vun der GV vun der	
Hierscht – Am Bësch	10/ 5	Wien et bäisst...	7/35	AL vum 27.11.1971	1/35
D'Barriär	10/ 5	KOEMPTGEN Roger		MALANE Robert A.	
Op en Hor no	12/ 9	Zeechnong vum M. Rodange	2/2.DS	Wunnqualitéit	18/31
Léift	12/ 9	KOLBER Emile		MANDERSCHIED Roger	
D'Geess	12/ 9	D'Geschicht vun der Méck	8/15	Gedicht	11/19
De Batz	12/ 9	Den Nepomuk a séng		Eng besser Damm	11/18
Den Äppelter am Laf vum Jor	12/ 9	Räitpärdspartei	12/22	Wou bas de?	11/19
As et eng So oder nët?	10/33	E Brëif	14/70	Du gees mer	11/19
Dat neit Gebëss	13/28	Gebiet un eng beschassen Tut	15/14	En Tur op d'Musel	11/21
D'Geessen	13/28	KREMER Pir		All méng Aueren	14/31
D'Grouss Mass	18/12	Europa	10/13	De Monni Tidor	14/32
D'Standauer	10/49	Super	10/13	De Boxmätsch	15/44
De Sproochmates	17/28	Recht	10/13	Matzen am Bësch	12/ 7
Eppes	16/ 7	Maach d'Guckelcher zou	1/30	Spréchwuert	12/ 7
Den Abriecher	2/18	D'Bretzkëscht	2/17	Vakanz	12/ 8
Op der Kampéngsplatz	4/24	Angscht	6/36	MANDY A.	
Eis Sprooch	1/ 2	Bëschidyll	8/15	Krëschttag 1965 (1977)	9/28
D'Rutsch	1/28				

MANDY Gil (G. M.)

D'éischt Bees	17/29
Sid nët pëssig	17/29
Am Café	14/29
E gudde Schlof	14/29
Allerséilengedanken ... eemol aneschtes	15/39
De wäissen Däiwelchen an de schwarzen Engelchen	18/23
Den Här vun der Schmelz	15/45
Eng Wett	15/46
Déi kleng Mouk	14/26
Spréchecher	15/44
E Sträit	17/46
Wéi de Wëllem en Hond kaf hat	17/45
Eng Réischen	10/34
Hierscht	10/44
Ridiküll	10/44
Wat ech brauch (Margot)	10/44
En Owend op der Plëss	11/20
Nei Zäiten	11/22
Am Summer	13/39
Wanter	13/39
Wann alles dobausse blitt	12/38
T huet nët geschellt	12/ 6
D'Jousefsbestiednes	13/37

MANGEN Claude

E Lido	16/17
Fréier	13/43
Wanterowend	13/43
Léift	13/43
Du	13/43
Déng éischt Léift	12/37
D'Joer vum Kand	12/38
Hierscht	12/38

MARTENSSEN Rut

E léiwe Bréif aus Schweden	12/38
----------------------------	-------

MAY Guy

Gëlle Fra	18/ 5
-----------	-------

MEYER A.

Lëtzebuurger Individualitéit	16/34
------------------------------	-------

MEYERS Jos

Eis Sprooch	6/14
-------------	------

MICHELIS Guy

Zeechnung	4/18, 6/39, 5/17
-----------	------------------

MILMEISTER Jean

Lëtzebuurger Spioune	15/41
Doktren, Véidoktren an Apdikteren	14/15
Zur Honnertjoërfeier vum René Engelmann	11/ 1
Georges Haentges (1884-1940)	12/30
De blanne Mäerten	1/27
Veianer Wiirt, Hotellieën an Touristen	10/ 7
D'Buermaschin	2/14
Proffe, Mossen a Studenten	9/ 2
Aus dem Dicks seiner Veiner Zäit	3/ 6
Engem Bouf vu Veiane séng «Krichsmemoiren»	4/12
Erënnerongen un D'Schoul	5/19
Nei Bicher: Lëtzebuergesch an der Schoul	5/47
Der Bauer, Dichter a «Sproochmates» Jacques Kintzelé	6/ 4

Souveniren aus dem Dikrecher Kolléisch	7/ 7
D'Veianer Schlass as erëm opgebaut	13/31
Dem Karel sai Kuddelfleck	13/38
Engem Zaldot zweet Klass séng Erliefnisser bei der Arméi	8/ 3

MOULIN Leo

De Variété-Artist «Litty»	5/ 4
---------------------------	------

MULLER Henri

E Passage aus dem Roman «Den Alexis Sorbas»	12/25
Eng Rees, guidéiert vun ale Griichen	14/27
D'National Hymne vu Lëtzebuerg a vu Griichenland	12/ 2
De Kéisécker	18/21
Texter vun al-griicheschen Auteuren	9/32
Den Eed vum Hippokrat	13/10
Déi éischt Sënn vum Stratis Miriwillis	6/23

NEUENS Vic.

E leschte Bréif vum Vic. Neuens	6/45
---------------------------------	------

NEY René A.

Nigesonge Lidd	16/19
----------------	-------

PETIT Louis

Rosalie	5/ 9
---------	------

PHILIPPART Robert L.

De Kapp an der Architektur vum XIXten an XXte Jorhonnert zu Lëtzebuerg	18/19
--	-------

PÜTZ Pol (POP)

E modernt Lidd	1/29
An der Oper	5/34

RATHS G.

Antikitéiten	16/24
D'Affair Tulepan c/Tulipano	15/48
Op Däitsch Wunschkonzert	17/43
1984: Den Heeschesak as fort	17/43

REICHLING Claudine

Eng lëtzebuergesch Hochzäit	13/48
D'Geschicht vun der Maus déi nët héire konnt	15/46
Um Doudebett	9/47
Emweltschutz	9/37

REISEN Fabienne

Jupi, ech hu gewonnen	15/52
-----------------------	-------

REISEN Mireille

Sou e Pech	15/52
------------	-------

REULAND Marcel

Déi Piissénger an d'Kueben	17/46
Oktober	10/ 1
November	10/ 1
Verloosse Griewer	10/ 1

REULAND Will

De Gauk	12/ 6
D'Geeschter...	15/27
Den «Helikopter»	1/31

Den Dicks zu Stadriedemes	3/ 4
Aus der Lies...	17/31, 18/30
D' Lokomotiv	14/18
De Fräiheitsbam...	9/12
D'Heemecht	8/21

RIES Adrien

Wéi ka Lëtzebuerg mat sénge strukturelle Problemer fäerdeg gin?	15/ 7
--	-------

De géien Hunger an enger aggressiver Welt	16/ 8
--	-------

RINNEN Guy J. (Gjpr)

Komm mir méi no	17/41
Jann a Mann...	6/39
T'mécht ee wi d'Léckt	6/39
An da soll ee frou matence sën!	6/39
Nei Bicher	18/64, 18/68
Nei Bicher: J. Braun: Loosst de mound do wou en as	9/49
Nei Bicher: R. Kartheiser: Wëlle Wäin	10/48
Les Aresquiers	17/30
Dämol's an hockt	17/30
Häärrest	17/30
D'Zéckt verjeet, äwer däämno	6/39

RINNEN Heng

Francis Steffen (†)	9/46
Tist Gastoni (†)	16/41
Jos. Berres (†)	15/54
Nei Bicher	18/61, 18/67, 18/69, 8/38, 10/46, 3/20, 2/24, 15/59, 14/53, 6/47, 12/43, 13/51, 5/47, 4/31, 17/51, 11/44
Notizen	17/56, 8/32, 10/53, 9/53, 7/49 6/49, 14/46, 12/42, 13/51, 5/43, 11/41 11/41, 11/47, 4/28, 15/56, 18/55
Virun.../ Et wor.../ Am Joer...	18/59
10/59, 8/34, 11/12, 11/9, 18/61, 3/ 5 17/54, 14/56, 8/40, 16/42, 12/40, 13/49 4/27, 15/55, 1/ 5	
Theater: Notizen	7/17, 8/41, 15/74 18/51

Theatersaison 1982-1983	15/65
Theatersaison 1984-1985	18/43

Spläiteren...	14/ 1
Sprooch	13/24
150 Jor Michel Rodange	8/ 1
En éischten Zeien	13/11
Sproochesträit	10/39
Plaquette	17/ 1
Hary Reiter (†)	14/41
Erënnerungen 1944/45	17/ 3
Eng-Plaquette Dicks-Rodange-Lentz	16/ 1

D'Lëtzebuergesch:

Eis Nationalsprooch	16/ 5
Adel Weis (†)	9/45
Albert Thorn (†)	9/46
Joseph Grevelinger (†)	9/46
Jean Pierre Erpelding (†)	9/47
Ernest Ludovicy (†)	7/44
Péiter Faber (†) (+ Bibliographie)	7/42
Et krut een Noricht	7/27
Michel Rodange	7/ 5
Anton Meyer	6/ 3
Den neien Dixonär	7/ 1
E Meedchen an e Pättche Wäin	17/30

- Victor Neuens (†) 6/43
 Léon Moulin (†) 6/41
 Jos Tockert 6/ 1
 Lucien Ludwig (†) 12/39
 Gaston Frings (†) 12/39
 Elian 7/14, 8/13, 9/14, 9/44, 11/25, 14/33
 René Weimerskirch (†) 17/67
 Jhemp Helminger (†) 17/65
 Kamill Linden (†) 1/38
 Europäesche Präis fir Regionalkulturen 18/17
 D'Plaquette vun der AL fir den Tit
 Schroeder 18/13
 Onsen Dicks 3/ 1
 Demy Schlechter (†) 3/13
 Hary Trauffler (†) 3/16
 Jhemp Rosch (†) 14/43
 E Käppche vum blannen Theis 4/ 2
 E Wuert virof 1/ 1
 Auguste Liesch 5/ 1
 Joss Thein (†) 5/39
 Léon Scnninger (†) 5/40
 Dem Pränz Muttwéll séng Rees an d'Mäercheland 18/40
ROB Sonja
 Wéi e Merci op enger oppener Hand... 18/32
RODANGE Michel
 D'Lidd vum Jéngstercdag 2/11
ROLLINGER J. P. (Jhemp)
 E Kano 13/ 9
 E Licwen 13/16
 Et gäert 11/17
 Du hucs zwou Hänn... 11/17
 Am Osten 11/17
 D'Fréijoersblummen 11/17
ROTH Lex (l. r.)
 Identitéits-Sprooch... Sprooch-Identitéit 17/19
 Woufir eng «Aktioun Lëtzebuergesch»? 1/ 3
 Annoncen (op Lëtzebuergesch) 2/19
 De Wollef an de Storch 3/18
 Eis Sprooch an eis Identitéit 15/ 1
 F. Bréif 3/18
 Intégratioun 4/29
 Den Iesel mam Helljebild 4/30
 Äddi Madame, a merci fir alles 18/ 1
 Eng gutt Saach! 17/18
SCHAACK Georges (Geori)
 Wéi geet et Dir? 7/20
 An der Salle d'Attente beim Nuesendokter 13/47
SCHAUS Emil (E. S., Ems)
 De Filax 10/42
 De Misu 13/34
 D'Sousi, Deckelmouck 14/24
 Briquette 12/19
 Fanni 9/38
 Finette 15/29
 Hiiridenowend 8/15
 Daul a Präizerdauler 8/14
SCHILTZ Eric (Gérard)
 Siwebiirgesch – Lëtzebuergesch 6/17
SCHLECHTER Demy
 Dem Renert säin Enn (Auszuch) 3/14
 Roby 3/15
SCHMIT Emile
 Arelerland 12/26
 Aus der AL: Wou wunnen eis meescht Membren? 14/43
 Rapport vun der GV vun der AL vum 3.4.1982 14/44
 Schéi Feierdeg a vill Gléck am neie Joer 5/ 6
 Zwete Knoutereck 10/45
 D'AL an Zuelen ... mat kuerzem Réckbléck 11/36
 Eng Emfro 14/46
 10 Joer AL 13/ 1
 Är Adressen ...op Lëtzebuergesch 11/34
 Belsch – Lëtzebuerg 5/31
 Knoutereck oder eng Nues voll fir dës an déi...! 9/42
 100 Joer Renert 1/25
SCHMIT Emile / KLEES Heng
 Statistesch: Iimfro iwwer Eis Sprooch 8/35
SCHMIT-MULLER Marion
 Méng Mamm 17/39
SCHOLER Bob
 Lëtzebuerg 17/59
SCHONKERT Guy (G. Sch.)
 Oktober 11/28
SCHROBILTGEN Guy
 Looss se schnëssen 13/42
 De Schlasshär vu Mierzeg an de Pierchter 11/26
SCHROEDER Jean-Claude
 Kiirmesméindeg 10/15
SCHROEDER Pauline
 U Recken (Miersch) 10/13
 Dem Patrick séng Spiichten 8/30
 Sou laang 9/14
 Kannereg Iddien an eng gescheit Kou 6/37
SCHROELL Alice a Gaby
 Muergesgebiet 17/66
 Owesgebiet 17/66
 Psalmcn 10/29
 Religiéies 18/39
 E Gebiet aus der Fondatioun 18/60
SCHWAB Fr.
 Eng al Geographie erzielt 7/25
SCHWAB Fr. / SCHMIT J. P.
 O Helleg Anna 13/45
SCHWAB Franz
 Zwehonnertjoerfeier an der Léiffraeporzou Lëtzebuerg 9/18
 Erënnerungen aus der Stad Lëtzebuerg 10/16
 100 Joer öffentleche Persounen-transport an der Stad Lëtzebuerg 4/19
 De Georgely 6/31
 Historesch Insingnen vun der St.-Anna-Brudderschaaft 13/44
 Brudderschaaften am Herzogtum Lëtzebuerg 8/16
SIUDA Robert
 Elauter Froën 11/13
 Méng Mamm 12/24
 E Vergläich 12/24
 De Renert a säi Kolleg virum Geriichtsgebai 13/47
 Iwwer d'Wourécht 13/42
 Klenggeketen 18/27, 17/37
 D'UNICEF-Lidd 17/38
 E Joersdag 12/24
 Et gët e Wuert 18/33
SPOOC M.
 Heemechtssprooch 1/17
STOLL N.
 Weimeschhaff 9/20
 Fetschenhaff an Cents 9/21
 Feldzetären 8/47
 Blesséiert oder presséiert? 9/22
THEIS-KAUTH Jeanine
 Requiescat 15/58
 Am Zeeche vum Skorpion 15/49
 De Cache Pot 14/37
 Em Allerscélen 14/37
 Kräisch nët an enger Stad 14/37
 1981 – Däi Joer 14/37
 De Summer ouni Rousen 16/15
 En eidelt Blat 16/18
 Den Ufank 12/35
 Fréijoersgléck 12/37
TOURNEUR Alex
 Mäi Lëtzebuerg 17/59
TOUSSAINT Fernand
 Iwwert e Kräizmaacher vu Guedber (M. Schergen) 11/04
 Iwwert d'Schéireschleffer aus dem Pafendall... 10/25
TRAUFFLER Hary
 Den Aach voller Schold hun: Érgänzong 3/17
WAGNER Auguste (W.)
 Spréch a Riedensarten 7/ 4
 Vum Paschtouer Dupont 8/27
WEBER Jean
 M. Rodange: Renert: Notizen an Ännerungen an der L.E 1/ 5
WEIMERSKIRCH René
 D'Madame an hire Mippchen 14/17
 Hoppla 2/18
 D'Télévisioun 5/14
 D'Seeche vum Krëschtbeemchen 5/16
WEIS Wëllem
 Eng Rous 5/18
WELCH Liliane
 Mir sin e klengt Land 9/30
WENDEL T.
 Biisser Wierkstat: IV Cabaret (Auszuch) 6/15
 Kauderwelsch 6/16
WEYRICH Aloyse
 Ried 17/24

WINANDY C. (C. W.)

D'Beddelschnidder 13/25
 Erleifnësser aus schroët Zäit

12/3, 11/23

Virun 30 Joër: D'Schéisserel vun
 Heischent 4/ 7
 Kuljes Jing 5/22
 Der aler Festong 2/12
 Eng Pilgerfaart an d'Oktav an alles wat
 derzou gehéiert 15/31
 Dër Stad 5/41

WIRTZ René

De Comité «Lëtzebuergesch an der
 Kiirch»... 11/33

WOLTER Laure

Rapport vun der GV vun der AL vum
 14.3.1981 12/47
 Rapport vun der GV vun der AL vum
 25.1.1975 6/3.DS
 Rapport vun der GV vun der AL vum
 24.1.1976 7/55
 Theatersaison 1980/1981 13/53
 Theatersaison 1978/1979 10/61

WOLTER Laure / RINNEN Heng

Theatersaison 1961/1962 14/58

Aus der AL 6/50
 Concours fir Kannergeschichten

15/53

Déi al Nimm vun de Méint 5/32
 De Rousekranz op lëtzebuergesch

12/34

Den Nowuess schreift 17/49
 Dicks: Gebuerts- an Doudeschäin

3/2.DS

Eis Spéngel 16/23

Eng Kurs 16/24

Eng Première (Walziedel) 17/69

Eng aner lëtzebuergesch Hochzäitskaart

16/14

Fir ze buschtawéieren 13/36

Gesellschaft ouni Gewënnzweck

16/30

Gléckwësch Haff 12/2.DS,
 13/2.DS, 11/2.DS, 9/1, 7/2.DS

Gratulatioun Ry Boisseaux 11/40

Kannerreim 8/31

Kannersprechelcher 13/29

Korrektur N° 10 11/48

Korrektur N° 11 12/46

Korrektur N° 5 5/3.DS

Korrektur N° 8 9/52

Korrektur N° 9 10/63

Literatureconcours 1981 (Laureaten)

13/48

Lëtzebuergesch Schrëften op de

Klacken 8/37

M. Rodange: Gebuerts-, Daf- a Stierfakt

2/ 1

M. Rodange: Renert: Facsimilé

2/ 3

Mathias Schou: Daf- a Stierfakt

4/2.DS

Menüen op lëtzebuergesch 7/54

Mir krute geschriwwen 3/12

National Identitéit (Motioun)

12/ 1

Nationalsouscriptioun «Gëlle Fra»

16/23

Opruff fir nei Theaterstécker fir

d'Kanner 3/20

Protest a Fuerderung: Eis Positioun

16/45

Rapport vun der GV vun der AL

vum 10.3.1979 10/64

Rapport vun der GV vun der AL

vum 11.2.1978 9/62

Rapport vun der GV vun der AL

vum 22.1.1977 8/33

Rapport vun der GV vun der AL

vum 22.3.1980 11/35

Rätsel 15/64, 16/45

Schlofliddchen 13/36

Schnoken 5/21

Siwebiirgesch – Lëtzebuergesch

4/22

Spréch 5/32

Spréch iwwer d'Shof 12/21

Statistesch: Annoncen op

lëtzebuergesch 1974-1977 9/47

Statute vun der AL 1/37, 9/63

Stroossennimm zu Habscht 16/19

Stroossennimm zu Äischen 17/23

Theatersaison 1979-1980 11/38

Theaterstécker 13/55, 11/38
 Theaterstécker vum Robert Clee

14/57

Uertschafts- a Stroosseschëlter 7/24

Wéi schreift ee lëtzebuergesch? 1/39

Wat huet d'AL bis elo erausgin?

11/48, 12/48, 9/52, 14/72, 8/34, 15/64

16/46, 17/72, 10/64

Gil Mandy

Modern Musek

Nët datt ech eppes géint déi modern Musek hätt. Och nët géint Komponiste vun esou enger Musek. Beileiwen nët, et gët och ënnert hinne fci Leit an si maache jo wat si kënnen. Si gi souzesoen hiirt Meescht an hiirt Bescht. Esou Leit soll een nët gaangs verdamen. Wéi huet eise Kulturminister dach esou schéin um UKW gesot: »Et kennt op d'Aktioun, nët op d'Qualitéit!« Wuppdech. Dat wor den Nol mam Zouschléischhammer op de Kapp getraff. Ilien, den Här Minister, huet mat dësem historieschen Aussproch eng ganz Rei Leit frou a stolz a glécklech gemat. 'T as nëmme en dauere Schued, datt eisen UKW am Auslaund nët gelauschtert oder verstanen gët. Et sief dann.

Duerfir as dann och alles, wat elo esou komponéiert gët, als Konscht ze bezeichnen. (Dat gëlt natiirlech dann och fir alles wat gemoolt, geschriwwen, skulptéiert, gebastelt oder soss fabrizéiert gët. Mä bleiwe mer bei der Musck.) Wéi ufanks gesot, ech hun näischt géint déi sougenannt modern kllassesch Musek. De Misär as nëmme datt ech, wéi ech op d'Welt kouw, (bestëmmt) aus Versinn nach e puer aler Ouere mat krut oder datt mir de Kapp ze fréi zougewuuss as. Duerfir hun ech och vläicht nët de richtege Verstocsdëmes fir si an duerfir sin ech nët besonnesch frou mat hir. An dach, heiandsdo as esouguer eppes dran wat engem gefale kann, an nawell onheemlech gutt gefale kann. Dir gleeft et nët? Abec, da waart. Ech beweisen iech et elo gläich.

Dësleschter owes wor och esou e Stéck um Programm am Radio. Fir d'ëischt emol hun ech dee Mann, deen d'Stéck gemat huet, ferm bewonnert. Wat deen sech do eng Aarbecht gemat hat! Zomol wann ee bedenkt, datt dee gudde Mann sech et villeg méi liicht hätt kënne maachen. En hätt nëmme brauchen dat op Band opzehuelen wat den Orchester fräiwëlleg mécht, zéng Minutte laang, éier de

Monni mam Bengl («Taktéierbengclchen» huet de gudde Pol Albrecht getréischt ëmmer gesot) kennt fir déi Borschten ze bännegen. En hätt dann nëmme méi brauchen engem Hond heiandsdo op de Schwanz ze trëppelen, engem Hong d'Plaumen auszerappen, engem kazgeckege Kueder säi Liddchen (zwanzeg Strofe mat Refrain) anzeflechten, mat enger Feil iwwert e raschtegt Stéck Blech ze reiwen, vun Zäit zu Zäit zéngmol hannerteneen op eng Schell ze drécken (dat as wéi et schéngt ganz originell), en hätt dann dat Ganzt eng Grimmelchen duerchernee gerëscelt (technesch as dat jo kee Problem) a fäerdeg wir de Lack gewiescht. Mä neen, de Mann hat dat alles schéi propper op Noutepabeier gemoolt. Wann ee bedenkt, wat fir eng Aarbecht! Ower ech kenne jo och näischt dodervun. – Mä dun hat de Komponist eng wonnerbar, ech géif bal soen eng genial Iddi. Am Stéck kouw op eng Kéier eng Paus! Sechs, siwen, aacht Sekonne laang. Ech kann iech soen, et wor e Genoss. Esou eng schéi Paus hat ech mer nët erwaart. Ech hun op déi nächst direkt gegumst. An et kouw och eng. An dun nach eng, an dun nach eng, eng ganz laang. Mä dat wor egentlech keng méi, well du wor d'Stéck criwwer. – Abec, dir kennt mir es roueg glewen, déi Pause woren esou schéin, ech géif gär behaupten, si woren dat Schéinst an dat Bescht vum ganze Stéck.

An elo froen ech mech nach ëmmer: Fir wat komponéieren déi modern revolutionär Komponisten nët emol Stécker mat clauter Pausen? Dat wir dach eng Iddi. Oder nët?

Monique Hermes

Deemools

Wann ech eis Kanner esou kucken, da fannen ech ëmmer, datt hinne bal all eppes ofgeet....

Necn, verstitt mech jo nëmmen nët falsch! D'Kanner hun haut alles, wat se brauchen: e schéint Zëmmer, vill a moudesch Kleder, méi wéi genuch z'essen, de Schlappokino, all technesch Apparaten, déi een sech nëmmen denke kann, Spiller, bei denen een sech als Erwachsenen ustreng muss, fir iwverhaupt nozekommen, an eng tip top »organiséiert« Fräizäit mat Club a Veräiner, wéi se och ëmmer heeschen....

Dir gesitt selwer: Et geet eise Kanner gutt, an ech soen dach, et géif hinnen eppes felen....

Wat? Dat kann ech Iech nët esou direkt erklären, mä ech probéieren, Iech eng Geschicht ze verzien, eng Geschicht, déi richtig geschitt as....

Do musse mer da, fir unzufänken, emol eng gutt Parti Joren zréck dréinen.

Wéi ech op d'Welt kouw, waren d'Zäiten nach guer nët esou roseg wéi haut. De Krich war nach guer nët esou laang eriwwer, an d'Leit hun sech vill geplot, fir hir Kuuscht ze verdingen.

Mäi Papp war Schmelzaarbechter. Hien as all Dag vum Duerf un der Atert bis an de Minett schaffe gefuer. Dat war deemools nach eng Weltrees. Gence zwielef Stonne war hien ënnerwee, mat der Schaffzäit, natierlech.

Mäi Grousspapp war Schouster. Vlächst as dat dat alleréischst, un dat ech mech iwverhaupt erënnere kann: Eis Bakes oder méngem Grousspapp säin Atelier.

D'Bakes, well et stoung och e Bakewen dran. E Backewen, an deem méng Groussmamm esou ongeféier all zwou Woche Brout gebak huet, a wa Kiirmes war, och alt emol e Kuch.... Eleng de Geroch vun deem frësche Brout do, dat war schon en Dram! Awer, wat

mech besonnesch intresséiert huet, war d'Broutschéiss. Dat Dénge wat e gutt Stéck méi grouss wéi ech, an ech hun et gefaart wéi Fixfeier!

An der Bakes, dat heescht a méngem Grousspapp séngem Schousteratelier, stoung och e Kolonnenuewen. Am Wanter war et dobäi esou richtig gemittlech. Am Hierscht goufen Äppel drop gebroden an et gouf och alt emol Téi drop gebraut; all méiglech Zorte vu Kraider, déi mäi Grousspapp aus dem Bësch oder vum Feld matbruecht hat. A virum Kolonnenuewe louche ganz dacks Pflanze fir ze dréchnen: Haartnol – domat goufe bei eis esou ze soen all Wonne geheelt – Peffermënz, Lannebléien, a wat weess ech....

E Wuert vun der Schousterbänk muss ech och nach soen. Et war ménger werrech eng einfach, hëlze Bänk, well mäi Grousspapp as jorelaang dermat um Bockel op d'Nopeschdierfer schaffe gaang. Bei der Bänk – mir hun se haut nach – hun ech e gudden Deel vu ménger éischer Kannerzäit verbruecht. Do krut ech all Mäercher a Sejercher verzielt. D'Seeche vun der roudier Geess huet mer am beschte gefall, well mir haten déi Zäit nach selwer eng Geess. Si stoung an engem klengen Ställe jhust hanner der Schousterwierkstat, an ech konnt mer guer nët virstellen, datt déi rout wär....

Bei der Schousterbänk hun ech eppes vun der grousser Weltgeschichte geléiert, laang, éier ech iwverhaupt an d'Schoul goug. Datt den Napoleon e grousser Käser war, konnt ech scho mat e puer Joër nosoen, an d'Fransousen hun ech och kannt, grad wéi d'Preisen, och wann ech nët wousst, wou déi eng a wou déi aner wunne géifen.... Vum Krich krut ech verzielt a vum Hitler. Ling Kéier soll ech gesot hun, da wär den Hitler jo bal esou béis wéi den Däiwele gewiescht....

Dat alles bei der Schousterbänk, hanner deer mäi Grousspapp och mat 80 Joër nach Schong gemaach hat; Schong aus echtem Lieder, dat en zou Ettelbréck bei engem Judd kaaft huet. Ech hun nogekuckt a gelauschert, stonnelaang. Ëmmer crëm hun ech d'Lieder geroch. An eppes woussst ech ganz genec: wann ee mat enger Sëll spilt, da kann een sech emol zolidd picken....

Eng Kéier hat mäi Grousspapp mech mat op Ettelbréck geholl, fir Lieder ze kafen, bei de Judd, wéi gesot. Awer dat war Iech vläicht eppes! Mir si mam »Jangeli« gefuer. De »Jangeli«, dat war deen Zuch, oder besser gesot, deen Zichelchen, dee vun 1890 bis 1953 vun Näerden op Maartel gefuer as. Siwe Waggoën an zwou Lokomotiven, dat war séng ganz Garnitur.

Ech hun de »Jangeli« gutt kannt. Wa méng Mamm mat mer spadséire gaang as, hu mer dacks bei der Bunn gewaart, bis dass de »Jangeli« vun Hueschtert crofkoum. Dat war esou am Nomëtteg. An dann hun ech vu Freed an d'Iänn geklappt, well d'Lokomotiv extra fir mech gepaff hat! Kee Wonner, well eisen éischten Noper, de Louis, as jo drop gefuer!

Eng Kéier, et war matzen am Wanter an et loug héije Schnéi, stoung mer och do op de »Jangeli« ze waarden. Du koum e ganzen Trapp wëll Schwäin d'Bunn crof glaf. Méng Mamm war erféiert, mä ech hun et schéi fond. Wéi gesot, déi éischt grouss Rees mam »Jangeli«, déi éischt, un déi ech mech ganz genec erënnere kann, goug op Ettelbréck. Si soen, ech wär soss nawell e quiescht Kand gewiescht.... Ech weess awer, datt ech deemools am »Jangeli« brav ewéi en Engel war. Et goug einfach zevill ze kucken: déi héich hëlze Bänken, déi vill Léit, déi ech nët kannt hun – een Iär hat mer esouguer e Stéck Schockela gin –, an dann dat flott Gestuckels! An all dat Ncit ënnerwee.... Ech woussst nët, wouhin datt ech fir d'éischt kucke sollt....

Zu Nærde si mer an en aneren Zuch geklomm. An engem Bësch direkt hanner Näerden huet mäi Grousspapp mer déi bleche Bude gewisen, an denen nach am Krich Lom-

pekréimer gehaust hätten. Weider goug et duurch Bëscher, laanscht Wisen an duurch Dierfer. An deem groussc Schlass dohanner, do géif d'Groussherzogin wunnen, dofir wär de Fändel drop, sot mäi Grousspapp e bëssche méi wäit. Duerno hun ech d'Kolmer Schlass aus der Zeitung erausgeschnidden. Ech woussst jo elo, wou si wunne géif....

Wéi mer op Ettelbréck koumen, konnt ech mer es einfach nët zoukommen: Esou vill Haiser, vill méi wéi doheem! A kee Bësch, keng Wisen, wou ee kraude goe konnt, well ech war gewinnt mat Bëscher, Wisen a Fieder. Mä doriwwer eppes méi spët!

Elo stellt Iech vir, dee Judd, vun deem mäi Grousspapp säi Lieder krut, dat war e Mënsch wéi mir! An ech hat mer weess wonnesch virgestallt! De Jcsus wär och e Judd gewiescht, hat mäi Grousspapp mir gesot, wéi en eng Kéier mat mer an der aler Hellegelegend an der Bakes geblidert huet. Wéi mer dun owes heemkoumen, a wéi ech am Bett nach biede sollt, hun ech zu ménger Mamm gesot, ech wéisst elo ganz genec, wéi de Jesus ausgesin hätt, an si soll dach dat Bild iwwer méngem Bett crofhuelen. Dat wär dee falsche Jcsus....

Ech hat gesot, datt mer déi Zäit doheem eng Geess haten – »Mc« huet se geheesch – an ech konnt déi Mëllech, déi si gin huet, jo fir d'Baschten nët drénken. Mä domat nët genuch: Mir haten och noch Hinger, Hunnen, a wann et un der Zäit war, eng ganz Hickecht Jhippelcher. Ech konnt knaps op méngen zwee Been stoen, du huet mäi Grousspapp mech matgehall, wann d'Hinger gefiddert gi sin. Se erzielen, ech hätt de ganzen Dag »Tomm, Dick, Dick, Dick,« gesot, fir ze weisen, datt et elo erëm Zäit wär fir d'Iinger. E bëssche méi spët hun ech dann all Dag d'Är opgehuewen. Datt dat och alt emol eng Omelett gin as, versteet sech vum selwen. A virun engem Festdag oder virun der Kiirmes hun ech ménger Groussmamm gehollef, d'Hénger fir d'Paschtéitefleisch plëmmen. Ech woussst, wéi dat goug: Eng Kéier an d'waremt Waasser gezappt an da lass!

An dann hate mer och nach dräi Kazen: de »Schwärzi«, de »Wäissi« an den »Alen«. Den »Alen«, dee war vill méi al wéi ech. Mä Papp

sot ëmmer, d'Kaz wär schon al gewiescht, wéi hien an d'Haus komm as.... Et sief dann! Wat sin déi arem Déieren eppes vu mir gehëltert a getëltert gin! Ec Gléck, datt se gedëlleg waren an nët schwätze konnten! Eng vun hinne sollt eng Kéier aus dem Kicheschaft déi zwou Tranchen Ananas, déi fir mäi Papp versuergt gi waren, wann dee vun der Aarbecht heemkëim, gefriss hun.... Do soll ee soen! An ech krut dofir den Deckel gefeet, nët weinst dem Ananas, mä weinst dem Léien....

A Kanéngercher huet mäi Grousspapp gehal, alt 20 oder 30 Stéck. Fir déi Kanéngercher si mir zwee da kraude gaang. Dobäi hu mer och alt emol Kraider fir Téi, oder eng Läsch oder Päerdsbier mat heem bruecht. Esou hun ech d'Gewan mat hire Pflanz an de Bësch kenne geléiert. Och d'Flouernimm gouf mer geleefeg, well mäi Grousspapp huet se all gewousst.

Um Feld hat besonnesch d'Feiersteng mer et ugdo. Ech konnt mer awer guer nët virstellen, datt een domat Feier maache kënnt, bis ech mer eng Kéier mat hirer zwéin d'Fangere gutt gequetscht hat. Dat huet gepeffert wéi l'feier!

Ech kënnt nach stonnelaang weiderfuere mat Zielen: vun doheem, wa Quetschkraut oder Äppelbrot gekacht gouf; vun den Uchten, wa mer mat Nöperen zesummen an ciscr klenger, heemlecher Stuff souzen – ciei hun ech eng gutt Parti vun dene Kannerlidder, déi den Dicks schon 1857 opgeschriwwen hat, geléiert – an et all Kéier decken Zodi gouf, wann ech schlofe goe sollt; vum l'erd, weinst deem ech ni op der Mëttesrascht bliwwe sin, well ech him hu missen hëllefen, (de l'erd huet an enger Gärtneri geschafft, an dee Gärtner hat ee grousst Stéck direkt nieft eise Haus); vum Léopold séngem Päerd, dem »Biddi«, op deem ech alt emol »geridde« sin....

* * *

Dat alles war deemools.... Deemools, wéi all Mënsch nach gutt Zäit hat, a wéi d'Gemitt nach gezielt huet.... Zäit, déi haut an eiser techniséierter Welt dach esou knaps gin as, a »Gemitt«, wat fir ee Wuert as dat dann an

enger Zäit, wou alles nëmmen op Leeschtung getrimmt as???

All dat, wat ech deemools geléiert hun, steet a kengem Schoulbuch. Mä et war eppes fir d'Liewen. An ech fannen, dass et immens wichteg war....

Verstitt Der elo, fir wat datt ech méngen, cisc Kanner géif bal all eppes ofgoen???

Emely Arnoldy

August, de Karschnatz

Lo dréit all Fi hir gëlle Kroun,
de Karschnatz as nees do.

De Bauer kritt emol säi Loun,
fir all séng Méi a Plo.

Mä d'Wieder spillt zu gudder Lescht,
beim Karschnatz eng grouss Roll.

De Méidrescher dee méit an drescht,
an d'Säck gi schlubber voll.

An d'Käre sin all déck a giel,
lo leide mir keng Nout.

De Möller muelt doraus gutt Miel,
de Bäcker dee béckt Brout.

Lo as och Léiffrakrautwëschdag,
e Fest apaart wéi keent.

Da gët de Krautwësch nees gemaach,
an an der Kiirch geseent.

An eiser Haaptstad as vill lass,
lo fret sech d'ganz Natioun.

"I' as d'Zäit, wou d'Schueberfouer as,
e Fest mat Tradition.

D'Leit kommen all vu no a fä,
den Entree as jo fräi.

Op Bürger, Bauer, Knecht an Här,
jiddreen as gär derbäi.

An owes gët et scho méi frësch,
an d'Nuecht as éischer do.

Eng Anong geet duurch Feld a Bësch,
den Hierscht réckelt méi no.

August, 1984

Notizen

D'Produktivitéitszentral huet dëst Jor erëm zwéi Schreifcours fir d'Lëtzebuergesch organiséiert. De Léiermeeschter wor den Heng Rinnen. An dene Cours waren all Kieler ronn 20 Leit an allen Ecken vum Zenter an dem Süden vum Land, déi duurcheweich bis un d'Enn ausgehalen hun.

Fir dëst Jor sin erëm Coursen, fir Lëtzebuergesch ze léieren, ugekënnegt, nei derbäi an datt ee vum H. Klees iwwer eis Gebräicher gehale gët, fir déi déi ewell engegermoosses Lëtzebuergesch kënnen. Se sin all freides vum halwer dräi bis halwer fënnf a gin den 28. September un.

Zu Betebuerg wor Enn 1985 esou e Cours gewiescht, deen d'Kulturkommissioun vum der Stad Betebuerg organiséiert hat.

D'Produktivitéitszentral kënnegt een neie Cours fir den Hierscht un, doriwwer kritt een Ausstreck um Telefon 48 98 48.

Zu Péiteng an vum halwe September och esou e Cours.

De Lex Roth bréngt säi »Këppchen fir eis Sprooch« am »Lëtzebuergesch« Wort. – De Robert Siuda an am »tageblatt« mat sänge Véierzeiler ëmmer um Dill. Am »Journal« mécht den Fm. Schmit säin »Fick Lëtzebuergesch«.

»Maria Tréischterin biet fir ons«, steet op der Decke Klack vum der Kathedral.

Den 26. Juli 1986 freet en Nic. Steichen an engem Bréif un d'Lux. Wort, wat fir Kriterien et wire fir beim UKW-RTL ugstellt ze gin. Sou ganz Onrecht huet hien nët, wann en sech beschweiert. Et an wirklech en Dauer, wat een do heiansdo héiert. Et misst een dach unhuelen, datt een, wann een esou enzwousch an, d'Nimm vum den Dierfer géif wëssen,

ofgesin emol vum der Sprooch, déi alles Aneschteres an ewéi engegermoosses uerdentlech Lëtzebuergesch. Et geet nët duer, wann ee gutt englesch, franséisch, souguer italiénesch an portugiesch kann, et an och néideg Lëtzebuergesch ze kënnen.

Am »Lëtzebuurger Land« (11. 7. 1986) entzénnt e »Kiebitz« sech ënner dem Titel »Roud, wäiss, blo?« fir wat, datt op eise Nationalfeierdag sou wéineg Fändelen opgehaange géife gin. Wéivill stin der nach riicht, wann d'Hemmett gespilt gët, an wéivill kënnen an wëllen se nach matsangen? ... 't an scho gutt, wa se nët weiderfuere ze schwätzen an ze knätschen. Da's skandaléis... Vlächent kënnen d'Gemengen dene jonge Koppelen e Fändel als Hochzeitscadeau schenken... Et wär héich Zäit, oder hätte mer gär, datt d'Ausländer bei eis mam gudde Beispill gänge virgoen. Well bei denen hun och eise Fändel scho méi wéi eemol op engem Lëtzebuurger Feierdag gesin. All Respekt!...

Wouriwwer ech awer dëst Jor och nach schrecklech rose war, an, datt e ganze Koup Gemengen sech op dem laange Weekend vum 23. Juni näischt Besseres konnten afale loosse, wéi den Nationalfeierdag schon 2 an 3 Deg virduen ze feieren... Ech hale gutt, datt een um Virowend feiert. Eppes Anescht dierf awer nët erlaabt sin, esouguer da bleift een deen Dag duerno bei eis am Land, well wa mer wëlle Lëtzebuurger sin an bleiwen, gehéiere mer op den Nationalfeierdag – wann et nëmmen iergendwéi méiglech an – guer néierens anescht hin...«

Den 28. Juni 1986 si Lëtzebuurger Autoren, ob se däitsch, franséisch oder lëtzebuergesch schreiwen, an der Theaterstiffchen zu Esch beienee gewiescht an hun e Lëtzebuurger

Schreiftstellerverband gegrënnt. Dee Verband soll sech fortun ëm déi berufleech, sozial, juristeschen a kulturell Saache vun den Autoren këmmern a se verdelegen. Den éischte Comité gouf du gewielt, fofzeg Leit hate sech bis deem Dag gemellt. Aus elf Kandidaten goufen déi hei gewielt: Roger Manderscheid, President; Lambert Schlechter, Vize-president; Rolf Ketter a Georges Hausemer, Sekretären; Jean-Michel Treinen, Caissier; Astrid Bastien-Schmit, Rosmarie Kieffer, Jhemp Schuster a Robert Gollo Steffen si Membren. Caissekontrollere sinn de Guy Wagner an de Georges Penning. Et sinn Aarbechtsgruppe geschaf ginn, déi sech mat Honorarfröhen, engem Schreiftstellerrot, enger Veräinszäitschrëft, engem Verlag, Liesungen, Workshops an internationalen Kontakten befassen. D'Cotisation ass 200 Franc de Mount. Ween sech derfir interesséiert, kann un den LSV (dat ass d'Offiziierung) schreiwen, B. P. 250, L-4003 Esch Uelzecht.

Virun dräi Jor hat de PIUS-Verband gefrot fir Texter a Lidder mat reliéise Motiver ze kréien. Et sinn dofir 400 Saachen ageschéckt ginn an den 12. Juli 1986 sinn d'Präisser verdeelt ginn. Dee Kongkur wor an dräi gedeelt, d. h. et konnt een Texter op lëtzebuergesch aschécken (Kategorie A); et konnt een Texter vertounen (Kategorie B); a fir d'lescht konnt et vertount Texter op lëtzebuergesch sinn (Kategorie C). Vu 410 Stécker kruten der 38 e Präis, déi op enger klenger Feier am Konvikt verdeelt si ginn a wou den Äerzbeschof J. Hengen an de Raymond Weber vun de Kulturellen Affären derbei waren. – D'Actioun Lëtzebuergesch wor och geruff ginn, mee aner Ursache wor schold drun, datt keen do konnt sinn. Jiddefalls gratuléiere mer denen alleguer déi e Präis kruten, an denen anere soe mir och merci, datt se matgemaacht hun.

Vun dene 410 Stécker kruten déi hei 38 e Präis:

Kategorie A (Text): Tun Gonner, »Du hues mir mei Lieue ginn« (1. Präis); Emile Ludwig, »Du Gottmënsch« (2. Präis); Erny Eyvart, »Wouhin?« (3. Präis); Sr Irma Hellbach, »O Här du bas de Wee« (4. Präis); Alice Fisch,

»Ech hu versot« (5. Präis); Emile Borschette, »Hellech Mass« (6. Präis); Gust Flamman, »Tas Jesus, dāi Frënd« (7. Präis); Jhemp Rollinger, »Lëtzebuergesch Mass« (8. Präis); Abbé Camille Minette, »Christus lieft« (9. Präis); Léa Fischbach, »Papp am Himmel« (10. Präis); Jeanne Steichen, »Gutt Mamm vun eiser Hemecht« (11. Präis); Nobert Daman, »Eucharistiefeier zur 1. hellegen Kommunion« (12. Präis); Antoinette Delperdange, »Hergott am Himmel« (13. Präis); Pater Miller Hermann, »Du bas o Gott« (14. Präis); Jean-Pierre Neuen, »J.éift an Trei« (15. Präis).

Kategorie B (Melodie): Nicolas Schuh, »Bei der Krëppchen« (1. Präis); Norbert Hoffmann, »Consulatrix afflictorum« (2. Präis); Beby Kohl, »Krëschtliedchen« (3. Präis); Léon Lassans, »Un d'Häerz Jesu« (4. Präis); Hubert Hausemer, »Owesebiet« (5. Preis); Alex Wagner, »D'Mamm vum Jesuskand« (6. Präis); Henri Bausch, »Dem Kand säi Gebiet« (7. Präis).

Kategorie C (Melodie und Text): Erny Eyvart, »All zesummen« (1. Präis); Nicolas Schuh, »Lëtzebuergesch Mass« (2. Präis); J.-M. Kieffer, »Hergott virun dāin Altar« (3. Präis); Gritty Weydert-Kariger, »Un d'Ireischterin« (4. Präis); Pater Miller Hermann, »Psalm 22« (5. Präis); Sr Monique Hoffmann, »Maach dir keng Suergen« (6. Präis); Jean-Pierre Neuen, »Maria Treischterin« (7. Präis); E. Osbonne-Werner, »Gebiet fir de Fridde« (8. Präis); Claude Bache, »Gutt Patréinesch« (9. Präis); Lucie Birnbaum, »Gebiet« (10. Präis); Léon Useldinger, »Barmhärzeg Mamm« (11. Präis); Roby Schiertz, »Papp am Himmel« (12. Präis); Emile Ludvig, »Komm helge Geescht« (13. Präis); Jean Brunner, »Helleg Nuecht« (14. Präis); Philippe André, »Jesus, Jesus« (15. Präis); Hubert Hausemer, »D'Lidd vum Schalom« (16. Präis).

A Possen zu Bech-Maacher ass et dës Jor nees virugaange mat Lëtzebuergesch Oewer. De 26. Abrëll huet de Lex Roth vu Sprochmates a Sprochmates geschwat; den 28. Juni wor e Lidderowend mam Camillo Felgen; den 12. Juli huet de Loschen Heng vun de Kanner

aus dem Krich geschwat; den 20. September gët et »Dat elei an dat elo« mam Emmeli Cao-Foubert a Gast Foubert; de 10. Oktober stellt de Fränk Wilhelm de Victor Hugo vir, wéi dee sénger Zäit an der Kur zu Mondorf wor, an de 25. Oktober as et um Franz Holler mat Lidder a Musek; souguer de Schachclub Réimech war am September do.

D'Joffer Milly Thill as mat hirer Artikelserie aus dem leschte Krich am Lëtzt Wort nach ëmmer am gaang. Si erzielt einfach a riicht-cewech wéi si déi Zäit als Kand an als jongt Meedchen erlieft huet an hëllef domat, datt och déi »kleng Geschicht« nët vergiess gët.

De Kulturministär huet e Litteraturkongkur fir lëtzebuergesch, franséisch a däitsch Novellen, Erzählung oder Kuurzromanen, déi 50 bis 80 Säite kënnen hun, ausgeschriwwen. Iwwersetzungen an Adaptatiounen sin nët zougeloss. Et duerf een nëmme eng Saach aschécken an et duerf nach nët publizéiert sin. Den Termäin as den 30. September 1986. E Jury vun néng Leit gët vum Minister genannt. D'Texter gin nët klasséiert, mee déi Texter déi erausgesicht si gin, gi mat 50.000 Frang honoriéiert. Et as klor, datt den Text mat engem Pseudonym muss ageschéckt gin. Den Opruff wor op franséisch an den Zeitungen.

D'*Lëtzebuurger Land* huet de Karlspräis zu Ooch kritt. D'Eisebunnerfrënn haten en Extra-Zuch organiséiert fir dohinner ze kommen. An et sin der vill matgefuer. Et as awer gelungen derbei, datt doriwwer »gewitzelt« as gin. Sou am Lëtzebuurger Land, op der Säit vum »Ländchen«, wou de M.K. sech ameséiert fir d'Lëtzebuergesch eppes lächerlech ze maachen an hien eng fiktiv Ried vun engem Lëtzebuurger Parlamentarier simultan vun engem ARD-mann iwwersetze léisst. An der Remarque vun der Redaktioun heescht et sarkastesch (oder ironesch), datt fir d' x. te Kéier op e brennende Problem opmierksam gemaacht misst gin: soulaang eis National-sprooch op de groussen internationalen Dolmetscherschoulen nët gläichberechtegt

geléiert géif, misste mer drop gefaasst sin, datt mer am Ausland nët richtig verstane géifen. – Hei kann een och soen: de Spass an Éieren, mee zou wat soll dat féieren.

De Lex Roth profitéiert vun der Geleënheet fir op en etlech Sproochsënnen hincweisen (»ee Këppche fir eis Sprooch, Lëtzt Wort 7. 5. 1986).

Am tageblatt vum 1. März geet rieds (vum Paul Kremer) iwwer de Misär deen de klenge Jesus da Silva mam Lëtzebuurger Sproochdraach hätt. Et wir esou schwéier fir dee klenge Béifchen an eiser Schoul, e kéim nët mat virun, apaart well en däitsch misst léieren an en esou vill domat geplot wir. – Nun, dat mag wuel sin, mee si mir nët och geplot, wa mer franséisch musse léieren? Et sin der klenger »Romanen« och, déi séier kapéieren. – Ouni nach laang a breet op déi Argumenter anzegoen, loosse mer dat crëmgin, wat am Enn zesumme gefaasst as:

1) Lëtzebuergesch as d'Sprooch am mëndleche Verkéier op alle Gebitter a soll et bleiwen. D'national Identitéit hänkt drun. Mee vergiesse solle mer nët, datt dat Recht fir ze fuederen, datt Lëtzebuergesch geschwat gët, et och verlaangt, fir eis selwer, et am Dagdeeglechen ze respektéieren an nët ze verhonzen. – 2) D'Primärschoul bleift fir d'Lëtzebuurger Kanner wat se as. – 3) D'Primärschoul fir Kanner aus de mediterran-romanesche Länner stellt sech op franséisch ëm. – 4) Déi romanesch Mammesprooch gin an den Unterrécht cragcholl. – 5) Däitsch gët fir déi Kanner staark ofgebaut; passivt Verstoe geet duer; d'Fach- a Bildungs-Kentnesser gin onofhängeg vum Däitschkënn geléiert a gepréift. – 6) Lëtzebuergesch an nët lëtzebuergesch Kanner gin nëmme esou wäit wéi et néideg as getrennt ënnerriicht; eng flexibel Alternativ as voll ausenotzen. – Lérischt wann dat de Fall wir, da kënn de klenge Jesus hanneno nët méi mengen, et wir mat zwou Zonge geschwat gin, an e wir mam Däitsche schikanéiert gin, fir him dono am Liewen de Wee fir eng besser Aarbechtsplaz ze verwieren. – Souwäit kuurz, wat do geschriww

steet. Gewëss et as e kriddelege Problem, mee wéi mécht een et gutt fir et gutt ze maachen? Gët awer nët cppes iwwerdriwwen? Duerf een nët wënschen, datt d'Kanner aus dene Länner sech sollten dru gin, fir hei mat zu Wee ze kommen? Gin se nët iwwerfuedert, wa se an de fräie Schoulnomëtteger nach an hir »Schoul« musse goen? Hu se wëlles hei ze bleiwen oder nët? Mat den Italiéiner gouf sénger Zäit nët esouvill Gedäisch gemaacht: si se haut nët grad dat selwecht ewéi déi aner Lëtzebuerger? Wat maachen se an denen anere Länner? Hun déi aner Nationalitéiten dann nët och déi selwecht Rechter, Türken, Jugoslawen, Polen, Engländer, Chilenen, Asiaten an aner?

D'Coure fir lëtzebuergesch ze léieren hun elo och emol d'Éier kritt, fir mat enger Foto vun denen déi dra waren an d'Zeitungen ze kommen, wéi dee vu Péiteng, vu Schëffleng, Diddeleng.

An der Chamber freet de Charel Goerens den 18. März, ob et nët néideg wir, wann an der Schoul méi vun der leschter Zäit vun eiser

Geschicht geléiert géif gin. De Staatsminister J. Santer äntwert dorop, datt an der leschter Zäit en Hank fir déi däitsch Sprooch do wir, dorun hätt d'l'ëllevisioun wuel cppes schold an datt an der leschte Jore méi Studenten an Däitschland stodéiere géifen, dofir misst um kulturelle Plang vill méi op d'l'ëtzebuergesch gehale gin, fir et géint eng Degradatioun ze stäipen, Degradatioun déi uerg Konsequenzen, souwuel kulturell wéi politesch kënnent hun. – Op d'Fro vun dem Zougank zu den Archiven, do géif virgeschloen fir déi Zäit vun 1945 bis 1955 zougänglech ze maachen. Wann d'Referenze vun nazischten Archive méi dacks zitéiert wieren, da wir dat, well dovunner op all Gebitt deer aus Zäit deer do sin. Déi franséisch, englesch, belsch Archive iwwer de leschte Krich, d'Resistenz asw. sin nach nët op, derzou wir vill Dokumentatioun a privaten Hänn, et wir och nët dem Stat sénger Saach d'Geschicht ze schreiwen, mee et géif alles gemaacht fir deer Dokumenter beieneen ze rafen, souwuel mëndlecher wéi schrëftlecher.

Et as een och ganz verwonnert, wann een den 29. März 1986 an engem Brëif vum Jacques Dollar un d'»Wort« liest, datt »La Francopho-



Lëtzebuergesch-Cours zu Diddeleng

«...cst en danger». A séngem Bréif steet esou Munneches, wat een dach nët richteg glewe kann... D'Francophonie as a Lëtzebueerg kee Vernis wéi d'Géigner behaupten, bëiswëlleg, d'Francophonie, dat as dat wat den Ausdrock vun Intelligenz a vu Konscht as, se wir den Zesummenhank vun alle Franséischsproochengen, se hätt ni wëllen d'Traditiounen an dene Länner zerstëiereen, wou se gebraucht gët. Ween sech hei am Land géif mat dem sproochleche Phenomän ofgéif gin, misst dach gesin, datt et mam Lëtzebuergeresche ganz gutt wir, mee d'Franséisch wir elo ënnerdréckt. Et géif e kleng Krich ugefaange fir dem Mitterrand, dem Berlusconi eng auszewëschen, oder wéinst Kettenuewen, et wir eng Tendenz do fir engem d'Plésier fir op franséisch ze schreiwen ze huelen. Et wir Gefor an der Litteraturrepublik, well vläicht déi selwecht Elementer nach géife verbidden e Berri opzedon, et wir bal eppes ewéi bei den Nazië mat hirer »Entwelschung«. Deen Androck géif nach méi staark, wann ee gewëss Schrëftstécker géif liesen, déi fir ze gcfale ganz déif géife schloen a vun den Auteurs »Selbsterhaltungsdriif« genannt géifen, an domat a Wiirkelecheit bei deem engen oder deem aneren en Nationalissem erwäche kënten, deem an enger europäescher Communautéit nët op der Plaz wir. Wann d'Lëtzebuerger Sprooch méi wichteg wir wéi de Buedem op deem mer stin, da wir et awer iwwerhiefflech fir d'Franséisch wëllen z'ignoréieren, déi dach fir d'Verstoe mat deem Nopeschlänner, wéi ewell zu Arcl, zu Sierck oder Echternachbruck(sic) erfuedert wir. Wa mer déi friem Sprooche respektéieren – apaart déi vum Voltaire – da féiert dat derzou och eis Sprooch ze respektéieren an nët fir mat enger eise Staang als Hiewel z'operéieren. Eierewou hu mer gelies, datt d'Unitéit vum Mensch nimools méi räich wir wéi am Glanz vun der Diversitéit. – Sou wäit de Jacques Dollar, an esou wäit och dee Bréif zesummegefaast an iwwersat, wa mer en, hoffentlech, richteg verstanen hun. – Et freet ee sech awer nu, wourop de J. Dollar uspillt. Den Opruff vum Litteraturconcours 1986 as op franséisch, d'Riede vun der 50 Joërfeier vun der sproochwëssenschaftlecher Sektioon woron

allen zwou op franséisch – do hätt eee sech awer wéinegstens e puer Wuert lëtzebuergesch erwaart –, d'Gesetzter sin op franséisch asv., asv. Oder baséiert en sech op de »Këppche fir Eis Sprooch« vum l. r. »Mir francophon« vum 13. 3. 86? Wann dat de Fall sollt sin, dann huet en awer dernieft getrëpelt, well do gët jhust gesot, datt mir »Luxemburgophon« sin a soss näischt; mir sin nun eemol nët francophone, wann och d'franséisch, loosse mer et esou ausdrécken, eis Gesetzessprooch as. Et steet an deem Artikel: vum l. r. ... »Mir sollen iwwerall soen, datt Däitsch a Franséisch bei äis Schoul- a Verwaltungssprooche sin... an datt mer aus villen Ursaachen houfreg drop sin... awer grad esou ferm solle mir äis drop stäipen, datt mir äis ënnereneen nëmmen an enger eenzeiger Sprooch ënnerhalen – egal mat wem – an dat as d'Lëtzebuergesch, eis Nationalsprooch.

An engem aneren Artikel aus deer selwechter Serie vum l. r. steet: ... mir wëlle weder fanatesch all Franséisch an Däitsch aus eiser Sprooch erausgehien, nach op deer anerer Säit muttwëlles friem Wieder eranhuele, wou mir Ausdréck derfir hun... an domat, passons, seet de Koséng Ficelle.

Virun e puer Jor hate mer bei RTL ugeklappt fir um KW-Radioprogramm eng Véierelstënnchen ze kréie fir eis Landsleit an der Friem, déi emol gär eppes an hirer Sprooch vun doheem géifen héieren, siewen dat d'Leit déi an der Vakanz sin, siewen et der déi wäit ewech vun doheem schaffen a wunnen (musse). De Willy Bourg hat duerwéinst an der Chamber och eng Fro un d'Regierung gerücht. Hie krut déi selwecht Äntwert ewéi mir (vum Radio aus): »et as ze deier, et géif 500 Milliounen kaschten (fir Relais-en ze bauen, Conventiounen ze schafen asv., asv)«. Dobäi wir et dach vill méi einfach emol op Mëttelwellen ze probéiere fir déi, déi a Spuenien, Italien, Schwäiz, Frankräich an der Vakanz sin (oder liewen), et géif sech secher eng Weltfirma fanne loosse, déi d'Affär mat enger Reklam géif hëllefe finanzéieren.

maach gin. Et as eng Démarche iwwer de Week-end erfolgt...

18. März, Jean Goedert: datt de Stat finanziell obligéiert as ze participéieren... an datt si him déi noutwenneg Gelder zur Verfügung stellen, déi gebraucht gin... Et kann ee mat deem dispositif d'accord sin... de Stat wësst, datt een eng Autorisation de bâtir muss froen...

18. März, Robert Krieps, Minister: ...Dat dispenséiert awer de Stat net, le cas échéant, fir de Périmètre de protection ze maachen, dee sech jo wäitgehend deckt mat...

6. März, Edouard Junker: Wat as de finanzielle Montant, järelech gesi... wivill Persounen sin et, déi vun deem finanzielle Soutien profitéieren?... gin et och aner Assoziatiounen, déi eng demande gestallt hun a «faute de moyens» berücksichtegt gin?

25. März, Emile Krieps: Dat do huet mech befriedend bedréckt, wann esou eng Dispositioun an e Gesetz erakënnt.

René Hubsch: de Grad A12 gëtt net erwähnt.

Aus dem UKW... si hun mateneen ofgeschwat... de Prozess as vun de Schinne geroodeen... – en Iwwerfall perpetréiert... en as ofgereest... intentionnellement gemaacht... d'Urteil zu... geschwat... – e Merci ausgeschwat... – de Mitterrand mam Chirac ofgeschwat... – därft och Iech nach zu engem aneren Thema uschwätzen (Hei elei)... säi Schwéiersonn, Schwéierjong... se doen bis en Donneschdeg... d'Salz gouf ugeschwat (Hei elei) – Urteil geschwat... – Houschtert bei Nidderaanwen... et huet sech gelount... soss, wat hues de vir?... ee vun de Päpp... T.N.T. as héich gaang... e Problem, deen de Mucren ugeschwat gouf... – ...dir wäert staunen... e Feier lassgaang an ausgebrannt...

Mir »staunen« a wonnereen äis och.

Aus Reklammen... Präistorwandschéissen

Bréif un d'Redaktioun vun enger Zeitung, (5.7.86). Vlächtt kënn mer an dese waarmen Dég besser erahnen, wat et heescht... während

Wochen (Waasser) erbäischlefen... oft stonnelaang «queue» stoen... vun hirer Waasser-Reecette gëngen ofzweigen.

An engem Bréif un d'Redaktioun (19.7.86) vum «Wort» schreift de Gilbert Pfeffer e Saz (Die Diskreditierung der Naturwissenschaften) ... do gëtt fir friem Sproochen, *souguer vun der egener «Sprooch» souvill geschwat*, och vu Musek, Konscht a Geschicht, déi méi um Léierplang misste stoen, mee vun den Naturwëssenschafte géng keng rieds. – Sou gäre een och dem G. Pfeffer séng Menong ënnerstëtze kann, da verstie mer net esou liicht fir wat, datt en eis ege Sprooch tëscht Gänsefëssercher setzt.

Ee vun eisen treie Membren, de Schoulmëschter Tun Gonner vun Dikrech as a Pensioun gaangen. Hie wor 28 Jor laang zu Dikrech an huet an dene leschte Joren nach Owescoure fir lëtzebuergesch ze léiere gehalen. 1971 huet en e Buch erausgin: *Allerlee fir d'Schoul fir Kleng a Grouss*. – Loosse mer unhuele, datt en elo Zäit kritt fir «Eis Sprooch» nach méi ze stäipen. Mir wënschen dem Tun Gonner nach laangeg Gesondheet a Freed mat deem, wat him um Härz läit.

Et soll awer nach wéinegstens ernimmt gin, datt mer e Péitrus-Express, en Zichelchen hun, deen ouni Schinnen a mat dräi Voituren all hallef Stonn ënner deier neier Bréck fortfiert fir no 45 Minutte bis op d'Rumm an erëm ze kommen. Ënnerwee kritt ee fir 200 Frang erzielt wat d'Stad fir eppes as, an dat sou wéi een et gäre hätt, et sief op lëtzebuergesch, franséisch, däitsch, englesch an hollännesch. E püft net duurch d'Stroossen an en dämpft net; ja, hätte mir dach nach eng Kéier de Schareli an de Jhangeli fir op den Houwald eropzefueren, deen aner duurch d'Stad laanscht de Park op Dummeldéng an Echternach ze dämpfen an ze käichen. Mee trotzallem, e fiert, op Gummisrieder, a mir kënnen och de Noper weisen, datt mir hu fond, dee Wee an de groussen Touristebond. A wat wëlle mer méi!

Mir gratuléieren vun Haerzen dem Kochen Heng, dem Här Henri Koch-Kent, fir s'eng 80 Jor.

An der »gazettchen« am Lëtz. Wort (23. 4. 86) schreift de Raym, datt e verwonnert wor iwwer e Chinees a Frankräich, déi méi iwwer Lëtzebuerg wousst ewéi ech... – Hic kënnt sech grad esou wonnere, wann hie wéisst, datt d'A. L. vu »wäit iwwer d'Mier« geschriwwen kritt fir eppes iwwer d'Lëtzebuergesch gewuer ze gin an datt d'Japanesch Ambassade vun hei sech fir eis Sprooch interesséiert an esouguer Mëmbere vun der A. L. as gin.

Den 20. Januar 1986 sin zu Klierf d'Präisser fir Molerei a Litteratur verdeelt gin. Et waren 28 Theaterstécker déi de Jury (Pol Greisch, Alex Jacoby, Ed. Maroldt, Roger Manderscheid, Philipp Nosen, Marc Olinger, Jos. Wampach, Marie-Flore Weber an André Wengler) ze liesen an ze jugéieren haten. 17 wore 16 Stécker op lëtzebuergesch do drënner, néng op franséisch, dräi op däitsch. E Präis krut den Nico Helminger fir »Atlantis« an »Happy Birthday«, Jhemp Hoscheid fir »Nom Stéck«; Guy Rewenig fir »Die Holzwürmer«, an »Le collectionneur de femmes«; de Jean-Michel Treinen fir »De Jhoss an d'Freed op der Mauer«.

De Molerpräis krut de Fernand Bertemes. De Minister vun der Kultur, Robert Krieps, wor perséinlech do gewiescht an huet d'Präisser ausgedeelt an e puer Wuert geschwat. E. a. de Litteraturpräis as zënter 1977 do, ze luewe wir och déi Dräisproochegkeet, déi der Lëtzebuerg Situatioun géif entspreche, Lëtzebuerg hätt ze laang Mannerwäertegkeetskomplexer gehat op deem Gebitt, et wir z'iwwerleé wéi een dee Präis nach méi héich brénge kënnt duurch de Kulturfong, en huet d'Theatergruppe gelueft, déi mat dene neie Stécker eppes hätte fir ze spillen, an un den Tun Deutsch erënnert, deen esouvill fir de Lëtzebuerg Theater gemaacht huet.

Den 18. Januar zitéiert den rh. an der »Zeitung fir d'Lëtzebuerg Vollek«, datt de Mars Klein am Tageblatt geschriwwen huet »mir stin europawäit am Enn, wat d'Förderung vun der Litteratur ugeet« (4. 1. 1986). Um UKW huet de fréieren Direkter vum Escher Theater sech opgereegt: de Lëtzebuerg Theater, sot en, riskéiert, crém honnert Jor hannendran ze kommen, wa keng professionnell Trupp op d'Bee gcsat gët.

Mir wiren nët fair wa mer déi Artiklen vun de F. E. L. E. S. nët géifen ernimmen. (D'Actioun Lëtzebuergesch kritt hir Zäitschrëft nët, wat eis leed deet.) Mir mussen dofir aus den Zeitungne liesen, sou den 12. 7. 86 wann et heescht »D'Lëtzebuerg Identitéit erhalen. Eng Fuederung vun de F.E.L.E.S.«, dofir gouf eng Presskonferenz gehalen... duurch dat neit Nationalitéitsgesetz besténg d'Gefor, datt méi spéit d'Lëtzebuerg Nationalsprooch géif ofhuelen... och soll e Sproochdénkscht geschafe gin, fir nei Wieder ze kréien... De Republicain Lorrain titeliert: La F.E.L.E.S.: »l'aire front contre les immigrés à l'assaut de nos institutions« – Am Journal heescht et: Stärkere Förderung der Luxemburger Sprache gefordert. – Einige Aussagen geben Anlaß zu Bedenken.

D'F. E. L. E. S. huet op eise Nationalfeierdag Ziedelen ausgedeelt op deem gesot gët: Wat wëllt d'F. E. L. E. S.? An domat wësse mer et. Mir sin awer nët frou driwwer, glat a guer nët, datt Leit mengen, et wir d'Actioun Lëtzebuergesch gewiescht. Dofir, deen Ziedel, dee Brandbrëif kënnt ee bal soen, huet näischt mat der Actioun Lëtzebuergesch ze din.

Kaliberen.

Spill, Wäin a F'alcit,
déi liewe gär um grouss Fouss
a wien zevill mat hinne freit,
deem gi se gläich eng Mooss ze grouss.

Siuda Robert

Heemout 1936. – Si hun deemools vill Saache gewünscht, déi och haut nach ze wënsche sin.

1937 gouf de 6. Juni iwwer dat beriimt »Maulkorbgesetz« ofgestëmmt.

1942, zwete Weltkrich, Streik wéinst der Zwangsrekrutierung, D'Nazë faxen net, Leit gin erschoss, ëmgesidelt; schrecklech Deg; Kazett. De 17. September gin déi éischt ëmgesidelt; et waren deer ronn 32.000 déi ëmgesidelt a verdriwwen wor gin, ronn 6.000 sin net méi heem komm.

1942 as den éischteen Atomreakter zu Chicago gebaut gin.

1947 kënnt den éischte Band vum Jules Mersch sénger Biographie Nationale.

1947 gët de Siggy vu Lëtzebuerg den Lipos »Lucilinburhuc« eraus.

1951 as den Nic. Welter (den 13. Juli) gestuerwen; e wor den 2. Januar 1871 zu Miersch gebuer.

1952 gewënnt de Josy Barthel eng Goldmedail op den olympesche Spiller zu Helsinki.

1952 gët d'C. F. C. A. zu Lëtzebuerg installéiert; déi éischt Sëtzung wor am Stadhaus, President de Konrad Adenauer. D'héicht Geriicht gët am Dezember (10.12.1952) installéiert.

De 5. Mee 1957 as de geeschtleche Professor Arthur Schon vun eis gaangen, deen eis d'»Zeittafel zur Geschichte der Lux. Pfarreien (1500-1800)« hannerlooss huet.

1957 sin nach de Pierre Würth, vu Wuermeldéng an de Karl Lessel gestuerwen. De Pierre Würth as de 6. Dezember an d'Éiwegkeet gaang; hie wor e begeeschterte Mataarbechter vum Lëtzeburger Dixonär fir d'Miseleer Sprooch. De K. Lessel, den 22. Februar gestuerwen, wor grad esou e gudden Mataarbechter vum Dixonär, wor fréier Redakter am »Wort« a vun de »Landwirtschaftliche Mitteilungen«.

1961 de 15. September as de Siggy vu Lëtzebuerg, de Professor Lucien Koenig gestuerwen.

1962 gouf eisen Nationalfeierdag vum 23. Januar op den den 23. Juni verluegt.

1962 as déi nei »rout Bréck« do.

Den 19. Mee 1962 as d'Sektioun »Arts et lettres« geschafe gin.

Den 25. März 1962 verléiere mer den Abbé Joseph Hurt, 70 Jor al, en Theaterfachmann.

1962 as den 1. Juni de geeschtlechen Albert Steffen, e Geschichtsmann gestuerwen.

1962 stierft d'Mic Wingert-Rodenbour, déi eis d'Buch: Hépp weess Bescheed geschriwwen huet.

1967 koum den zwete Band vun der Lëtzebuerger Mondaartdichtung vum Fernand Hoffmann, Wierk dat séng bleiwe Plaz an eiser Sproochgeschichte huet. Et as schued, datt deen éischte Band zënter Jore vergraff, vum zwete sin der wéi et schéngt nach ze kréien, et géif ee wënschen, datt déi zwéi Bänn iwwerschafft a kompletéiert op haut an enger zweter Oplag erauskéimen. Wir et dann net un eise Kulturministère fir deer Saach emol nozegoen, zomol wou d'Virarbechten ewell fir een esou e Band souzesoe fäerdeg sin? As am Kulturfong näischt dofir dran?

1977 verléisst eis den Tun Deutsch, den Theatermann, nëmme 45 Jor al; e wor 1933 zu Jonglënster gebueren.

1977 stierft de J. P. Erpelding, den éischte President vun der Sektioun »Arts et Lettres«, gebuer den 8. Juli 1884.

1977 as deen drëtte Lëtzebuergeer Dixonär fäerdeg. 1950 koum déi éischt Liwwerung. Mat dene 5 Bänn as et e Wierk an deem eis Sprooch sou wäit wéi méiglech notéiert gouf a sech roueg nieft aner deer Wierker aus dem Ausland weise kann.

Den 18. März 1976 as den Nic. Margue gestuerwen, Professer, Minister. E wor 88 Jor al gin. Zu sénger Zäit als Unterrichtsminister hat hien d'Foltes-Margue Schreifweis offiziell gemaacht.

Den 20. Februar 1982 as den Hary Reiter gestuerwen, am Alter vun 88 Jor. Hien huet e puer Theaterstécker geschriwwen a wor en Hauptmann an der Nationalunioun Péiteng.

1986 21. Abrëll stierft de René Eiffes, Musécker, gebuer den 21.4.1914 zu Diddeleng. Hien huet fir 11 Revüen d'Musek geschriwwen, dernieft Märsch a Walze komponéiert. E wor de Jong vum Jean Eiffes, och e bekannte

Komponist a Musécker, dee viru 25. Jor, den 22. 7. 1961 gestuerwen as.

Mat grouse Manifestatiounen, Ausstellungen a Sätzungen as un de Robert Schuman erënnert gin, deen den 29. 6. 1886 a Clausen op d'Welt koum. Hien as de Papp vun der Montan-Unioun, der C. F. C. A., déi 1952 hire Sätz zu Lëtzebuerg kritt huet.

De Robert Schuman as zu Lëtzebuerg-Clausen gebuer den 29. Juni 1886. Sāi Papp wor de Jean-Pierre Schuman, 1837, zu Éiwréng, op der franséisch-lëtzebuergescher Grenz, e Grenzduerf, vir a Lottréngen; séng Mamm wor d'Eugénie Duren, déi am Elsass zu Kruth mat hirer Famill gelieft huet, wou de Papp Douanier wor, déi Zäit am Zollveräin mat Däitschland, vun hei dohi versat wor, gebuer zu Betebuerg. De Papp hat 47 Jor wēi e mat der Mamm, déi du 20 Jor hat, bestuet gouf. 1885 kommen se op Lëtzebuerg, wou de Robert Schuman op d'Welt kënnt. Mat zéng Jor kënnt de R. Schuman ewell an de Koléisch. Hie wor an deer Klass vum Jean-Pierre Erpelding. No der Première 1903 geet en op Metz, studéiert dono zu Bonn, zu München, zu Berlin. De 26. Februar 1910 as en Dr. jur., huet 1912 en Affekotébüro zu Metz. Séng Mamm stierft mat 47 Jor, den 30. 8. 1911, sāi Papp wor 1900 gestuerween 1919 geet en an d'Politik, as Deputéierten. 1924 keeft e sech en Haus zu Scy-Chazelles, wou e bis zu séngem

Doud doheem as. De 14. September 1940 setzt d'Gestapo en an de Prisong zu Metz, wou en eréischt den 13. Abréll 1941 entlooss gët. 1942 leeft e fort a Südfrankräich, wou e sech verstoppt. Deen 21. Oktober 1945 as en erëm Deputéierten, e gët den 2. Juni 1946 Finanzminister, 1947 President vun der Regierung, am Juli 1948 Ausseminister. De Jean Monnet leet him de Plang fir d'CECA op den Dësch, hanner deen hie sech spaant. De »Schumanplang« gët 1951 ënnerschríwwen. Den 10. 12. 1952 muss e séng Ministeschplaz opgin. E gët nach eng Kéier Minister fir ee Jor vum 8. Februar 1955 bis den 1. Februar 1956, e wor du Justizminister. Den 19. März 1958 gët e President vum Europa-Parlement bis 1960. E stierft de 4. September 1963. — D'Schuman-Monument steet am Ufank vun deer »rouder Brécke«, dat de 24. Oktober 1966 ageweit gouf. De 17. Juni 1986 wor eng Ausstellung zer Eier vum R. Schuman an der Stad.

Den Norbert Stelmes, de 25. Mee 1915 zu Élwe gebuer, as de 6. Juni 1986 zu Lëtzebuerg gestuerwen. E gudde Musécker a Komponist; en huet 1946 d'»Jeunesses Musicales« mat op d'Bee gesat.

Den Alphons Pletschette as de 5. März 1986 zu Wangen am Allgäu gestuerwen. E wor zu Marienau bei Forbach de 25. 10. 1912 gebuer, huet laange Joren zu Péitëng gelieft an 1947 e Passiounspill geschriwwen.

Mir sin op der Foire

Stand 1164

Hal 11

Kommt bei eis kucken.

Do leien d'Bicher, d'Neijooschkaarten, d'Gléckwonschkaarten,
d'Plaquette Dicks-Rodange-Lentz, eis Mëmbersspéngel

Nei Bicher

Mir zéien iwwer d'Stroossen. Den Ajissem zu Lëtzebuerg: Centrale des Auberges de Jeunesse Luxembourgeoises, Postkëscht 374 – 2013 Lëtzebuerg. 336 Säiten. – Dat as den Titel vun engem schéine Buch, mat enger léiwer faarweger Foto um blénkegen Aband-deckel, deen d'Jugendherberge fir hir 50 Jor erausgin hun. D'Festschrëft gouf vun Ajiste fir Ajiste fir déi eler JH-Membre vu fréier, fir déi jong JH-Membre vun haut a fir déi créischt ze kommen hun geschriwwen. Et geet nët grad nëmmen drëm fir no hannen ze kucken, mee och fir ze kucke wat fir Problemer haut do sin a wéi et viru soll goen. Aus dene verschiddene Wénkelen sin d'Artikelen dran, et as riichteraus gesot nët méiglech aus deer Hällewull vu Schreiwerten een eraus ze picken an ze nennen fir en aneren nët ze verdräissen, well all, déi hiirt derbäi gin, wiren es méi wéi derwärt fir genannt ze gin. Et sollen awer Haaptiwwerschrëften wéinegstens ernimmt gin: Schoulen an Aubergen; Aubergen an Ajiste-Pied; d'Parent-en (sou gin d'Herbergeltere genannt); aus aler Zäit; Ajistegruppen, Scouten an aner; Ajisten als Pionéier; Ajiste-Lyrik, d'Sprooch an d'Uuchten; d'Ajisten als Globetrotter, Emigranten oder Familjegrënner; dem Wee no (Réckbléck an Ausbléck). – Wéi gesot et as c léift an e schéint Buch dat d'Ajisten do fir hir 50 Jor erausgin hun an et kritt een e Verlaangerech a sech fir matzegoen, an e Begräneren datt een et nët méi kann, an a jonge Lieren d'Méiglechkeet nët hat, wann een derdeurch bliedert, d'Biller gesäit, hei oder do e Saz, e Wuertspill liest. Et as derwärt sech et unzeschafen, et sin der nach an der Zentral ze kréic fir 730 F. hr

Adolf Berens. 1880-1956. Klassiker der Luxemburger Literatur. Editions Kripler-Müller, 33, Bd G.-D. Charlotte, Lëtzebuerg. 1. Band: **D'Kerfegsbloum.** Eng Geschicht aus dem

alc Lëtzebuenger Vollekslieden an der Muselsprooch vun eem alc Mann. Biographie Emil van der Vekene. Aféierung an d'Wierk vum Robert I. Philippart. Aband Pe'l Schlechter. Präis 1950 F plus 40 F Porto.

Emmanuel Reichling. **Huwwelspéin.** Biller, Gedanken a Glossen. St.-Paulus-Dréckerei. 350 F. Spasseg Zenen an eescht Momenter huet den Autor an dësem zwete Band a Versen an a Prosa festgehalten.

Lëtzebuenger Pompjeesverband 1883-1983. St.-Paulus-Dréckerei. 763 Säiten. 1950 F – Een Artikel sief genannt: De Pompjee am Lëtzebuergeschen.

Guy Wagner: **Luxemburger Komponisten heute.** Editions phi, Echternach. 650 F

Dem Maulef séng nei Box as eng Geschicht, déi d'Rita Lamberty-Dury an dem Martin Strauss, no enger Iddi vum Z. Miler, déi op enger Cassette erauskoum, mat Musek vum Marc Senninger a fir 425 Frang an de Museksbuttecker ze kréien as (Prod. Luxembourg Sound).

Emil Schmit: **Ech léiere mech lëtzebuergesch schreiwen.** Opbau a Virschléi vum Jean Schmit. St.-Paulus-Dréckerei. 1986. 64 Säiten. 270 Frang. 24x16. Elo grad as dat Bichelchen erauskomm, dat geduecht as fir sech selwer lëtzebuergesch no der offizieller Schreifweis schreiwen ze léieren, mat Muster-sätz, Korrektursätz an hefeg Verben. Proppe gedréckt an opgedeelt huet et nëmmen een Nodeel, datt et eppes deier fir deen Zweck schéngt ze sin.

Dr. Frédéric Mack. 1877-1946. Lëtzebuerger Guiden a Scouten. Wuermeldéng. 1986. 136 Säiten. – Dat as den Titel vum 18. Band vun de Wuermeldénger Muselbicher, déi deen äerdege René Müller mat Fläiss an Aier zesummesetzt. Hie kritt et faerdeg fir Jor fir Jor ee Punkt erauszehiewen, iwwer deen alles zesummen ze schlefen, ze uerdnen an ze koordinéieren. Him gebürt dofir emol eng Kéier en oprichtegen häerzleche Merci. – Dës 18. Publikatioun as als Erënnerung an de Frédéric Mack, e Geeschtlechen, geduecht, deen de Preisen en Dar am A war, an d'Frankräich deportéiert gouf. Zu Basel as en de 16. Januar 1942 gestuerwen, am Mee 1946 gouf d'Läich heem op Wuermeldéng bruecht an do bäigesat. Nieft all deem, wat iwwer de Fr. Mack ze soen as, sin déi Geeschtlech genannt, déi a Frankräich deportéiert si gin, as en Noruff un de Paschtouer Nic. Theis ze nennen; den (ale) Konvikt; d'Profezeiung vun der helleger Odill; wat geschitt as wéi en englesche Bommeffliger de 26. August 1941 erofgefall as; e puer geschichtlech Notizen; de Poopst zu Lëtzebuerg; d'Feier vum 8. Mee 1986 fir den Här Mack; Wichtelchesdag zu Wuerm; d'Nimm vun de Geeschtlechen, déi den 10.8.1902 geweit si gin... – D'Buch as an engem plastifizierten Émschlag a mat dem Deckel vun deer Zäitschrëft illustréiert, déi dem Fréd. Mack säi Wierk wor: Christkönigsruff. Vergiess sollen déi Dokumenter an d'Illustratiounen net sin, déi dem Buch Dokumentatiounswäert gin.

René Kartheiser. Rick. Illustréiert vum Babeth Neiers. Sectioun vu Konscht a Litteratur vum groussherzl. Institut. 1986. 56 Säiten, gebonnen. 850 F; ze bestelle beim Institut, Postscheck 14556-06. – An der drëtter Oplag as de »Rick«, eng Héngerdeifsgeschicht, schéin illustréiert, an deer Sectioun erauskomm, déi Konscht a Litteratur heescht. Si huet mat dësem Buch hirem Numm entsprach. Lit as net onbedéngt néideg d'Geschicht nach eng Kéier ze ergin, mee fir déi, déi et net wësse sollten; et as eng Héngerdeifserzielung, déi duurch dat geneet Studéiere vun dem Verhalen vun engem Héngerdeif hannergrënneg



de Mënsch an a mat séngem Verhalen opweist, mat sénger Bretzegkeet, séngem Iwwerleën, sénger verwoter Gefréissegkeet duerstelt. D'Actioun Lëtzebuergesch hat d'Geschicht an enger riichteweche Oplag als éischt vu sénger Extra-Serie erausgin; mat deer heier Oplag kritt d'Erzielung souzesoen e Monument gesat, dat s'och verdéngt. Am Nowuert vum Fernand Hoffmann gët de »Rick« als dat duergestallt, wat en as. – D'Illustratioun vum Babeth Neiers sin engergesch, schaarf, eppes stiliséiert, gutt. – Mat séngem faarwegen haarden Deckel presentéiert sech dës Oplag wiirklech lackeleg. – Et duerf een deer neier Oplag dee selwechte Succès wënschen, deen et an denen zwou éischten Oplagen hat. – Wann ee sech eng kleng Bemierkung duerf erlaben, da wir et dës: Fir wat bal dräi Säiten Explikatioun gin, wann den Autor »de Wieder, déi kee Mënsch méi versteet, geet hien aus de Féiss«, wéi et am Nowuert heescht. Et wir och net vu Schane gewiescht, wann am Nowuert eppes méi op d'Schrëifweis opgepasst wir gin. (Cum grano salis).

hr

Emile van der Vekene: **L'Ex-Libris Luxembourgais**. – Editioun vum Cercle Jaillot. – 210 Säiten. Couché. Zweefaarweg. 1650 F. Postscheck 19087-75 vum Auteur. 6942 Nidderaanwen. Drock Kremer-Muller & Cie. – Den E. van der Vekene bréngt an dëser schéiner Publikatioun 90 Ex-Libris vu Lëtzebuerger, déi vu Lëtzebuerger Artisten entworf si gin, dacks kleng Meeschterwierker sin, déi sech Bicherfrënn uschaffen an an hir Bicher pechen. Esou eng Sammlong dierft déi alleguer interesséieren, denen déi »kleng Konscht« op deem Gebitt eppes sect. hr



Ex-Libris vum Paul Weber, dem Webesch Pöt, gezechent vum Auguste Trémont; gravéiert vum René Cottet.

Bulletin linguistique et ethnologique Fasc. 23. 1985. 98 Säiten; broschéiert. Zënter 1980 as dës deen éischte Bulletin deen an der Sektoun erauskënnt mat Artiklen vum Jean-Pierre Goudaillier iwwer: Mëll Konsonanten am Plazschaffer um Linn; J. Reisdorfer mat: Remarques sur quelques mots wallons et lorrains en

luxembourgeois; Jean-Claude Muller: Seta folkloristica; Jos. Bour: Vornamen vor 300 Jahren; H. Moser, Rezensioun iwwer d'Buch vum Fernand Hoffmann: Sprachen in Luxemburg 1979. – Et vermësst een nieft dene wuel interessante Beiträg esou munneches, wat ee soss alt emol dra konnt fannen, d. h. Comité, wien as Member an der Sektoun, wat as an dene sechs Jor do gemaacht a geliescht gin, wat sin d'Plangen op linguisteschem, folkloristeschem an toponymisteschem Gebitt? Dat sin alles Froen op déi een och dach gär eng Äntwert hätt.

D'sproochwëssenschaftlech Sektoun bestee 1985/1986 zënter 50 Jor. Si as aus dem Sproochveräin entstanen, deen 1924 gegrënnt as gin. President wor vum Ufank un de Jos. Töckert, dee sech zätliewes fir d'Sprooch interesséiert huet an dee Mann as, deen et mat sängen anere Kollegen zu engem wëssenschaftlechen Institut bruecht huet, deen deen auslänneschen net nostect. Se woren alleguer mat engagéiert déi méi a manner un der Sprooch, um Folklor, un der Toponymie interesséiert woren. Et wor och déi Sektoun, déi op dene Gebitter geschafft huet, wou Fachleit op wëssenschaftlech Gebitt an no dene Kriterien d'Sprooch ënnersicht an den 3. Dictionnaire ausgeschafft hun. Mee loosse mer zu den Artiklen kommen. En interessante sproochwëssenschaftlechen as dee vum J. P. Goudaillier, wou et ëm de Phonetissem am Lëtzebuerger geet, dat stëmmhaft Verbannen am Schwätzen, déi e mat scillographesche Beispiller ënnermauert. Et mag net jidderengem senger Saach sin, mee et as instruktiv a gutt. Den Artikel, 1981 geschriwwen, as als Etude 1982 um 9. internationale Colloque vun der funktioneller Linguistik zu Freiburg i. Br. virgedroen gin. – De Jos. Reisdorfer bréngt en etlech Lëtzebuerger Wieder, fir déi en d'Quell dervun an d'Wallounesch an d'Lottréngesch weist, e. a. Kulang, Quartier, Stamminee, Tirang, Paltong. Iie mengt et sollt een eng Opstellung vun esou Wieder maachen; wirklech eng gutt Proposition, mee wee mécht se? – De J.-Cl. Muller zitéiert eng Plaz, wou de »blannen teis« 1766 genannt gët. Hien huet dat an den Archive vu Bréissel

fond, wou Copië vun der Vollekszielung vu 1766 versuergt gin. Do steet fir Gréiwe-maacher de Jean Schou a séng l'ra Marie-Josephine Poncelet mat hirem Jong, Matthias Schou, aarme Blannen, dee 1747 zu Gréiwe-maacher gebuere as; c stierft 1824 zu Lëch. – Et dierft och vill Leit interesséiere fir eppes iwwer Hausmëttelen ze héieren vun denen hei der c puer genannt an zitéiert sin. Am Glossar steet mat? »weissen Andoren, Wäissdar, Crataegus« dat schéngt eis éischter Andorn (Marrubium) ze sin; »taudistel« as d'Dau-dëschtel (Sonchus); hammerschlag as sécher Hammerschlag, dat as d'Geblieders vun Eisen, op hédäitsch »Hammerschlag«. – Apaart, wann déi aner Matdelungen och interesséieren as dach c Gedicht, dat de J. C. Muller am Courrier vun 1846 (24. Oktober) fond huet mam Titel »Zwou Kazen«, géint d'Quisele gericht as an nët feststee vu wien et geschriwwen gouf, wann och verschiddenes op de J. Fr. Gangler deit, awer grad esou gutt den A. Meyer kënnt sin. – D'Ruffnimm ënnersicht de Jos. Bour fir déi lescht 300 Jor a vergläicht vun deemools mat de Joren 1903-1913 an 1933/35 mat 1943/45. Alles an allem eng interessant Publikatioun, schued, datt se op der Schreifmaschin getippt am Offset gedréckt gouf, an et esou laang gedauert, éier eppes an der Sectioun d. h. e Bulletin erauskënnt. – Et duerf een awer hei nët iwwer aner Publikatiounen ewech goen, déi an deen Zäit nach komm sin, wann et och meescht Nodrëck worn. Do wir ze nennen, déi vun de Lëtzebuerger Planzennimm, déi 1983 nei a verbessert vun dene sëllege Feler mat en etleche sommäre Verbreedungskarte vun den Nimm erauskomm as. En anert as déi Publikatioun vun de *Lëtzebuerger Déiernimm* (1981). Déi béd Bicher si vum Henri Klees an deem vun den Déierennimm si vu Sait 31 bis 59 d'Vullennimm vum Henri Rinnen an der zweter Oplag dran, am Ganze 75 Säiten. Et bedauert een dach déi zimlech vill Drockfehler ze ernimmen, déi wuel duurch falscht Liesen entstane sin, sief et op dem handschrëftleche Manuskript, sief et an der Korrektur iwwers goufen. Dat as apaart bei de wëssenschaftlechen Nimm (a franséischen) wou en »u« en »e«, en »l« c »b«, en »n« en »u« oder »o« soll sin asw.

D'Vebreedungskarte vu bestëmmten Nimm fir bestëmmt Déieren hätt ee sech awer alt eppes méi genee gewënscht, wou och nees d'wëssenschaftlech Exaktheit nët grad déi allerbescht as. Wat bedei 4 a 5 an der Kaart Nummer 19 vun dem Léiweckelchen, d'Zeechen an der Nummer 3 fir de Kiewerlek; soll an der Kaart Nummer 16 dee Gielemännchen nët fir en aneren Numm mat eragerutscht sin, well am Text gët en nët genannt? Et sin am Ganze 605 Nummern opgezielt, dovunner bei de Wiirm, Schlecken, Kriibsen 23, den Insekten 126 (d'Blatlaus felt derbei, och d'Bisamrat, de Wäschbier), Fësch gin et der 41, Schlangen an deen 8, Vullen 284, Mouke, Fräschchen asw. 11, Mammiferen 207, vill Nimm opgezielt beim Hond, bei der Kou, beim Päerd. Et bedauert een, wéi gesot, datt Onopmerksamkeetsfehler dra stoe bliwwen sin, och an de Vullenimm, déi nët an der éischter Oplag waren, den Index nët iwwerall mat deem am Text d'selwecht as; ob nun an de Lëtzebuerger Nimm och deen Ennerscheder sin ewéi an denen aneren as nët ze kontrolléieren. Wat ee festhalen kann, dat as, datt et eng fläisseg Aarbecht as, deen een trotz deem Gesoten d'Unerkennung nët versoen duerf, a sollt eng zwet Oplag emol erauskommen, da missten déi Setz- a Korrekturfeler eliminéiert gin. Am Linn soll déi nei onverännert Oplag vum Nic. Grodt séngem »Sagenschatz« aus dene Joren och ernimmt gin.

Liicht roden.

Am Liewe muss ee sech vill ploën
an 't hält ee munneches a Kaf,
mä iwwer d'Grenze soll kee goen,
soss gët ee gär säin eegne Sklav.

Et kann ee verstoen...

...datt gewësse Politiker drop fleten
fir mat Leit ëmzegoen,
déi en Fierlechten
an d'Wourécht gutt soen.

Siuda Robert

Tit Schroeder

(*12. 1. 1911 New York †Lëtzebuerg 27. 1. 1986)



Um halwe Wee wor den Tit Schréider wéi s'Gedichter erauskomm sin, dat wor 1966, e Stéck vum zweten halwe Wee as en nach gaangen an: Du gung hie selwer eemol fort et konnt kee mat him goen, hie gung eleng dee Gank. Esou huet hien sech ausgedréckt wéi en sech u säi Papp crënnert huet, deen zu Liefzäite mat him bis op den halwe Wee gaangen as. An esou wéi et him n'et vergiess as, sou vergiess mir den Tit Schroeder och n'et, als Mënsch n'et, als Dichter nu glat a guer n'et. A deem, wat hien eis duurch säi Schriewen hannerlooss huet kann hien n'et vergiess gin, well hien as ee vun denen, déi et verdénge am gëllene Buch vun eiser Litteratur veréiwegt ze gin. S'Gedichter Theaterstécker a s'Gedichter ootmen esou e Lëtzebuurger

Geescht, sin esou voll vun eise Gemitt, sin esou voll Buedem, apaart mat s'enger Aterter, Useldénger Géigend verwuess, datt et n'et anescht ka sin. Et kann een ouni ze zécken hien als deer Beschter een nennen.

Den Tit Schroeder war zu New-York op d'Welt komm, an enger Milliounestad, wou e fréi s'Gedicht Mamm verluer huet. Säi Papp wor dohinner gaang, well hien hei n'et dat kréie konnt, wat e sech gewënscht huet. Do as en als klengt Kand da vill eleng gewiescht an huet dat a klenge Kannerjore gespuurt, a gefaart huet en, a geziddert, datt s'engem Papp eppes kënnt geschéien an dann n'et méi crémkém. Dat Verlaangere, déi Angscht vum Verloossesin kann een a s'enger Gedichter erausspiren. En Dohem hun. Gebuergeheet an deem Dohem weist sech esou dacks, mam Wëssen, datt dach n'et alles bleiwe kann:

»A stees de Allerhelgen, Allerséile virum Graf

a kucks d'erop op d'Héichten, op de Baun vum Duerf

dann iwwerkënnt dech jo onversins – du mungs

op cémol, du gesichs a laange Reien iwwer d'Koppe resen

all – all déi Leit, déi des Gewan zum Gaart, an d'Haus zum Häm –

an d'Land – an dausende vu Jor – zur Hemecht mouchen«

Aus der Friemd zitt et heem:

Hannert siwe Bëscher, hannert siwe Bierger,

läit e Bur – an zitt en Daul,

hannert siwen Déiften, hannert siwen Dälten,

war eent Duerf, eent Häm, ee Staul.

S'Gedicht as Useldéng, d'Atert, d'Duerf an d'Gewan, as säi Papp, sin d'Leit aus dem Duerf, as dat aalt Schlach. Do schrackt en, do kuckt en, do crënnert hien sech, do geet

hien a Gedanken duurch d'Zäit an do gesäit
hien alles, dat wat as a wor, et bleift näischt
eiweg hei.

Si kommen a si gin...

De Kiewerleck am Gras
an d'Kanner an der Gaass
an d'Rei um Reez vum Bësch
de Päipel an der Sonn –
si hun hir Zäit, hir Stonn.

Den Äisvull bei der Baach
an d'Blummen an der Laach
an d'Woulek iwrem Bësch
si kommen a si gin –
't huet kee fir laang ze din.

Hien erënnert sech un de Monn, dee sech bal
ze Doud schafft a stënterlech verscheet: e
woult dem »Gamin« nach eng Rafecht gin... e
loug am Stall beim Päerd um Stréi.

Wann hien dann duurch d'Jor geet, de Wanter,
d'Fréijor, de Summer, den Hierscht kuckt an
dat a Verse setzt, wat e gesinn a geduecht
huet, dann huet ee Stëmmungsbiller, déi wéi
een aneren et bis elo nët verstanen huet crëm-
zegin. Dat selwecht as ze soc vun de Feierdeg,
dene frouen an den aneren, vum Gaart, vun
de Planzen...

Séng Sprooch as déi Useldénger, séng vun
doheem. Domat huet hien séngem Duerf e
Monument gesat, nieft deem, wat do vun der
Gewan, dem l'louer ausgedréckt gët. Op dat
alles huet e ghalen. Séng Ausdröckswies
huet de Leem vun doheem, si as riichtewech,
nët gesicht, nët modern, mee dofir awer nët
vercelzt, si as voll Wierder aus dem Dagdeeg-
lechen, si as esou wéi een um Duerf schwätzt;
si geet an een cran, si zwéngt een och noze-
denken, z'iwwerlëen an et gesäit ee säint
Doheem, séng Kannzeräit, et as e Verlaan-
geren a séng Gedichter mat einfache Wier-
der duerbruecht. Naturlirik. Nach eng Kéier
gesot: se hântk um Buedem, dem Dagdeeg-
leche vun doheem, der Hemechtsgéigend...

Nieft séng Gedichter huet den Tit Schroeder
Theaterstécker geschriwwen, sou »De Besuch
um Wudderhaff« (1961), d'Pöltchesfamill
(1964), »De Schäfte vum ale Maart« (1963),
»De Stëmmche vun Arek« (1962). Fir de
»Besuch« an de »Stëmmchen« huet e sech op

englesch Virlage gestäipt, dat éischt nom
Oliver Goldsmith, dat zweet iwwersat nom
Ashley Dukes: (The dumb of cheapside), mee
se sin dach esou verschafft, datt ee ka soen, et
as egene Wucsstem. Wann déi zwec, de
»Besuch« an d'»Pöltchesfamill« am Stater
Theater an haut nach vill ueter d'Land gespilt
si gin, dann as de »Schäfte vum ale Maart« – et
as fir d'Dausendjorfeier vun der Stad ge-
schriwwen gin – an de »Stëmmchen« nach
nët opgefëiert gin. Hien huet fir dat Lescht
nët esou richtig wollt, well et iwwersat wir,
dernieft huet hie streng drop gehalen, datt dat
misst ernimmt gin. Well deem Wonsch nun
nët entsprach wir gin, soll et nët opgefëiert si
gin... Grad ewéi a séng Gedichter si séng
Theaterstécker eise Wiesen no, ouni ze vill
Komplikatiounen; kurz: se gefalen a sin ewéi
mir sin. Den Tit Schroeder huet op en uer-
dentlecht Lëtzebuerger gehalen a sech der-
fir intresséiert. D'Sproochsektioun vum In-
stitut an d'Dictionnairescommissioun hun dat
ze respektéier gewosst an e gouf 1967 effek-
tive Mëmbere vun der Sektoun an 1970 Mëmbere
vun der Dictionnairescommissioun. Roueg a
genee wor séng Mataarbecht, präzise
séng Notizen, de Mann fir d'Sprooch vun deer
Géigend, déi esou laang brooch geleen huet,
wann ee vum Emil Schaus an dem Jos. Thein
ofgesäit.

Liest een dem Tit Schroeder séng Gedichter,
séng Theaterstécker da kënnt ee mengen, hie
wir ëmmer nëmmen doudeesch gewiescht.
Wuel wor hien deer Ausgeloossener keen,
mee sän Humor wor, séng Bemierkunge
woren awer nët ouni spaasseg Ironie, si hun
nët wéi gedon. Sän Urtel kurz an nët bësseg.
»Ech muss der soen, du hues ewell besser
Saache geschriwwen; et deet mer leed, mee
et gefällt mer nët«, dat wor alles. Lierlech an
objektiv, méi kann ee vun engem Mënsch nët
verlaangen. Et crënnert ee sech gär dru, wann
ee mat him e Pättche gedronk huet, iwwer
séng Astellung zum Liewen, zur Politik, zum
Weltgeschéien, dat alt do zer Sprooch koum.
Iwwerluegt wor séng Ausso, gelloosse sän
Urtel, voll Versteesdemes fir Jonk an Al.

Vu Beruff wor den Tit englesch Professor am
Jonge-Lycée. Et heescht vun him hie wir e

gudde Professor gewiescht, een dee woussst
wéi schwéier et as, deen et selwer nët liicht
hat fir dohinner ze kommen, materiell gesinn.

Hien as ouni vill opzefalen duurch d'Liewe
gaang, hien huet säint gemaacht, wéi en eemol
gesot huet, an dat wat ech konnt. »A méng
Gedichter, ech hu gemäängt ech wir dem
Land dat schëlleg.« Dat sin, dat wore séng
Wierder. Nët méi, an nët manner.

D'Actioun Lëtzebuergesch as haut nach
apaart frou, datt si zjor dem Tit Schroeder déi
versëlwert Plaquette zouerkenne konnt, als
klenge Merci fir dat Schéint dat hien an eiser
Sprooch geschriwwen huet.

An elo, wou den Tit Schroeder nët méi do as,
as et engem grad ewéi wann de Papp, de
gudde Monn fortgaange wir...

Bis op den haalwe Wee

»Da gin ech mat der op den haalwe Wee!
Sou sot e wann ech fort si gaang:
an d'Schoul, an d'Stad, an d'Fricmd...
et as nach nit sou laang.

Sou gung en dacks mat zu Geleet,
an hun ech alt mäi Leed geklot,
dann huet e mech getréischt
a gouf mer gudde Rot.

Du gung hie selwer eemol fort...
't vergësst mer nit, d'Sonn hat den Haunk,
ech kount nit mat him gouen –
hie gung eleng dee Gaunk.

Mir awer behalen den T. Schroeder an treier
Erënnerung; säi Wierk zeit ëmmerzou vun
him.

* * *

Lyrik

Um haalwe Wee. Nouvelle Revue Luxem-
bourgeoise. Academia. Nr. 2. 1966.

Theaterstücke

Besuch um Wudderhaff. (nom Oliver Gold-
smith) 1961


De Stëmmche vun Arel. Iwwersat nom
Ashley Dukcs (1962).

De Schäfte vum ale Maart. 1963 Academia
Annuaire 1963.

D'Pöltchesfamill. 1964 Academia Nr. 2, 3.
1966.

Ry Boissaux

(*15. 8. 1900 †19. 2. 1986)



't wor 1954 wéi en illustréiert Buch mat der
Post koum vun enger Ry Boissaux mam Titel:
»Vullenzirk am Wantergaart«, mat engem
frëndleche Saz dran, an dem Wunsch et de
Leit vun der Vulleschuttliga ze wëssen ze din.
Dat as och geschitt an eng gutt Zäit derno
wor d'Méiglechkeet gin, fir d'Madame Ry
Boissaux perséinlech kennen ze léieren. Et
huet een eng Fra begéint, déi wéi eng Bomi
soll sin, eng frëndlech Minn, e Gemitt woller
Versteedsdemes, dat ee kritt, wann een am
Liewen nët ëmmer op Rouse gebett wor. Am
Gespréich as een da gewuer gin iwwer
wouhier a wouhin, ouni Geklos, voll Be-
geeschterung fir Konscht a Litteratur, e
Schreifdësch voll Pabeieren, driwwer Bicher
»Ech hu mech hei ënnen opgeschloen, et geet
nët méi gutt fir d'Trapen erop ze goen«, sot se.
»De Gaart kann ech och nët méi richtig an
der Rei halen, an dat deet mer déck, ech hun
nach e puer Blummen a Getraisch an da
kucken ech alt de Villercher no, de Päiper-
lécken, souguer engem Goldschmadd, wann
deen omësseg iwwer de Pad ënner d'Blieder

krabbelt. An dann de Kanner...« Dat wor an der Méchel-Lentz-Strooss. Wéi et dunn nët méi anescht gong woren déi lescht Joren de »Pescatore«. E keen ze grousst Zëmmer, e kleng Schreifdësch, en etlech Bicher, an awer, noutgedrongen, zimlech zefridden dermat. A se huet viru geschriwwen, sech an déi nei Uerdnung ergin, emol Spaass gemaacht. »Wësst Der ech hat mech d'Fuesent als grouss Dame verkleet, an ech hu »geflirt«, a méng Dëschnoposchen hu sech verwonnert, a sech du gutt ameséiert.« Sou wor d'Ry Boissaux, et géif ee gär soen e Kannergemitt. Sou sin och hir Bicher an hir Artiklen an de verschiddenen Zäitschrëften. Schreiwe wor e grousst Stéck vun hirem Liewen. Dat huet si souwuel op franséisch, däitsch wéi lëtzebuergesch.

D'Ry Boissaux as de 15. August 1900 zu Hollarrech gebuer a koom vun do, e puer Jor al, op Diddeléng, wor an der Schoul, bei de Schoulschwësteren am Pensionat a koom mat 19 Jor crëm an d'Stad, wou se den 19. Februar 1986, am 86. an der Fondatioun Pescatore gestuerwen as.

Vun hirer Diddelénger Zäit erzielt si a »Mäin Diddelénger Geschichtebuch«, dat 1979 erauskom. – Wéi den UKW bis do wor huet se mat Aier an der Kannerstonn matgeschafft, hir Geschichten, déi se dofir geschriwwen huet kommen 1981 am Verlag vum »Lëtzebuerger Kannerduerf« eraus mat dem Titel »Kannerstonn«. De Fernand Hoffmann schreift den 29. Juli 1981... Déi Geschichten, déi Dir erzielt, si wuel Kanner geschichten awer keng kannereg Geschichten... Sou as et och. Grad ewéi am »Vullenzirk am Wantergaart« schreift si e modernt Lëtzebuergesch, dat deem engen an deem anere vläicht e bëssen ze modern as, mee, awer nët esou modern, wéi een et hautdësdaags héiert. 1971 hat si »Verziel mer eng Geschicht« erausgin.

Si wor gär d'accord fir an »Eis Sprooch« Geschichten ze schreiwen. Vun hire franséische Bicher sin ze nennen: Blessures (1939), Madame Molitor et cie (1945), Jeux du vent des nuages (1980), Mosaïque (1983), Niki-Chat (1957), Contes d'Enfants et Animaux (1961).

Sankt Grein im Petrusstal (1965), Köpfchen (1949) sin déi däitsch. Nieft deem si vun hir Artiklen an den »Nouvelles Pages de la S. E. L. F.«, an de »Cahiers Luxembourgeois«, an »Ons Stad«, an »Nos Cahiers«. – Hir Bicher si vun hirer Duechter Fanny dacks gutt illustréiert gin.

Fir hir 80 Jor krut se am Centre Culturel Français gratuléiert, an der Nationalbibliothék vun der Sektoun Konscht a Litteratur koom se ze Éieren an 1984 gouf hir vum Paul Lanners – nach wätlefeg Familjen, deen se zitíert am Buch »Littérature luxembourgeoise de langue française« (1980, Quebec, Canada) – an der Fondatioun Pescatore mat »les cinq grandes dames de la scène littéraire luxembourgeoise« den Hommage ausgesprach, dee si verdéngt huet. Datt si Mëmber vun der Sektoun Konscht a Literatur wor as méi wéi verdéngt gewiescht, wann een et verdéngt huet. Bis un hiirt Liewesenn huet se geschriwwen a wéi hir Aen nët méi sou richtig wollten, wéi d'Kraaft nogelooss huet fir stonnelaang um Schreifdësch ze schaffen, as se no engem Liewe mat nët elauter schéine Stonne vun eis gaang.

Si huet eis Bicher fir Kanner a Grousser hannerlooss, déi Zeie si vu Léift zum Kand an dem Mënsch, Respekt zum Déier an der Natur, dem Liewen, dat se alles gekuckt huet mat deem, wat een dofir am Gemitt muss hun fir am Klengen dat Grousst, an ëmgedréit, ze verstoen, d'Hand ze reechen fir virunzehëllefen. Hire leschte Wonsch gouf an der Doudesannonce ausgedréckt: amplaz Blummen, eng Gof fir d'Hëllef géint den Aussaz, d' Lepra.

Éier hirem Undenken.

hr.

Georges Schmitt

(*19. 12. 1907 Lëtzebuerg †14. 7. 1986)



De Georges Schmitt huet eis de 14. Juli 1986 fir ëmmer verlooss; e wor 78 Jor al. Et wousst een, datt en déi lescht Joren nët gutt dru wor, mec et gong emol besser, da kouw nees e Réckschlag.

Et as wuel ewell eng Zäit hier, datt een en nët méi an der Fleeschirgaass begéint huet, wann hien, ëmmer eppes presséiert, aus dem Musée kouw odder dohinner getréppelt as. Iwwerhaapt de Musée an der aler Stad, an de ganze Fëschmaart wor fir hien e Stéck vu séngem Liewen. Am Musée wor séng Plaz am Departement vun der Konscht, e Fachmann a Konschtsaachen, et siewe Skulpturen, Statuen, Parzellain, Molerei. Dernieft hat e vill Intressen um Theater, der Poésie, der Musek an dem Folklor. Hie wor e Grënnongsmember vun dem Folklorgrupp »Uucht« aus der

Stad, huet fir deen d'Kostümer entworf a gehollef Dänz sichen. Et brauch ee sech dofir och nët ze wonneren, datt e kleng Sketcher fir de Radio a léif kléng Versgeschichte geschriwwen huet, sou d'»Spill vum hellegen Niklos« (1937), dat an der Lëtzeburger Hallefstonn iwwer d'Antenn gong. Dann d'Seeche vum Zinniklos (Text a Biller – 1944), D'Seeche vun der Kou an der Méck (1944), Aus dem Liewe vum Zënt Mäerten (Biller vum Emile Probst – 1945 – allen dräi am Verlag Uelzecht), d'Seeche vun der rouden Gess, Léiwer Herrgottsblieschen (an deer »Festschrëft dem Nik Welter fir säi 75. Gebuurtstag iwwerreecht« 1946). An dem zwete Band vun der Mondaartdichtung schreift de Fernand Hoffmann, de G. Schmitt hätt nët nëmmen eng bleiwe Plaz an der Kannerlitteratur, déi hätt hien awer och an eiser Mondaartdichtung.

Aus an duurch säi Wëssen an der Konscht wor hien ewéi derfir geschaf, fir den Helzer Altor an d'Rei ze maachen an e wonnerschéint Buch doriwwer erauszegin. En anert Wierk as dat iwwer d'Madonnae vu Lëtzebuerg, dann d'Fayencerie vu Siweburen, d'mëttelecherle Skulpturen (am »l'Art au Luxembourg«) an eng Monographie iwwer den Auguste Trémont.

De G. Schmitt, e kriteschen, éierlechen an oprichtige Mënsch, deem de Fëschmaart a séng schéi Kiirch uewe lounen an un enger Ausstellung vun der Méchelskiirch mat geschafft huet, huet dofir a sénger Doudesannonce och gewënscht fir, amplaz Blummen, eng Gof fir déi Ausstellung z'iwwerweisen. Loosse mer nët vergiessen, datt hie Sekretär vun der Iwwerwaachungskommissioun vun de reliése Gebaier wor, déi mat him en äerdegen a kompetente Mann verluer huet.

1979 as de Georges Schmitt Éieremember vun der Folklor-Sektioun vum Groussherz. Institut genannt gin, als Merci fir séng Aarbecht op deem Gebitt.

Séng Plaz op deem, wat hie kannt huet a gär hat, as nët lücht opzefëllen an nach dacks wäerd dësen odder deen drun denken, wann en op der Sich an dene Gebitter as.

Fier séngem Undenken.

hr.

Theatersaison 1985-1986

beieneegeraakt vum **Georges Helm**

wou	wien	wéini	vu wien / wat
<i>Äischen</i>	Scoute St-Pierre	11.18.186	Christen Josy: Paltong, Box an Hiem
<i>Arsdorf</i>	org. SI Ueschdrëf-Bilschdrëf	26.186	Braun Josy:
<i>Bäerdref</i>	Speedye vu Bäerdref	21, 22, 26.12.85	Steichen/Regenwetter: D'Verleenheetskand
<i>Bartréng</i>	Bartrénger Musck		D'schwaarz Kaz
	Theatergrupp Roude Päiperlek org. Cercle cult.+SI Bartréng	16.3.86	De Stärksten aus der Klass
	Guiden a Scoute vu Bartréng	22.2.86	Christen Josy: Jongen, ech hun d'Lach doheem
	Theaterveräin Bartrénger Kaméidi	23, 24.11.86	Goerend R.: Koc Fall fir den Zankert
<i>Bascharage</i>	Harmonie Mun. Bascharage	11, 12.186	Reuland Marcel: D'Spill vun der Bidden / Gutt Noperen / Op der Märei
<i>Bech-Maacher</i>	Club des Jeunes Bech-Maacher	29.12.85	De Schlappeskinnek
<i>Béiwen/Atert</i>	Musck Béiwen/Atert	25, 28.12.85	De Kichckuuder
<i>Betebuerg</i>	Guide Ste-Odile Betebuerg	15.2.86	Steichen/Regenwetter: D'Verleenheetskand
	Monnericher Bounesäck org. Syprolux Betebuerg	2.2.86	Weber Norbert: De Bretzert
	Scoute St-Luc Betebuerg	26.1.86	Boerck Emile: De bloen Hary
	Kannerchoral	2.3.86	De gestiwelte Kuuder
	Les Enfants de l'Alzette		
<i>Biekerech</i>	Chorale Ste-Cecile Biekerech	30.11, 11.12.85	Weber Norbert: En Apel fir den Dauscht
<i>Bieles</i>	Theaterfrënn Bieles	7, 14, 15, 21.12.85	Clees Robert: De Ligepol
<i>Bieréng/Miersch</i>	Theaterfrënn Pëtten	4.1.86	Braun Josy: E Requiem fir e Lompkekreimer
<i>Biissen</i>	Cercle Dramatique Biissen	9, 10.1.85	Clees Robert: Urlaub vum Péitrus
	Cercle Dramatique (Kanner)	22, 23.2.86	Der Ilex hire Schlëssel
	Cercle Dramatique	22, 23.2.86	Christen Josy: Paltong, Box an Hiem
<i>Biwer</i>	Biwer Musck	25.12.85	Dahn Metty: D'Staffels Berta
<i>Born</i>	Kannertheater Jaddermmunnes org. Gemeng Mompech	12.1.86	Schuster Jhemp: Zauberdramonika / De Bop bleift elo hei
<i>Bouneweg</i>	Scoute St-Louis vu Bouneweg	8, 9.2.86	Spaléieruebst
<i>Bous</i>	Chorale Ste-Cécile, Bous	12, 18.1.86	Christen Josy: Paltong, Box an Hiem
	Jeunesse Bous	1, 2.3.86	Reinart/Albrecht: En originellen Original
<i>Boxer</i>	Club des Jeunes Boxer	25, 26.1.86	Devaquet E.: Keen Auskommes marn Akommes
<i>Branebuerg</i>	Jeunesse Branebuerg	19, 25.1.86	Vitus/Devaquet: De Schousterhari op der Himmelsloder
<i>Brouch</i>	Kanner 5. a 6. Schouljoër	8.3.86	Kannertheater
	Sängerbond Brouch	18, 19.1.86	Dicks: Op der Juegl Reuland Marcel: Op der Märei
<i>Buerglënster</i>	Thalia & Co, org. Fanfarc Buerglënster	23.2.86	Fräileitgeschichten
<i>Buurschent</i>	Chorale Ste-Cécile Buurschent	1, 2.3.86	Goergen Max: D'Meedche vu Goetzen
<i>Clärrëf</i>	Éislécker Theaterfrënn	11, 12.1.86	Gnaat/Jacobs: Endlech emol am Fernseh

<i>Colmar-Bierg</i>	org. AS Colmar-Bierg	22, 23.3.86	Urlaub vum Péitrus
<i>Consdorf</i>	Éislécker Theaterfrënn Musek	18.1.86 13, 14.12.85	Gnat/Jacobs: Endlech emol am Fernseh Christen Josy: Paltong, Box an Hiem
<i>Contern</i>	Club des Jeunes	5, 6.4.86	Gocrend R.: Kee Fall fir den Zankert
<i>Déifferdeng</i>	Union Amicale Theaterfrënn Déifferdeng Kannergrupp Union Amicale Theaterfrënn Guides Ste-Barbe	9, 10, 16.11.85 19, 20.4.86 24.11.85	Greisch Pol: De Besuch Perlen an Diamanten Weimerskirch René: De verzauberte Râis / De Wanter virum Geriicht Weber Batty: En Testament Theato Josy: Hing Hand wäscht di an der Schroeder Tit: De Besuch um Wudderhaff
<i>Diddeleng</i>	Diddelenger Theaterfrënn Chorale des Jeunes Filles	9, 10, 16.11.85 7, 8.12.85	Exler/Herman: Alles wéi keng Engelen Liesch Auguste: D'Maus Kätti Steichen Jeanne: Skandal am Weekendhaischen Dicks: De Schouster Boubou
	JOC Scoute St-Jean	26, 28.12.85 18, 19.1.86	Urlaub vum Péitrus Hermes J.: D'Jonggesellesteier
<i>Diengen</i>	Jeunesse van Dicngen an Dewelt	11, 12.1.86	Reuland Marcel: Op der Klimes
<i>Dikrech</i>	Éislécker Theaterfrënn D'Jongen aus der Gare Ettelbréck Liewensfrou Fësch	30.11.85 8, 9.11.85 5.3.86	Gnaat/Jacobs: Endlech emol am Fernseh Bernard H.: Eng Wett Eydt J.B.: Och emol Barong Kishon Ephraim: De Wësch
<i>Esch/Weimeschkeiirch</i>	Scoute St-Schettel	4, 5.1.86	Konz Fons: D'Säitespréng
<i>Éiter</i>	Schëtter Gesank Landjugend Éiter-Schraasseg	23.3.86 23, 24, 30.11.85	Steichen/Regenwetter: D'Verleenhetskand Regenwetter H.: De Bopi get verkaaft
<i>Éiter-Schraasseg</i>	Chorale Ste-Cecile	22, 23.2.86	Singer P.: Eng besser Partie
<i>Ell</i>	Fanfare Ell	11, 12.1.86	Theisen Claire: Noc, déi Schnëss
<i>Elwen</i>	Éislécker Theaterfrënn Gare Ettelbréck org. Fëschbunner Elwen	7.12.85 16.11.85	Gnaat/Jacobs: Endlech emol am Fernseh Bernard H.: Eng Wett Eydt J.B.: Och emol Barong
<i>Fusber</i>	Club des Jeunes	4.1.86	Christen Josy: Paltong, Box an Hiem
<i>Esch-Uelzecht</i>	Belairer Schoultheater org. Gemeng Esch-Uelzecht Scouten Kannerakademie "De Kuckuck" vum Nidderaanwen	10.11.85 23, 30.11.85 23.2.86	Christen Josy: De Clown Peppo a séng Mondharmonika Grammár statt Millionär Propofjew Sergej: De Piirchen an de Wollef
<i>Eschduerf</i>	Pomjesmusek Holz org. Chorale Eschduerf	16.3.86	Reuland Marcel: Gudd Noperen Weimerskirch René: Den Horrbock
<i>Ettelbréck</i>	Guide vum Ettelbréck Éislécker Theaterfrënn Gare Ettelbréck Club des Jeunes Lëschtég Nordbühn Ettelbréck	16, 17, 23, 24.11.85 22.11.85 1.12.85 14.12.85 5, 6.4.86	D'Mäerche vum der Fra Holle Weber Norbert: Dickserien Bernard H.: Eng Wett Eydt J.B.: Och emol Barong Cles Robert: D'as da gutt dann Gastoni Tist: O hätt ech dach e Mann
<i>Felen</i>	Chorale Ste-Cecile Chorale Ste-Cecile/Jugend	22, 23.2.86 22, 23.2.86	Dahm Metty: D'Firma Rang a Pang D'Joffer Ketty

<i>Fëschbech (Miersch)</i>	Theaterveräin Fëschbech/ Schous/Angelsbiereg	21, 28.12.85	Clees Robert: Gudden Nuecht, Här Buchholz (Première)
<i>Filsdrëf</i>	Theaterclub	23, 24, 30.11.85	Steichen/Regenwetter: D'Verleenheetskand
<i>Furen</i>	Chorale Ste-Cécile	1, 2.2.86	Christen Josy: Déi 3 krank Hinnercher
<i>Gaasperech</i>	Scouten a Guiden	18.1.86	Dem Här Ritter séng Bluthonn Staarken Tubak
<i>Garnsch</i>	Pompieri-Fanfare	25, 26.12.85	Christen Josy: Bubi, bas de schon op
<i>Gasperech</i>	Theatergrupp Roude Päiperlek	9.11.85	Roude Päiperlek: De Stärksten aus der Klass
<i>Gilsdrëf</i>	org. Gaart an Heem	22, 23.2.86	Devaquet E.: Keen Auskommes mam Akommes
<i>Gonneréng</i>	Club des Jeunes	24.11, 1.12.85	Di falsch Kaz
<i>Gréiwels</i>	org. F.C. Excelsior Gréiwels	8, 9.2.86	Den Duerfkureler
<i>Gréiwemaacher</i>	Scoute St-Laurent a Guide St-François	10.11.85	Christen Josy: Texasnuckes
<i>Groussbons</i>	Theaterfrënn	4, 5.1.86	Clees Robert: Charakterkapp gesicht
<i>Habscht</i>	Musek Gesangveräin	25, 26, 27.12.85 31.1, 1, 2.2.86	Schuster Jhemp: Duerfgespräch Bocres Emile: De bloën Hari
<i>Hengescht</i>	Jeunesse Hépperdang-Grannen Jeunesse Hengescht-Kalber	19, 26.1.86 29.12.85	Gefléckten Téitschen Reuland Marcel: Op der Kiimes
<i>Hesper</i>	Gesank "Eintracht im Thale"	11, 12, 18.1.86	Theato Josy: Eng Hand wäscht di aner
<i>Hoën</i>	Rido 85	8, 15, 16.3.86	Braun Josy: Requiem fir e Lompckréimer
<i>Holler</i>	Pompjeen	8, 9.2.86	D'Sëlwer Hoerspéngel
<i>Hollerech</i>	Monnerecher Bounsäck org. F.C. Hollerech-Lëtzeb./Gare	22.2.86	Weber Norbert: De Bretzert
<i>Holz</i>	Musekgesellschaft	1, 2, 15.3.86	Weimerskirch René: Den Horrbock Marcel Reuland: Gudd Nopere
<i>Housen</i>	Jeunesse Housen	28, 29.12.85	Clees Robert: 50 Kilo wäiss Fuert
<i>Hueschert/ Nidderaanwen</i>	Theatergrupp Roude Päiperlek org. Mammen hëllef Mammen Kannertheater "De Kuckuck" Diddelénger Theaterfrënn org. Club des Jeunes "Hero 70" Auto-Cross-Club Rammeldang	27.10.85 30.11, 1.12.85 2.3.86 25, 26.1.86	Roude Päiperlek: De Stärksten aus der Klass Prokofjew Sergej: De Piirchen an de Wollef Exler/Herman: Alles wéi keng Engelen Chaussy M.J.: D'Rammeldanger Pechvullen
<i>Huldang</i>	Jeunesse	7, 8.3.86	Clees Robert: Tata Liss vu Vallauris
<i>Iechternach</i>	Kanner aus dem Centre d'éducation différenciée	18, 19.12.85	Prokofjew Sergej: De Piirchen an de Wollef
<i>Ierpeldéng/Ettelbréck</i>	Concordia	21, 25.12.85	Gefléckten Téitschen
<i>Jonglënster</i>	Theatergrupp Roude Päiperlek org. SI	6.10.85	Roude Päiperlek: De Stärksten aus der Klass
<i>Käerch</i>	org. Fanfare	15, 16.3.86	Christen Josy: De Köppchesbaacher Mates
<i>Käl</i>	Amicale vun den Ale Scouten Chorale St-Pic X	25, 26.1.86 15, 16.3.86	Marriot/Toot/Kontz: De Säitesprong Weber Batty: Dräi as göttlech Dicks: D'Kiimesgäsch

<i>Kanech</i>	Football Kanech Chorale	30.11, 112.85 25., 26.12.85 22., 23.2.86	Braun Josy: Jhust 15 Gefléckten Tëitschen Devaquet E.: Keen Auskommes mam Akommes
<i>Kautebaach</i>	Pompjee a Jeunesse vun Alschend, org. Kautebaach a Merckelz	25.1, 1.2.86	Christen Josy: De Köppchesbaacher Mates
<i>Keespelt</i>	Theatergrupp Roude Päiperlek	23.3.86	Roude Päiperlek: De Stärksten aus der Klass
<i>Kënzeg</i>	Chorale	8., 9., 15.3.86	Den dueble Maurice
<i>Kielen</i>	FC Kielen	11.1.86	Theato Josy: Eng Hand wäscht di aner
<i>Kolpech</i>	Pompjee vun Nærdren Fanfare Ell Theaterfrënn Ënsber Musek a Pompjee vun Holz	12.1.86 19.1.86 24.1.86 7.3.86	Devaquet E.: En droelechen Apdikter Theisen Claire: Nex, déi Schnëss Christen Josy: Paltong, Box an Hiem Weimerskirch René: Den Horrock
<i>Lampertsberg</i>	Guiden a Scouten	1.3.86	E Fall fir de Sherlock Holmes
<i>Lellgen</i>	Club des Jeunes + Spuerveräin "Knéckjhang"	2., 8.3.86	Engt drolecht Bestiednës Devaquet E.: Gléck um Schléiwenhaff
<i>Lëntgen</i>	Club des Jeunes Theaterveräin "Szen 80"	26.1.86 1., 2.3.86	Christen Josy: Paltong, Box an Hiem Clees Robert: Déi 3 krank Hinnercher
<i>Lëtzebuerg</i>	Theatergrupp Banque Générale Lëtzebuurger Theater org. Amiperas Miersch/Contern TOL + Kapuzinertheater JEC	26.10.85 24., 26.11.85 20.11.85 31.1.86 9.2.86	Theato Josy: Eng Hand wäscht di aner Atten Alain: De Ligebarong Atten Alain: De Ligebarong Greisch Pol: Margreithen Siegfried, mon amour
<i>Lëtzebuerg/Märel</i>	Chorale Ste-Cecile Guiden Wichtelcher	11.1.86 25.1.86 25.1.86	Christen Josy: Der Däiwel beim Päerdsmetzler Christen Josy: De Maulkuerf De Ligenates um Gericht
<i>Mäertert</i>	Cercle des Jeunes Europäesch Scouten	1., 2.2.86 23.2.86	Clees Robert: Déi Neiräich An der Douane zu Waasserschëlleg Fydt J.B.: Och emol Barong
<i>Mäerzeg</i>	Theaterfrënn Pëtten org. F.C. Sporting	1.3.86	Braun Josy: Requiem fir e Lompckreimer
<i>Mamer</i>	Mamer Wiselen (Guiden a Scouten) Diddelénger Theaterfrënn org. Croix-Rouge Mamer- Holzem-Capellen	31.1., 2.2.86 28.2.86	Christen Josy: Jongen, ech hun d'Lach doheim Arent/Federspiel: Kee Lëtzebuurger an d'Hell Exler/Herman: Alles wéi keng Engelen
<i>Manternach</i>	Jongbaueren, Jongwënzer a Landjugend aus dem Kanton Maacher	15., 16., 22.3.86	Regenwetter H.: De Bopi get verkaaft
<i>Méibela</i>	Jeunesse Branebuerg	22.2.86	Virus/Devaquet: De Schousterhari op der Himmelsleder
<i>Mensdorf</i>	org. Club des Jeunes	18., 25.1.86	Boeres Emile: Maach mir näischt vir
<i>Metzerlach</i>	Scouten	25., 26.1.86	Clees Robert: Tata Liss vu Vallauris Vill Kameidi fir Klenggecketen Lakriz a Popcorn

<i>Miedernach</i>	Musik Gesank	4, 5.1.86 8.2.86	Michels Albert: De Lausdoekel Hermes J.: D'Jonggesellesteier
<i>Miersch</i>	Jaddermunnes org. Eltererverenegung	16.3.86	Schuster Jhemp: Zauberlandonika / De Bop bleift elo hei
<i>Munnerech</i>	Guiden a Scouten	22.2.86	Steichen Jeanne: Skandal am Weekendhaischen Wann een et guut mengt Mir bauen en Automat Déi duerchdrüwen Niecen
<i>Munzen</i>	Kiischpelter Klautercher org. Amicale Drauffelt	14.12.85 18.1.86	Gnat/Jacobs: Endlech emol am Fernseh Féckmillchen
<i>Murfort</i>	Fanfare Murfort-Medingen	4.1.86	Hermes J.: D'Jonggesellesteier
<i>Näerden</i>	Pompjeen Chorale Ste-Cecile	4, 5.1.86 1, 2.2.86	Devaquet E.: En drolechen Applikter Weber Barry: En Teschtement Gind Pier: Null vun Null geet op
<i>Nidderfelen</i>	org. Pompjeen	11.1.86	Gefléckten Téischen
<i>Nidderwampich</i>	Jeunesse Nidderwampich- Schémpech	21.12.85	Gefléckten Téischen
<i>Nojhem (Nagem)</i>	D'Jugend	22, 23.2.86	Clees Robert: Tata Liss vu Vallauris
<i>Nouspelt</i>	Gesank	25, 28, 29.12.85	Hermes J.: D'Jonggesellesteier
<i>Ospen</i>	Dëschrennis	21, 22.12.85	Devaquet E.: De Klatzkapp
<i>Oswiler</i>	Club des Jeunes	22, 23.2.86	En as geluaden De muadebëtzig Freier
<i>Pärel</i>	Musik	1, 2, 15.2.86	Devaquet E.: De siwente Bouf
<i>Péiteng</i>	Jaddermunnes Kathoulesch Vräiner JEC	15.12.85 1, 2.2.86 15.2.86	Schuster Jhemp: Zauberlandonika / De Bop bleift elo hei Hoffmann J.P.: De Knéckjhang Camoletti Marc: Boeing Boeing
<i>Préitzerdal</i>	Chorale Ste-Cecile	18, 19.1.86	Siggi: Den Jär Professor as presséiert Reuland Marcel: Gudd Nopereen
<i>Réiden-Atert</i>	Chorale Ste-Cecile Fanfare Ste-Cecile	11.86 16, 22.3.86	Braun Josy: Requiem fir e Lompckréimer Christen Josy: De Koepchesbaacher Mates
<i>Réimech</i>	Amicale Remichoise		D'Sélwer Hoerspéngel
<i>Reisdurf</i>	Theaterfrënn Bigelbaach Fanfare	9, 10.11.85 4.1.86	Clees Robert: Tata Liss vu Vallauris Eng gelunge Firma
<i>Reiser</i>	Chorale Ste-Cecile Thalia & Co	29.12.85 23.3.86	Christen Josy: Déi 3 krank Hinnercher Thalia & Co: Fraleitsgeschichten
<i>Rémeleng</i>	Chorale St-Pie X	25.10.85	Kästner Erich: Den aarme Millionär (3 Männer im Schnee)
<i>Rolléngergronn</i>	Theaterfrënn Mansfeldia Clausen, Org. Turncinnen Blue-Boys Millebaach	15.3.86	Déi falsch Kaz
<i>Sandweiler</i>	Musik	28.12.85	Devaquet E.: En drolechen Applikter
<i>Scheffleng</i>	Gesank JOC	18, 19, 25.1.86 4.1.86	Vitus/Devaquet: Déi 3 Aisbieren Theato Josy: Eng Hand wäscht di aner
<i>Schieren</i>	D'Jugend	12, 18, 19.1.86	Devaquet E.: Déi 5 Hiesercher

<i>Schlénnermanesch</i>	Club des Jeunes	26.186	Clees Robert: 50 Kilo wäiss Fuerf
<i>Schweeberdaul</i>	Musek	8, 9.2.86	Clees Robert: Gudd Nuecht, Har Buchholz
<i>Steesel</i>	Musek	2.286	Dahn Metty: De Buergermeeschter als Hellechmoecher Fohrmann J.: De Jim an de Bim
<i>Stroossen</i>	Jeunesse chrétienne Chorale Ste-Cécile	19.10.85 11.186	E Belscht verléift, an Happy-End? Christen Josy: Palting, Box an Hiem
<i>Suessem</i>	Club des Jeunes Scouten	12, 13.10.85 11, 18.186	Christen Josy: D'Famill Fripfen Roeder/Sinda: Dem Prënz Muttwëll séng Rees an d'Mäercheland
<i>Surré (Sir)</i>	org. Pompijen + Club d. Jeunes	29.12.85	Christen Josy: De Koffer / Déi aner Halschent
<i>Tarchamps (Ischpelt)</i>	Club des Jeunes	15, 22, 23.2.86	Clees Robert: Ech laache mech futti
<i>Téinten</i>	Evergreens	4.186	Dieschbourg J.P.: Eng Hellecht op der Musel
<i>Téiteng</i>	Jeunes en marche	11.186	Dr Faust / De Klatzkapp
<i>Ténten</i>	Theaterfrënn	1, 2.2.86	Kontz Fons: De Säitesprong
<i>Tratten</i>	Chorale	25.186	E Kouhandel / D'Famill Fripfen
<i>Ueschdrëf</i>	Déi Ueschdrëffer a Bilschdrëffer	15, 16.3.86	Christen Josy: 50 Kilo wäiss Fuerf
<i>Vüchten</i>	Gaart an Heem	25.12.85	Wann déi al Schier brennen En drolegt Bestiednes op der Märzi
<i>Wahl</i>	Club Doheem	8, 9.3.86	Christen Josy: Déi 3 krank Hinnercher
<i>Wäiswampich</i>	Éislécker Theaterfrënn org. SI	25.186	Gnaat/Jacobs: Endlech emol am Fernseh
<i>Waldbëlleg</i>	Chorale	1, 2, 9.3.86	Clees Robert: Tata Liss vu Vallauris
<i>Walfer</i>		17.186	Gnaat/Jacobs: Endlech emol am Fernseh
<i>Weller (Pëtscht)</i>	Concordia Ierpeldéng org. I.C.G.B Mierschent	18.186	Gefléckten Téitschen
<i>Wëlherwolz</i>	Kiischpelter Klautercher org. L.C.G.B Pënsch	21, 25.12.86	Féckmillchen
<i>Wëntger</i>	Wëntger Theaterfrënn	9, 10.11.85	Christen Josy: Déi 3 krank Hinnercher
<i>Wolwen (Wolwelange)</i>	Pompijen	22, 23.2.86	De Bopi op Freiersféiss
<i>Wolz</i>	org. Amiperas	2.3.86	Weimerskich René: Den Horrbock
<i>Wuermeldéng</i>	Club des Jeunes Guiden a Scouten	11, 12.1.86 22, 23.2.86	Regenwetter H.: De Bopi gët verkaaft Christen Josy: D'Wichelmännercher / De Schraufstäck
<i>Zolwer</i>	Scouten a Guiden	1.3.86	Weimerskich René: Den Horrbock



Actioun Lëtzebuergesch, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg, Tél. 470612
 (Äntwertapparat!)
 Bredewee 21, (rue Large), L-1917 Lëtzebuerg
 Postcheck 6644-48 – Kont Spuerkeess, Lëtzebuerg 1000/7250/4 –
 Kont Interbank 4-100/9748

Verlag: AI., 21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg
 Druck: Kremer-Müller & Cie, L-3895 Féiz, Tél. 55 79 79

Kannerbicher a Lëtzebuerger Sprooch

Bei RTL-Edition:

Pir *Kremer*: Kanner feiere frou l'ester.
Flott Gedichter fir all Gelegenheiten 450 F

Bei den Editions PHI / Iechternach:

Guy *Revenig*: Hannert dem Atlantik.
Deen éischte Roman a Lëtzebuerger
Sprooch, deen och scho grouss Kanner
liese kënnen 760 F

An der St. Paulus-Dréckerei:

Nicolas *Bach* – Wilhelm *Busch*:
De Fridchen an de Bestgen oder
Max a Moritz op Lëtzebuergesch 280 F

Marcel *Ditsch*: Renert I 410 F
Renert III 380 F
Renert IV 380 F
Faarweg illustréiert Bicher
fir méi grouss Kanner

René *Kartheiser* – Marcel *Weyland*:
De Fraassi an de Froossi 420 F

René *Kartheiser*: D'Butzebuch.
E Buch mat klengé Geschichten a
Gedichter 525 F

Hary *Turpel*: Witzebuch II
500 Witzen an Anekdoten 350 F
Witzebuch III
300 Witzen an Anekdoten 280 F

Emile *Borschette*: Dem Mulles sénger
Schnoken an illustréiert Spréchwierder
a Riedensaarten 320 F

Maurice *Carême* – Jean-Michel *Klopp*:
Gedichter fir e klengé Pränz 170 F

Henri *Hanlet*: Déieregeriicht 329 F

Kommt, Kënncher, kommt!
Geschichte fir d'Lëtzebuerger
Kommionskanner 48 F

Pél *Schlechter*:
De lëtzebuerger Struwelpéiter 200 F

Bei den Editions Kriippler-Muller:

Wilhelm *Weis*:
De Bip an de Klautje vun Itzeg 400 F

Bei der Erwuessenebildung

(Centre Chrétien d'Education des Adultes)
5, avenue Marie-Thérèse, 2132 Lëtzebuerg:

Wéi sin ech op d'Welt komm?
Äntwerten op de klengé Kanner
hir Froen 60 F

»Tauschter emol«
E Billerbuch fir dran ze kucken, ze molen,
ze sangen, ze bidden (mat engem Disk) 325 F

1, 2, 3 ... Lass!
E Liddler- a Molbuch fir déi Kleng 250 F
(Dobäi gët et och eng Cassette)

»Hei sin ech, wou bas du ... ?«
E Gebietbuch fir Kanner an hir Elteren 180 F

Metti Spaghetti
E Buch fir an de Kanneratelier 420 F
(Dobäi gët et och eng Cassette)

Bei der »Actioun Lëtzebuergesch«:

Vu Wëllef, Afen, Quetschen a Kanner
15 spannend Geschichte fir grouss

a kleng Kanner 300 F
(fir Schoulen a Gemengen): 200 F

Edith *Roeder* / Robert *Sinda*:
Dem Pränz Muttwëll séng Rees an
d'Mäercheland.


E Mäerchespill mat Musek 300 F
(fir Schoulen a Gemengen): 200 F

René *Kartheiser*: Rick. Extraserie Nr. 1 35 F
(fir Schoulen a Gemengen): 20 F

Heng *Rinnen*:
... Ueter d'Jor. Extraserie Nr. 2 50 F
(fir Schoulen a Gemengen): 35 F

Pol *Greisch*:
Grouss Vakanz. Extraserie Nr. 4 80 F
(fir Schoulen a Gemengen): 55 F

Bicher vun der Actioun Lëtzebuergesch



Vu Wëllef, Afen, Quetschen a Kanner
D'Geschichten, déi am Kongkur fir
Kuurgeschichte fir Kanner vun 10 bis
14 Jor präméiert si gin. 250 Frang.

Kuurg Geschichten. D'Geschichten, déi
am Kongkur vun der Jury 1985/86
präméiert si gin. (D'Membren hun dëst
Buch och fir näischt geschéckt kritt.)

**Dem Pränz Muttwëll séng Rees an
d'Mäercheland** vum Edith Roeder,
Musek Louis Beicht. An d'Lëtzebuergesch
iwwerdroe vum Robert Siuda. Theater-
stéck mat der Musek: 250 Frang.
(D'Membre kruten et gratis geschéckt.)

